Sproochlech Bildung
am éischte Cycle

Deel 3:
Sprooch a Sproochen am éischte Cycle

Impressum

Déi konkret Beispiller an dësem Recueil ginn typesch Situatiounen aus dem Schoulalldag erëm a versichen, wichteg Aspekter aus deene verschiddene Kapitele méi gräifbar ze maachen. Si sinn aus deene villfältegen Erfarunge vun de Membere vum Aarbechtsgrupp an aus dem Austausch iwwert dës Erfarungen eraus entstan.

© Ministère fir Educatioun, Kanner a Jugend

ISBN: 978-99959-1-237-6

Koordinatioun: Ministère fir Educatioun, Kanner a Jugend,
Service de l'Enseignement fondamental

Mise en page : Ministère fir Educatioun, Kanner a Jugend
Lëtzebuerg, 2018

www.enseignement-fondamental.lu

Sproochlech Bildung
am éischte Cycle

Deel 3:

Sprooch a Sproochen am éischte Cycle

LE GOUVERNEMENT
DU GRAND-DUCHÉ DE LUXEMBOURG
Ministère de l'Éducation nationale,
de l'Enfance et de la Jeunesse

Inhaltsverzeechnes

Kapitel 4:
Sproochlech Bildung am éischte Cycle: De Kontext

4.1 D'Sproochen an der Lëtzebuerger Grondschoul 6
4.2 D'Sproochen am éischte Cycle 8
4.3 D'Sprooche (*langage*) hannert de Sproochen (*langues*) 19
4.4 Déi däitsch Sprooch am éischte Cycle 33
4.5 Eruféierung un déi geschriwwe Sprooch am éischte Cycle 35
4.6 Sproochlech Bildung versus sproochlech Förderung 38
4.7 Referenzen 40

Kapitel 5:
Sproochlech Bildung am éischte Cycle: Grondleeënd Prinzipien

5.1 Ressourcenorientéiert: Op deem opbauen, wat d'Kanner matbréngen 45
5.2 Bedierfnesorientéiert: Vun deem ausgoen, wat d'Kanner brauchen 47
5.3 Sproochiwwergräifend: All Sprooch an all Form vum Sproochgebrauch abezéien ... 50
5.4 Kontinuéierlech a kohärent: All Liewensberäich an all Akteur abezéien 52
5.5 Ganzheetlech orientéiert: D'Sprooch als en Deel vum Ganze gesinn 56
5.6 Kontextualiséiert: D'Sprooch opgräifen, déi sech aus dem Kontext ergëtt 58
5.7 Interaktiv: Kommunikatiounsméiglechkeete schafen 60
5.8 Prozessorientéiert: De Léierwee an de Bléck huelen 61
5.9 Referenzen 64

Kapitel 6:
Sproochlech Bildung am éischte Cycle: Verschidde Sprooch-Momenter

6.1 Flexibilitéit 69
6.2 Verschidde Sproochmomenter am éischte Cycle 74
6.3 Wäertschätzen an Abezéie vun den Éischtsproochen 103
6.4 Referenzen 105

Kapitel 7:
Sproochlech Bildung am éischte Cycle: Sproochverhale vu Kanner an Erwuessenen

7.1 E quantitativ a qualitativ héichwäwertege sproochlechen Input 112
7.2 Ganzheetlech Strukturen (*chunks*) 128
7.3 Brécken tëschent de Sprooche bauen 130
7.4 Referenzen 139



Kapitel 4

Sproochlech Bildung am éischte Cycle: De Kontext

Iwwerdeems am zweeten Deel vum Recueil de Fokus op der Méisproochegkeet an der sproochlecher Entwécklung vum Kand läit, geet et am drëtten Deel elo ëm déi praktesch Ëmsetzung am éischte Cycle. Domat enk verbonnen ass d'Fro, wéi dëst Ëmfeld muss beschafe sinn, fir datt e Kand a senger sproochlecher Entwécklung weiderkënnt. Dat véiert Kapitel beschreift de sproochleche Kontext vum éischte Cycle: déi verschidde Sproochen, déi an der Lëtzebuerger Grondschoul an am éischte Cycle vu Bedeitung sinn (Lëtzebuergesch, Franséisch, Däitsch grad eméi d'Éischtsprooche vun de Kanner an den Erwuessenen), an, domat verbonnen, d'Zilsetzunge vu sproochlecher Bildung am éischte Cycle. Och d'Plaz vun der däitscher Sprooch am éischte Cycle gëtt ugeschwat. Wéi schonn am zweeten Deel geet et och hei net nëmmen ëm d'Sproochen (*langues*) u sech, mä och ëm d'Aart a Weis, wéi dës Sproochen am Schoulkontext gebraucht ginn, an ëm d'Ufuerderungen, déi d'Sprooch vun der Schoul (*langage*) an deen domat verbonnene Sproochgebrauch un d'Héierverständnis an d'Schwätze vun de Kanner stellen (Stéchwuert *Bildungssprooch*). Zum Schluss vum Kapitel ginn zwee zentral Begréffer erkläert a vuneneen ofgegrenzt: *sproochlech Bildung a sproochlech Förderung*.

4.1 D'Sproochen an der Lëtzebuerger Grondschoul

Lëtzebuerg huet e méisproochege Schoulsystem, deen an der Grondschoul op de Sprooche Lëtzebuergesch, Franséisch an Däitsch opbaut. Niewent dem Engleschen, dat als véiert Schoulsprooch am Secondaire dobäikënnt, sti jee no Sektioun weider Sproochen zur Wiel (ënnert anerem Latäin, Spuenesch, Italienesch, Chinesesch).

Lëtzebuergesch ass déi éischt Schoulsprooch an d'Unterrechtssprooch (dat heescht d'Sprooch, an där iwwert dat, wat geléiert gëtt, geschwat gëtt) am éischte Cycle vun der Grondschoul. Si ass dat gemeinsamt Verstännegungsmëttel fir Kanner, déi doheem mat ville verschiddene Sproochen opwuessen – an der Schoul an och iwwert de Schoulkontext eraus. Vum zweete Cycle u kritt déi lëtzebuergesch Sprooch en eegent Fach.

Niewent dem Lëtzebuergeschen huet déi franséisch Sprooch hir Plaz am éischte Cycle – iwwert déi dräi Joer vum éischten an déi zwee Joer vum zweete Cycle hunn d'Kanner Zäit, fir mëndlech Kompetenzen (Schwätzen an Héierverstoen) z'entwéckelen, ier d'Franséischt vum drëtte Cycle u verschrëftlecht gëtt.

Déi däitsch Sprooch huet gläich e puer Funktiounen am lëtzebuergesche Schoulkontext: Si ass d'Sprooch vum Schrëftsproocherwerb am zweete Cycle, Schoulsprooch an Unterrechtssprooch ënnert anerem an der Mathematik esou wéi an de Sciencen. Deemno ass si net nëmme selwer Léiergéigestand („*language as subject*“, cf. COE 2009), mä gëtt och zum Medium, iwwert dat Inhalter an anere Fächer vermëttelt ginn („*language in the subject*“, cf. COE 2015).

Bei d'Sprooche vun der Schoul komme weider Éischtsprooche vun de Kanner, den Enseignanten/Enseignanteën an den Educateuren/Educatricen dobäi.

D'Méisproochegkeet vum Schoulsystem charakteriséiert sech awer net nëmmen duerch d'Sproochen, déi d'Kanner an d'Jugendlecher iwwert d'Joren an der Grondschoul an am Secondaire léieren. An der Grondschoul präägt de Wiessel vun der Unterrechtssprooch am Laf vun der Schoulzäit de Sproochgebrauch am schoulesche Kontext: Un d'Plaz vum Lëtzebuergeschen

trëtt déi däitsch Sprooch am Ufank vum zweete Cycle a bleift déi Haaptunterrechtssprooch wärend der Grondschoulzäit. Am Secondaire trëtt déi franséisch Sprooch niewent déi Däitsch als Unterrechtssprooch.[1]

No dësem éischten allgemengen Iwwerbléck iwwert déi verschidde Sproochen am Schoulsystem réckt elo den éischte Cycle an de Bléckpunkt.

[1] Fir där heterogener Schülerpopulatioun beschtméiglech gerecht ze ginn, gëtt déi schoulesch Offer ëmmer méi diversifizéiert. Niewent den europäeschen an den internationale Schoulen, dem engleschen an dem däitsch-lëtzebuergeschen Unterrecht gëtt och d'Offer an de Lycéeë vum *Enseignement secondaire général* a vum *Enseignement secondaire classique* ëmmer méi ausdifferenzéiert (ënnert anerem *cours de base* a *cours avancés* am Däitschen a Franséische grad eréi eng erweidert Offer mat Franséisch als *langue véhiculaire* fir eng Rëtsch vu Sektioune vum ESG).

4.2 D'Sproochen am éischte Cycle

D'Liv, de Matteo, de Saad, de Bryan an d'Anaïs spillen an der Paus zesumme Fänkes: Si lafen, sprangen, jäizen, schwätze mat Hänn, mat Féiss – a mat Wierder: *„Pass op! Saad arrive!"*; *„De Bryan ass hannert dech!"*; *„No! Nee!"*; *„Vite, vite, séier! Laaaaaf!"*; *„Non, net do!"*; *„Juppiiii, net kritt!!!"*

D'Anaïs wiisst doheem eesproocheg op: Béid Eltere schwätze Lëtzebuergesch an e groussen Deel vun der Zäit verbréngt hatt mat der Mamm, déi hallefdaags schafft. De Rescht vun der Zäit ass hatt bei de lëtzebuergeschsproochege Grousselteren. An der Schoul kënnt fir d'Anaïs d'Franséischt als nei Sprooch dobäi. De Matteo wiisst doheem méisproocheg op: Seng Mamm schwätzt mat him Spuenesch an hire Liewenspartner Ungaresch, ënnerteneen ënnerhale si sech op Franséisch; mat der Dagesmamm a mat sengem Papp schwätzt de Matteo och Franséisch. Wéi de Saad nach a Syrie gelieft huet, war seng Sprooch d'Arabescht. Säit d'Famill hiert Heemechtsland hannert sech gelooss huet, fir an Europa en Neiufank ze maachen, schwätzen d'Eltere mat hire Kanner Englesch, wat fir si bis dohin éischter eng Friemsprooch war. D'Liv schwätzt mat der Mamm a mam Papp Lëtzebuergesch; an der Crèche huet hatt reegelméisseg Kontakt mat där franséischer Sprooch gehat. Dem Bryan seng Mamm ass zu Lëtzebuerg gebuer. Hir Éischtsprooch ass Italienesch, awer si schwätzt fléissend Lëtzebuergesch. Mat hirem Jong, dee si eleng grousszitt, schwätzt si nëmme Lëtzebuergesch. Well de Bryan awer vill Zäit beim italieneschsproochegen Nonno verbréngt, kënnt hien och reegelméisseg mat dëser Sprooch a Kontakt.

Situatioune wéi dës gëtt et der zeg an de Klasse vum éischte Cycle. Si weisen, wéi ënnerschiddlech d'Liewens- an d'Sproocherfarunge vun dräi- bis sechsjärege Kanner kënne sinn, ier si an d'Schoul kommen. Jiddereent vun de Kanner an deem klenge Grupp huet eng aner sproochlech Realitéit, déi gepräägt ass vun deene sëllegen Erfarungen, déi hatt a verschiddene Situatiounen a mat verschiddene Mënsche gemaach huet a mécht: verschidde Familljekonstellatiounen a Liewensëmstänn; ënnerschiddlech Kulturen an Traditiounen an, domat verbonnen, Wäerter, Iwwerzeegungen, Haltungen a Siichtweisen; verschidde Sproochen, déi a verschiddene Kontexter a mat verschiddene Persounen ënnerschiddlech gebraucht ginn an am Laf vum Liewe kënne verschwannen, ersat ginn, erëmkommen.

4.2.1 Op dem Wee an d'Méisproochegkeet …

De Matteo, d'Liv, de Bryan, d'Anaïs an de Saad si méisproocheg respektiv si sinn op dem beschte Wee, fir méisproocheg ze ginn: D'Liv wiisst doheem eesproocheg lëtzebuergesch op a ganz fréi huet hatt eng weider Sprooch am non-formale Bildungskontext kennegeléiert. De Matteo ass a sengem ausserschouleschen Ëmfeld reegelméisseg mat dräi Sproochen a Kontakt an de Bryan wiisst mat zwou Sproochen op. Bei béide Jonge ginn d'Sprooche persounen- a situatiounsgebonnen agesat (cf. 2.2.3, S. 16). D'Anaïs léiert am éischte Cycle eng zweet Sprooch, d'Franséischt, kennen. De Saad ass noenee mat zwou Sproochen a Kontakt komm (cf. 3.4, S. 57), woubäi déi zweet Sprooch, d'Englescht, net niewent, mä un d'Plaz vun där éischter Sprooch, dem Arabeschen, getrueden ass.

Déi amerikanesch Sproochwëssenschaftlerin Ofelia García gebraucht fir Kanner wéi d'Anaïs an d'Liv, dat heescht fir Kanner, déi doheem mat enger Sprooch opwuessen an déi an der Schoul eng zweet Sprooch léieren, de Begréff „*emergent bilinguals*" (cf. García/Kleifgen 2010). Am Lëtzebuerger Kontext kann een, mat Bléck op dës Definitioun, esouguer vun „*emergent plurilinguals*" schwätzen: Kanner wéi de Saad oder de Bryan si mat dräi Sproochen a Kontakt, Kanner wéi de Matteo esouguer mat véier. „*Emergent*" heescht a béide Fäll esouvill wéi „am Gaang sinn ze ginn". Am Lëtzebuerger Schoulkontext ass all Kand vun engem bestëmmte Moment un am Gaang, méisproocheg ze ginn – déi eng éischter, déi aner e bësse méi spéit.

- Ronn een Drëttel vun de Kanner wuessen doheem mat méi wéi enger Sprooch op (cf. MENJE 2017, S. 31); si sinn deemno schonn op hirem Wee an d'Méisproochegkeet, ier si an den éischte Cycle kommen.
- Awer och déi lëtzebuergeschsproocheg Kanner, wéi d'Anaïs, déi doheem eesproocheg opwuessen, sinn duerch hire Kontakt mat anere méisproochege Kanner grad ewéi duerch d'Eruféierung un déi franséisch Sprooch spéitstens am éischte Cycle op dem Wee an d'Méisproochegkeet. An deenen nächste Jore wäerten, duerch déi fréi méisproocheg Bildungsoffer an de Crèchen an am éischte Cycle, no un honnert Prozent vun de Kanner an der Lëtzebuerger Schoul méisproocheg sinn oder ginn.
- Fir d'Majoritéit vun de Kanner, onofhängeg dovun, ob si een- oder méisproocheg opwuessen, ass Lëtzebuergesch net hir Éischtsprooch. Si léieren domat spéitstens am éischte Cycle op d'mannst eng weider nei Sprooch kennen.

- Fir déi Kanner, déi weder Lëtzebuergesch nach Franséisch doheem schwätzen, kommen zwou nei Sproochen dobäi.[2]
- Ganz allgemeng gesinn ass et am Lëtzebuerger Kontext, deen esou staark duerch en Niewenteneen, Mateneen an Anenee vu Sproochen am Alldag charakteriséiert ass, schwéier méiglech, mat nëmmen enger Sprooch a Kontakt ze kommen an dat och schonn an engem ganz jonken Alter.

Fréi Méisproochegkeet bréngt eng ganz Rëtsch Virdeeler mat sech (cf. 2.2.5, S. 23). Wichteg ass et, datt de Kader, an deem d'Kanner Sprooche léieren, stëmmt. D'„Geléngensbedéngunge" fir d'Sproocheléieren am méisproochegen éischte Cycle an déi pädagogesch-didaktesch Konsequenzen, déi sech doraus ofleeden, huelen dofir eng wichteg Plaz an dësem Recueil an. Si ginn am fënneften, sechsten a siwente Kapitel am Detail virgestallt. Op deenen nächste Säite gëtt awer elo fir d'éischt de Kader fir d'Sproocheléieren am éischte Cycle gesat (Lëtzebuergesch, Franséisch, Éischtsprooche vun de Kanner, mëndlech a schréftlech Sproochaspekter), ier dëse mat Liewe gefëllt gëtt.

4.2.2 Déi lëtzebuergesch Sprooch

D'Sprooch vun der Kommunikatioun am éischte Cycle

D'Lëtzebuergescht ass gläichzäiteg déi éischt Schoulsprooch vun der Lëtzebuerger Grondschoul, d'Haaptschoulsprooch an d'Unterrechtssprooch am éischte Cycle. Si ass déi gemeinsam Sprooch an engem Kontext, deen duerch eng ëmmer méi grouss sproochlech Diversitéit gepräägt ass.[3] Wann d'Kanner sech ënnerteneen iwwert e bestëmmtent Thema ënnerhalen, Iddien austauschen a Froe stellen, wa si en Atelier, eng Aktivitéit oder e Projet zesumme plangen, dat, wat si maachen, beschreiwen, d'Léisungsweeër an d'Resultater virstellen, ass et wichteg, eng gemeinsam Sprooch ze hunn, déi vu méiglechst ville Kanner verstanen a geschwat gëtt, an dat onofhängeg dovun, mat wéi enger Sprooch oder wéi enge Sprooche si doheem opwuessen.

[2] Am Schouljoer 2015/16 hu ronn 36 % vun de Kanner aus dem Cycle 1 (1.1 an 1.2) doheem Lëtzebuergesch als Éischtsprooch geschwat a 15% Franséisch (cf. MENJE 2017).

[3] Wéi ënnert 4.2.1 ugeschwat, wiisst eng Majoritéit vun de Kanner doheem mat enger oder méi anere Sprooche wéi Lëtzebuergesch op; d'Lëtzebuergescht ass deemno déi zweet oder esouguer déi drëtt oder véiert Sprooch, mat där dës Kanner a Kontakt kommen.

Iwwert déi lëtzebuergesch bei déi däitsch Sprooch

Zënter Jore schreiwen Experten der lëtzebuergescher Sprooch eng wichteg Funktioun beim Schrëftsproocherwerb an der däitscher Sprooch zou. Opgrond vun deene ville sproochstrukturelle Gemeinsamkeeten tëschent dem Lëtzebuergeschen an dem Däitschen, ënnert anerem op dem Niveau vum Wuertschaz, der Phonologie, der Morphologie an deene germanesch gepräägten Aspekter vum Sazbau (cf. 3.2.6, S. 48), schéngt et nozeleien, datt eng zolidd Basis am Lëtzebuergeschen d'Eraklammen an déi däitsch Sprooch am Ufank vum zweete Cycle vereinfacht. Beispillsweis weist d'PIRLS-Etüd vun 2006, datt méisproocheg Schüler a Schülerinnen dann iwwert den nationalen an internationale Mëttelwäerter an de Lieskompetenze leien, wa si Lëtzebuergesch verstinn oder schwätzen. Dës Erkenntnis kënnt als erklärende Facteur bei d'*Bildungsnähe* an de sozioökonomesche Status vum Elterenhaus dobäi (cf. Berg et al. 2007).[4]

D'Entwécklung vu mëndleche Kompetenzen am Lëtzebuergeschen ass deemno eng vun de Prioritéiten an deenen éischten dräi Joer vun der Grondschoul. De *Plan d'études* (cf. MENFP 2011) definéiert eng Rëtsch vu Kompetenzen a véier verschiddene Kompetenzberäicher (*compréhension de l'oral, production orale, premiers pas vers la compréhension de l'écrit, premiers pas vers la production écrite*), déi iwwert déi Joren, déi d'Kand am éischte Cycle ass, entwéckelt ginn. Mat Hëllef vu Beispiller (exemples de performance) gëtt beschriwwen, wéi déi verschidde Kompetenzen, déi wärend der gesamter Grondschoulzäit déi selwecht bleiwen, am éischte Cycle ausgesinn (ibid., S. 60-65). De *Plan d'études* beschreift doriwwer eraus, a Form vum *socle de compétences*, wéi wäit déi mëndlech Kompetenzen entwéckelt solle sinn, fir datt e Kand ouni gréisser Schwieregkeeten an den zweete Cycle ka wiesselen (ibid., S. 4-9).

[4] Schonn 1993 sinn d'Marie-Paule Maurer-Hetto, de Marcel Bamberg an de Lucien Kerger an hirer Etüd am deemolege Prescolaire – „Die Luxemburgischkenntnisse portugiesischer Kinder im schulischen Kontext. Eine explorative Untersuchung in der Vorschule und im ersten Schuljahr" – zu enger ähnlecher Konklusioun komm: „Spéider an der Schoul sinn de Kanner hir Chancë fir an onsem System mat virunzekommen staark verbessert, wann se gutt integréiert sinn a mat der lëtzebuergescher Sprooch eens ginn. Et soll een net vergiessen, datt Däitsch déi Sprooch ass, an där d'Kanner liesen a schreiwe léieren. D'Kenntnis vum Lëtzebuergeschen erliichtert ouni Zweifel d'Léiere vum Däitschen, well et jo vill Ähnlechkeete gëtt." (Maurer-Hetto/Bamberg/Kerger 1993 zitéiert a MENFP 2008, S.16)

4.2.3 Déi franséisch Sprooch

Firwat Franséisch am éischte Cycle?

Vum Schouljoer 2017/2018 u kënnt mam Franséischen eng weider Schoulsprooch am éischte Cycle dobäi. Eng Fro, déi an dësem Zesummenhank heefeg gestallt gëtt, ass déi nom „Firwat“: Firwat ass de Choix op déi franséisch Sprooch gefall? Firwat net op d'Däitscht als Sprooch vun der Alphabetiséierung? Oder op d'Englescht, als international Kommunikatiounssprooch? Fir dëse bildungspolitesche Choix gëtt et eng ganz Rëtsch Grënn.

Déi franséisch Sprooch ass niewent dem Lëtzebuergeschen an dem Däitschen eng vun deenen dräi offizielle Sproochen a gehéiert fir vill Kanner zu Lëtzebuerg zu hirer Liewensrealitéit: Si begéinen hir méi oder manner reegelméisseg an intensiv doheem, an der Crèche, op der Spillplaz, am Sportsveräin, beim Akafen, am Restaurant, beim Zänndokter asw. Och wa si d'Sprooch net schwätzen, ass d'Franséischt dach lautlech präsent. Am edukative Secteur ass déi franséisch Sprooch, opgrond vun dem ville franséischsproochege Personal, staark vertrueden. Doniewent gëtt Franséisch och an e sëllege Stéit geschwat: Laut den Donnéeë vum Educatiounsministère war dat an deene leschte Schouljore fir ëm déi 15% vun de Kanner am éischte Cycle de Fall (cf. MENJE 2015, 2016, 2017). Eng ganz Rëtsch vu Kanner kommen deemno mat méi oder manner Kenntnisser am Franséischen an d'Schoul, jee nodeem wéi intensiv de Kontakt mat dëser Sprooch war. An e sëllege Klassen uechtert d'Land ass d'Franséischt, opgrond vun där grousser Zuel vu Kanner, déi dës Sprooch schwätzen an/oder verstinn, virun allem am Ufank vum Schouljoer d'gemeinsam Kommunikatiounssprooch an d'Kanner klammen iwwert d'Franséischt an d'Lëtzebuergescht eran. Duerch d'Aféierung vun enger méisproocheger Bildungsoffer fir all Kanner vun engem Joer u wäert déi franséisch Sprooch an Zukunft – niewent dem Lëtzebuergeschen – nach méi wéi bis elo eng Realitéit a ville Klasse vum éischte Cycle ginn.

E fréie spillereschen Zougank zur franséischer Sprooch

Niewent deene Kanner, déi reegelméisseg mat der franséischer Sprooch a Kontakt sinn, gëtt et awer och Kanner, fir déi d'Franséischt eng nei Sprooch ass. Mat Hëllef vun enger flexibeler didaktescher Approche gëtt deene verschiddene Realitéiten an Erfarunge Rechnung gedroen. Duerch e reegelméissege Kontakt mat dem Franséischen am éischte Cycle, iwwert zwou bis dräi Aktivitéite

pro Woch, kréien déi eng Kanner d'Méiglechkeet, éischt Kontakter mat dëser Sprooch ze knëppen, wärend déi aner hiert Franséischt kënnen notzen, amplaz et iwwert Joren am schoulesche Kontext broochleien ze loossen. Déi Kanner, déi doheem eesproocheg opwuessen – dëst gëllt beispillsweis fir vill lëtzebuergeschsproocheg Kanner –, profitéieren an der Reegel vun där fréier Eruféierung un eng weider Sprooch (cf. 2.2.5, S. 23).

Déi offiziell Bezeechnung, „*initiation à la langue française*", dréit dësen Iwwerleeunge Rechnung.[5] Wéi d'Bezeechnung et suggeréiert, geet et hei an éischter Linn ëm eng Eruféierung un déi mëndlech franséisch Sprooch; ëm eng spilleresch an ongezwongen Aart a Weis, sech an dës Sprooch „eranzelauschteren", einfach Texter (wéi Geschichten, Lidder, Gedichter, Sproochspiller, kuerz Messagen asw.) ze verstoen an d'Sprooch selwer ze gebrauchen. Dat geet vun éischte Wierder a kuerze Sätz bis hin zu méi laangen Textproduktiounen an hänkt, wéi uewe gesot, vun de Kanner an hire sproochleche Kompetenzen of.

Dee fréie spillereschen Zougank soll de Kanner hëllefen, en entspaanten an ongezwongenen Ëmgank mat där Sprooch ze kréien, mat där sech vill Schüler a Schülerinnen erwisenermoosse schwéierdinn.[6] Eng Erklärung heifir läit an der Aart a Weis, wéi d'Franséischt bis elo geléiert ginn ass: Vun Ufank u läit den Accent op der formaler Korrektheet vun der Sprooch. Well vill Wäert dorop geluecht gëtt, wéi eppes gesot a geschriwwe gëtt, riskéiert dat, wat gesot a geschriwwe gëtt, an den Hannergrond ze geroden. De Bezuch zu der Liewensrealitéit vun de Kanner geet hei heefeg verluer (cf. Magère/Emsein/Poty 1998). D'formalsproochlech Korrektheet vun der Sprooch wäert awer och an Zukunft hir Wichtegkeet behalen; wat ännert, sinn d'Approche an den Zäitpunkt vum éischte Kontakt mat der franséischer Sprooch.

[5] D'Gesetz vum 29. Juni 2017 gëtt der *initiation à la langue française* eng legal Basis a modifizéiert d'Gesetz vum 6. Februar 2009 iwwert d'Organisatioun vun der Grondschoul. Den Text kann iwwert http://legilux.public.lu/eli/etat/leg/loi/2017/06/29/a617/jo konsultéiert ginn.

[6] Ronn zwee Drëttel vun de Schüler a Schülerinnen op 5e a 9e, déi uginn, doheem Lëtzebuergesch, Däitsch oder eng slawesch Sprooch ze schwätzen, erreeche beim Liesverstoen an der franséischer Sprooch net déi festgeluechte minimal Kompetenzen (Martin/Ugen/Fischbach 2015). Fir déi romaneschsproocheg Schüler a Schülerinnen ass déi däitsch Sprooch en Aflossfacteur op hire Schoulparcours, fir déi lëtzebuergesch-, respektiv déi däitsch- a slaweschsproocheg SchülerInnen ass et grad ëmgedréint, d'Franséischt iwwerhëlt hei d'Selektiounsfunktioun (cf. Bertemes et al. 2013).

Franséisch a Lëtzebuergesch – zwou Sproochen, déi sech liicht vuneneen ënnerscheede loossen

E weidere Grond, fir d'Franséischt als zweet Schoulsprooch an der Lëtzebuerger Grondschoul anzeféieren, ass d'Aart a Weis, wéi jonk Kanner Sprooche léieren (cf. Kapitel 3). Well si Sprooche vill iwwert d'Nolauschtere léieren, ass et wichteg, datt si déi Sproochen, déi an hirem Ëmfeld vill gebraucht ginn, lautlech méiglechst kloer vuneneen ënnerscheede kënnen. D'Trennung tëschent de Sproochen ass ëmsou méi einfach, wat d'Sprooche sech méi däitlech vuneneen ënnerscheeden (cf. Tracy 2008, S. 117). Lëtzebuergesch an Däitsch, béides germanesch Sproochen, gläiche sech ënnert anerem staark an de Beräicher vum Wuertschaz, vun der Phonologie, der Morphologie, dem Sazbau (cf. 3.2.6, S. 48). Dowéinst ass et fir e jonkt Kand, dat Sprooche méi intuitiv léiert wéi en eelert Kand, schwiereg, fir kloer tëschent Lëtzebuergesch an Däitsch z'ënnerscheeden. Déi franséisch Sprooch dogéint gehéiert zu enger anerer Sproochfamill, där vun de romanesche Sproochen. Tëschent Franséisch a Lëtzebuergesch ginn et däitlech Ënnerscheeder, beispillsweis wat d'Prosodie vun der Sprooch ugeet (d'Betounung, de Rhythmus, d'Melodie, d'Pausen, d'Tounhéicht asw.), mä och grouss sproochstrukturell Ënnerscheeder wéi beispillsweis beim Sazbau (cf. 3.2.6, S. 48). Wann de Kader, an deem d'Sprooch geléiert gëtt, stëmmt – ënnert anerem doduerch, datt déi zwou Sprooche kloer getrennt an net matenee vermëscht ginn – misst et fir e jonkt Kand méiglech sinn, fir dës zwou Sprooche vuneneen z'ënnerscheeden (cf. 2.2.3, S. 16).

Franséisch ass och d'Sprooch vun de Fachleit

All Enseignant/Enseignante an all Educateur/Educatrice am Lëtzebuerger Schoulsystem ass méisproocheg a bréngt gutt bis ganz gutt mëndlech a schréftsproochlech Kompetenzen an op d'mannst véier Sprooche mat. Franséisch gehéiert hei op alle Fall dobäi. Doriwwer eraus gëtt et eng ganz Rëtsch vu Fachleit, déi duerch hir Etüden am franséischsproochege Raum mëndlech Kompetenzen an authentesche kommunikative Kontexter entwéckelt hunn. Wat fir d'Kanner gëllt, trëfft och op d'Enseignanten/Enseignanteën an d'Educateuren/d'Educatricen zou: Si alleguer bréngen e sproochlecht Potential mat, op deen si am dagdeeglechen Ëmgank mat de Kanner kënnen zeréckgräifen.

Méi Zäit fir d'Léiere vum Franséischen

Déi éischt Kontakter mat der franséischer Sprooch halen net nom éischte Cycle op, mä fannen hir Weiderféierung am zweete Cycle, an dat vum éischte Joer vun dësem Cycle un. D'Entdeckungsb vun der franséischer Sprooch, d'*phase d'exploration*, ëmfaasst deemno déi zwee éischt Cyclë vun der Grondschoul – vum Precoce bis an dat zweet Joer vum zweete Cycle. Si schléisst un déi fréi méisproocheg Bildung an de Crèchen un, déi als *phase de familiarisation* bezeechent gëtt, dréit awer gläichzäiteg dem Ëmstand Rechnung, datt et och weiderhi wäert Kanner ginn, déi doheem opwuessen an déi am Schoulkontext déi éischte Kéier mat der franséischer Sprooch a Kontakt wäerte kommen.

Deemno kréien d'Kanner méi Zäit an hu manner Drock wéi bis elo, fir an déi mëndlech franséisch Sprooch eranzeklammen. Beispillsweis huet e Kand, dat an de Precoce geet, an der Reegel fënnef Joer Zäit, fir mëndlech Kompetenzen am Franséischen z'entwéckelen. Hei ass et wichteg ze betounen, datt fir den éischte Cycle am *Plan d'études* weder Kompetenzen nach e Kompetenzsockel fir déi franséisch Sprooch definéiert ginn. Et geet villméi ëm allgemeng Zilsetzungen, déi op méi eng systematesch Entwécklung vu Kompetenzen an de Beräicher „Héierverstoen" a „Schwätzen" am zweete Cycle virbereeden.

4.2.4 D'Éischtsprooche vun de Kanner

D'Éischtsprooche vun de Kanner – eng Basis fir d'Léiere vu weidere Sproochen

D'Wichtegkeet vun der Éischtsprooch/vun den Éischtsprooche fir d'Entwécklung vum Kand op ville Pläng (emotional, sozial, kognitiv asw.) ass haut onbestridden (cf. 2.2.1, S. 12). Géif e Kand seng Sprooch(e) virun der Schouldier loossen, géif hatt e Stéck vu sech selwer zeréckloossen, e Stéck vun deem, wat hatt als Mënsch ausmécht: Säi Wëssen iwwert d'Welt, seng Erfarungen, déi hatt an deenen éischten dräi bis véier Joer vu sengem Liewe gemaach huet, seng Gefiller, seng Intressien an Talenter. Dat alles kéint hatt, wann iwwerhaapt, nëmmen ageschränkt zum Ausdrock bréngen, wann him d'Sprooch géif „geholl" ginn, an där hatt geléiert huet, Wierder fir dat ze fannen, wat hatt denkt, wëllt a mécht, wat hatt gesäit, héiert, richt, schmaacht a fillt. Laang ass dëser Tatsaach wéineg Rechnung gedroe ginn. Och wa Sproochwëssenschaftler wéi de Kanadier Jim Cummins, d'Amerikanerin Ofelia García oder déi däitsch Linguistin Rosemarie Tracy zënter Joren dorop hiweisen a wëssenschaftlech ënnermaueren, ënnert wéi enge Bedéngunge méisproocheg Kanner

Sproochen am beschte léieren (cf. Cummins 1979, 1984, 2000, 2007; García 2009; García/Kleifgen 2010; García/Wei 2014; Tracy 2008), gëtt bis haut an e sëllegen europäesche Schoulsystemer weiderhi virun allem an eesproochege Bunne geduecht. D'Éischtsprooche vun de Kanner kréien net ëmmer déi Plaz, déi si opgrond vun hirer Wichtegkeet fir d'Entwécklung vum Kand verdéngen.

E Bewosstsinn fir Sprooche schafen

Säit déi pädagogesch-didaktesch Konzeptioun vun der *language awareness* och am Lëtzebuerger Enseignement ee méi breede Public erreecht huet, ass iwwert d'Wichtegkeet vun den Éischtsproochen an iwwert hir Plaz am schoulesche Kontext verstäerkt nogeduecht ginn. 2010 koum d'Publikatioun „*Ouverture aux langues à l'école*" vum Educatiounsministère eraus (cf. MENFP 2010) an de Beräich vun dem *Éveil aux langues/der Ouverture aux langues* ass am *Plan d'études* vun der Grondschoul verankert ginn (cf. MENFP 2011, S. 59). Spéitstens dunn hunn d'Éischtsprooche vun de Kanner, niewent deenen anere Sproochen an hirem Ëmfeld, och offiziell eng Plaz an der Schoul kritt. Déi aktuell bildungspolitesch Bestriewungen, fir vun Ufank u méi konsequent un d'Méisproochegkeet vum Schoulsystem a vun der Gesellschaft erunzeféieren an d'sproochlech Bildung kohärent a kontinuéierlech ze denken, bauen op de besteeënden Usätz an Iwwerleeungen op an denken dës weider. Andeems si de Matenee vun de Sprooche verstäerkt betounen, brieche si e Stéck wäit mat der Logik vum Niewentenee vun de Sproochen, déi virun allem duerch déi zäitlech Successioun bedéngt war (Lëtzebuergesch am éischte Cycle, Däitsch vum zweete Cycle un a Franséisch vum zweete Joer am zweete Cycle un).

Beim *Éveil aux langues* geet et drëm, fir d'Kanner virwëtzeg ze maachen op aner Sproochen an op dat Ëmfeld, an deem si geschwat a geschriwwe ginn, mat Hëllef vun Texter a verschiddene Sproochen (ënnert anerem Geschichten, Lidder, Gedichter a Sproochspiller), duerch Sproochvergläicher, déi Ënnerscheeder a Gemeinsamkeete weisen asw. Niewent dëser Sensibilitéit an Offenheet fir aner Sproochen a Kulture geet et awer och drëm, dat sproochlecht Potential, d'Sproocherfarungen an d'Sproochgewunnechte vun de Kanner aktiv anzebezéien.

Den Éischtsprooche vun de Kanner déi Plaz ginn, déi si verdéngen

D'Kanner ginn net (méi) als déi betruecht, déi nach net Lëtzebuergesch kënnen oder nach net mat der franséischer Sprooch a Kontakt komm sinn, mä als jonk Mënschen, déi op dem Wee an d'Lëtzebuergescht an/oder d'Franséischt sinn an déi net bei Null ufänken, well si Sproochwëssen, fäegkeeten, -fäerdegkeeten an anere Sprooche matbréngen. Si wësse beispillsweis, datt verschidde

Géigestänn a Liewewiese verschidde Bezeechnungen hunn, déi an der Reegel net änneren, datt Handlunge mat Hëllef vu Verbe beschriwwe ginn, datt bei enger Fro d'Enn vum Saz betount gëtt. Hiert (méi-)sproochegt Potential réckelt als Fundament fir d'Léiere vu weidere Sproochen an de Bléckpunkt. Méisproochegkeet gëtt als kognitiv, sozial an didaktesch Ressource gesinn.

> **„The L1 is not only a valuable resource in learning content where it can be used to activate prior knowledge, but also for learning the language necessary to express that content." (Somers et al. 2014, S. 90)**

Inhalter a Bedeitungen, nei Begréffer a Sazwendunge ginn duerch de Réckgréff op bekanntent Wëssen, Terminologien, Strategien asw. erschloss. Wann d'Kanner gesinn, datt hir Sproochen an der Schoul eng Plaz hunn an datt si dës op hirem Wee an eng aner Sprooch gebrauche kënnen, gewanne si u Selbstvertrauen an hir sproochlech Fäegkeeten, wat sech net nëmmen op d'Éischtsproochen, m och op d'Léiere vun anere Sproochen auswierkt.

Deemno steet et ausser Fro, ob e Kand an der Schoul seng Éischtsprooch(e) gebrauchen däerf (cf. 4.2.4, S. 15; 6.3, S. 103). Dat heescht net, datt déi eng géint déi aner Sproochen ausgespillt ginn: D'Abezéie vun den Éischtsprooche vun de Kanner geet net zu Laaschte vun de Schoulsproochen an d'Förderung vum Lëtzebuergesche grad ewéi d'Eruféierung un déi franséisch Sprooch däerf net op Käschte vun den Éischtsprooche goen. Am Géigendeel: Am Sënn vun enger reeller méisproocheger Approche geet et drëm, datt e Kand op säi gesamte Sprooch(e)repertoire zeréckgräife kann. Dat huet, wéi scho gesot, positiv Auswierkungen op d'Sproocheléieren insgesamt.

Déi wichteg Roll vun der Famill

D'Wäertschätzung an d'aktiivt Abezéie vun den Éischtsproochen am schoulesche Kontext ergänzt déi sproochlech Erzéiungsaarbecht doheem; d'Schoul ka beroden, ënnerstëtzen, awer d'Kommunikatioun doheem net ersetzen. An der Interaktioun mat Mënschen, déi sech an hirer Sprooch wuel fillen, déi an dëser Sprooch fillen, denken an hir Handlunge versproochlechen, ginn d'Kompetenzen an der Éischtsprooch/den Éischtsproochen entwéckelt. D'Elterenhaus an d'Schoul ginn hei Hand an Hand. Wéi dës Zesummenaarbecht ausgesäit, gëtt spéider am Detail beschriwwen (cf. 4.3.3, S. 25; 5.4, S. 52).

Mir sinn all méisproocheg!

Vill gouf bis elo iwwert d'Kanner geschwat - zu Recht. Et ass awer och méi wäit virdru schonn ugedeit ginn, datt all Enseignant/Enseignante an all Educateur/Educatrice am Lëtzebuerger Schoulsystem méisproocheg ass. Wéi vill sproochlech Ressourcen hei an enger Schoul zesummekommen, léisst sech liicht ausmolen. Dës sproochlech Ressourcë kommen awer, opgrond vun enger majoritär eesproocheger Approche (eng Sprooch steet am Mëttelpunkt, sief et Lëtzebuergesch, Däitsch oder Franséisch), heefeg ze kuerz. Et gëtt héich Zäit, och déi Erwuessen dozou z'encouragéieren, reegelméisseg, bewosst, geziilt a systematesch op all hir sproochlech Ressourcen zeréckzegräifen. Si sinn et, déi de Kanner Dag fir Dag kënne virliewen, wéi eng Virdeeler d'Méisproochegkeet mat sech bréngt a wéi flott et ass, a méi wéi enger Sprooch kënnen ze denken an dës Gedanke kënnen zum Ausdrock ze bréngen.

4.3 D'Sprooche (*langage*) hannert de Sproochen (*langues*)

Am Spilleck verteidegen de Sam, d'Elli an d'Alma hir Spillbuerg géint déi „Béis".

Sam: *„Séier! Séier! Maach zou!"*
Elli: *„Firwat?"*
Sam: *„Soss kommen déi Béis ran!"*
Alma: *„Béis?"*
Sam: *„Jo, déi do!" „An deen do! Dee ‚böse Drache'!"*
Elli: *„Séier, séier. Dier zou."*
Alma: *„Jo, séier, séier. Monster kënnt!"*

Op engem Dësch net wäit ewech sinn d'Iris an den Tom am Gaang, dee béisen Draach ze molen.

Iris: *„Gëss du mir sou eng?"*
Tom: *„Nee! Brauch déi!"*
Iris: *„Du hues zwee an ech keng. (…) Ech ginn dir och sou eng."* (…)
Iris: *„Kuck! Lo hues du rout a gréng. An ech och. Ass d'selwecht."*

4.3.1 Alldagssprooch

Wa Kanner matenee spillen, bastelen, molen, zesummen iessen, gebrauche si Sprooch an där jeeweileger Situatioun, dat heescht kontextgebonnen. Si diskutéieren, weisen een deem aneren, verhandelen, argumentéieren, behaapte sech, plangen zesummen asw. Hir sproochlech Äusserunge si spontan a gi vun deem aus, wat fir si an deem Ablack, an där Situatioun, wichteg ass.

- Am éischte Beispill uewe spillen de Sam, d'Elli an d'Alma mat der Ritterbuerg: D'Paart muss zougemaach an d'Zuchbréck eropgezu ginn, fir datt d'Déieren aus dem Bësch an dee béisen Draach net erakommen.
- Am zweete Beispill molen d'Iris an den Tom am Basteleck mat de Wuessfaarwen; well d'Iris a senger Këscht keng gréng Faarf, dofir awer direkt e puer rouder huet, wëllt hatt mam Tom eng rout géint eng vun de grénge Faarwen aus deem senger Këscht tauschen.

Fir en Aussestehenden, deen de Kontext net kennt, ass d'Gespréich tëschent de Kanner an deenen zwou Situatiounen nëmme bedéngt verständlech: Wat gëtt zougemaach? Wien ass mat „déi Béis" gemengt? Wat wëllt d'Iris hunn? Wat wëllt hatt dem Tom ginn? Fir d'Kanner selwer awer mécht dee gemeinsame Gespréichskontext verschidde sproochlech Handlungen a Beschreiwungen iwwerflësseg: De Ben ernimmt weder d'Paart nach d'Bëschdéieren; dat ass net néideg, well d'Alma an d'Elli och esou wëssen, wat hie méngt. Och d'Iris schwätzt net vu rout a gréng; mam Fanger weist hatt, wéi eng Faarf hatt wëllt hunn a wéi eng hatt wëllt tauschen. Doduerch, datt d'sproochlech Handlungen am Kontext an aus dësem eraus entstinn, geet e Minimum u Wierder duer. D'Sätz sinn op dat Wesentlecht reduzéiert, semantesch, grammatesch a syntaktesch einfach an erhiewe keen Usproch op formalsproochlech Korrektheet: „*Maach zou!*" amplaz „*Maach d'Paart zou!*" „*d'Dier zou!*" amplaz „*Maach d'Dier zou!*"; „*Brauch déi!*" amplaz „*Ech brauch déi gréng Faarf!*" asw. Vill Bedeitunge ginn implizit weiderginn an d'Sprooch gëtt heefeg duerch Beweegungen, Gestik a Mimik ersat, wéi et beim Iris de Fall ass. Dës Form vu kontextualiséierter Sprooch gëtt och als Alldagssprooch bezeechent (cf. Neugebauer/Nodari 2012, S. 12; Lange/Gogolin 2010, 2011; 2.3, S. 24), an dat aus guddem Grond: Si gëtt virun allem an alldagssproochleche Situatioune grad ewéi an informelle Gespréichskontexter gebraucht.

4.3.2 Vun der Alldags- bei d'Bildungssprooch

D'Manéier, wéi Lëtzebuergesch, Däitsch a Franséisch a geplangten Aktivitéiten, an Unterrechtsgespréicher an a Léierbicher gebraucht ginn, ënnerscheet sech an der Reegel vun där Sprooch, déi an alldeeglechen Handlungskontexter (beispillsweis an der SMS un de Frënd, beim Gespréich iwwert d'Wieder) oder a méi informelle Situatiounen an der Schoul (op dem Schoulwee, beim gemeinsame Mëttegiessen an der Maison relais asw.) benotzt gëtt.

Aufgab aus dem *Zahlenbuch 1* fir d'zweet Joer vum zweete Cycle (MENJE 2012, S. 36):

> **„Noa hat 6 Muscheln.**
>
> **Eric hat doppelt so viele.**
>
> **Eric hat … Muscheln."**

Textauszuch aus „*Die Zeitmaschine*“, dem lëtzebuergesche Geschichtsbuch fir de véierte Cycle (MENFP 2007, S. 120):

> **„Die mittelalterliche Stadt war von einer hohen Ringmauer umgeben. So konnten die Bürger sich gegen plündernde Soldaten oder gegen Krieg führende Ritter verteidigen. Mehrere Tore führten in die Stadt hinein. Die Ein- und Ausgehenden wurden von der Torwache kontrolliert. Nachts blieben die Tore geschlossen.“**

Dekontextualiséierte Gebrauch vu Sprooch

Am Géigesaz zu der Situatioun am Spilleck an där gemeinsamer Molaktivitéit méi wäit uewe sinn esouwuel déi mathematesch Aufgab aus dem *Zahlenbuch* wéi och den Textauszuch aus dem Geschichtsbuch vum onmëttelbar Erlieften an erliefbare Kontext lassgeléist. D'Muschel-Beispill bezitt sech wuel op eng konkret Situatioun; dës gëtt awer net onmëttelbar erlieft, mä iwwert verschidde Supporte wéi Biller an Text zougänglech. Dat gëllt och fir de Sachtext, dee sech op d'Infrastrukturen an d'Liewensëmstänn aus enger vergaangener Zäit bezitt. Am Géigesaz zu alldagssproochleche Situatiounen, an deenen d'Kanner an engem gemeinsame Gespréichskontext an zum dacksten an direktem Bezuch zu hiren Handlunge sproochlech mateneen interagéieren, gëtt d'Informatioun hei iwwert Text a Bild weiderginn. Den Auteur vum Text huet eng kloer Virstellung dovun, wat hie beim Lieser wëllt erreechen a gräift op déi entspriechend sproochlech Mëttelen zeréck. Dat, wat net mat Aen, Hänn a Féiss kann ausgedréckt ginn, muss méiglechst onmëssverständlech mëndlech oder schréftlech eriwwerkommen, fir datt déijéineg, déi mat deene jeeweilegen Texter schaffen, wëssen, wat ze maachen ass. Et gëtt eng Sprooch gebraucht, déi präzis an differenzéiert ass a Sachverhalter mat Hëllef vu vollstännegen a grammatesch korrekte Sätz beschreift. Et ginn Universalbegréffer gebraucht, déi onofhängeg dovun, wou d'Kanner sinn a mat wiem si zesummeschaffen, verstane ginn (esou wéi beispillsweis d'Zuelbegréffer an der Mathematik). D'Sprooch vun der Schoul huet deemno hir ganz eege „Gesetzméissegkeeten“.

Bildungssprooch: Wat ass dat?

Am däitschsproochege Kontext gëtt fir déi Form vu Sprooch, déi benotzt gëtt, fir Wëssen z'erschaffen an ze verschaffen, de Begréff vun der Bildungssprooch gebraucht (cf. Habermas 1977; Gogolin et al. 2013). Si gëtt an der Schoul iwwert déi verschidde Schouljoren ewech opgebaut a weiderentwéckelt. De Begréff vun der Bildungssprooch gouf hei iwwerholl, well en am aktuelle pädagogesch-didakteschen Diskurs heefeg virkënnt.

> **„‚Bildungssprache' ist eine Art, Sprache zu verwenden, die durch die Ziele und Traditionen der Bildungseinrichtungen geprägt ist. Sie dient der Vermittlung fachlicher Kenntnisse und Fähigkeiten und zugleich der Einübung anerkannter Formen der beruflichen und staatsbürgerlichen Kommunikation." (Reich 2008, zitéiert aus: Lange/Gogolin 2010, S. 9)**

Sprooch gëtt am schoulesche Kontext als „kognitives Werkzeug" (Feilke 2012, S. 5) benotzt. Fir déi uewe beschriwwen Aufgab an den Text ze verstoen an ze verschaffen, brauch et niewent formalsproochleche Kompetenzen (Wuertschaz, Sazbildung, Grammatik) a mathematesche Kompetenzen (Zuelbegréffer a Mengebildung) och kognitiv-sproochlech Kompetenzen (ënnert anerem Liesstrategië wéi d'Struktur vum Text erkennen, wesentlech Informatiounen erausfilteren, Wesentleches vun Onwesentlechem ënnerscheeden, en Text global oder selektiv liesen asw.).

Bildungssproochlech Elementer fanne sech esouwuel an der schréftlecher wéi och an der mëndlecher Sprooch erëm. Wa Kanner a Jugendlecher eng Aufgab léisen, en Text verschaffen a wesentlech Aspekter erausfilteren, wa si mateneen iwwert e Sujet diskutéieren, verschidde Léisungsméiglechkeeten analyséieren, vergläichen an hire Choix argumentéieren, entwéckele si kognitiv-schoulesch Sproochkompetenzen, déi wäit iwwert déi alldagssproochlech erausginn. Fir de Léisungswee am Aufgabebeispill aus dem *Zahlenbuch* ze beschreiwen an z'erklären, brauch et eng präzis Sprooch, déi d'Handlunge fir déi Kanner, déi net dobäi waren an nogekuckt hunn, novollzéibar mécht. De Jos an d'Mira sinn zum selwechte Resultat komm, hunn awer verschidde Rechestrategië benotzt: D'Mira huet sechs Muggelsteng geholl an der nach eng Kéier sechs dobäigeluecht, fir op zwielef ze kommen. De Jos huet dogéint op dem Aarbechtsblat sechs mol am Kapp gerechent.

„Bildungssprache ist das Medium, um abstrakte und komplexe Inhalte sprachlich aufzunehmen und auszudrücken. Dies muss unabhängig von einer konkreten Interaktionssituation geleistet werden und in den unterschiedlichsten Situationen, bei sehr verschiedenen Anforderungen." (Lange/Gogolin 2010, S. 9)

D'Sprooch vum Enseignant/der Enseignante an dem Educateur/der Educatrice ënnerscheet sech an der Reegel och däitlech vun der Alldagskommunikatioun an informelle Kontexter: „*Wa mir fäerdeg giess hu, gi mir an d'Paus.*"; „*Lest den Text nochmals durch und unterstreicht anschließend die Hauptaussagen.*"; „*Schlot äert Buch op der Säit 5 op a kuckt iech déi zweet Aufgab un.*" asw. Dës mëndlech Aussoen orientéiere sech un de Reegelhaftegkeete vun der Schrëftsprooch. D'Mechthild Dehn, d'Ingelore Oomen-Welke an d'Claudia Osburg (2012, S. 118) schwätzen an dësem Zesummenhank vu „*schriftförmiger Rede*".

Dee kanadesche Sproochwëssenschaftler Jim Cummins war ee vun deenen Éischten, dee schonn an den 1980er Joren op den Ënnerscheed tëschent alldagssproochlechen a kognitiv-akademesche Sproochkompetenzen opmierksam gemaach huet (cf. 2.3, S. 24). Verschidde Projeten, ënnert anerem am däitschsproochege Raum (FörMIG an Däitschland, Quims an der Schwäiz), an déi domat verbonne wëssenschaftlech Erkenntnisser (cf. Gogolin et al. 2013; Neugebauer/Nodari 2012; Dehn/Oomen-Welke/Osburg 2012) weisen, datt d'Beherrschung vun där Sproochform, an där schoulescht Léiere stattfënnt, eng Viraussetzung fir eng erfollegräich Ausernanersetzung mat Inhalter vun ëmmer méi groussem Abstraktiounsgehalt an deene verschiddene Cyclë vun der Grondschoul an doriwwer eraus ass.

„Für Bildungserfolg entscheidend ist, dass die Kinder in der Schule lernen, auf die Unterschiede zwischen alltäglicher Sprache und Bildungssprache zu achten und diese Unterschiede aktiv einzusetzen in ihrem Sprachverhalten, aber auch in ihrem Sprachverstehen." (Gogolin 2008, zitéiert aus: Lange/Gogolin 2010, S. 14)

Am Ufank gläicht de Sproochgebrauch am Schoulkontext nach wäitgehend deem an Alldagssituatiounen. Am Laf vun der Schoulzäit awer gëtt en, net eleng opgrond vun där ëmmer méi grousser Zuel vu Fächer an den ëmmer méi komplexen Inhalter, méi ausdifferenzéiert (Gogolin et al. 2013, S. 11).

> **„Je weiter eine Bildungsbiografie fortschreitet, desto mehr unterscheiden sich die sprachlichen Anforderungen in den Bildungseinrichtungen vom Repertoire der alltäglichen mündlichen Sprache. Die Schule verlangt von ihren Schülerinnen und Schülern die Auseinandersetzung mit neuen, unbekannten und abstrakten Themen. Sie verlangt damit zugleich eine gedankliche Ordnung sprachlicher Beiträge und sprachliche Genauigkeit im Detail. Diese Fähigkeiten sind notwendig, um die Aufgaben des Verstehens, Verarbeitens, Durchdenkens und Formulierens zu bewältigen, mit denen sich die Kinder und Jugendliche[n] in ihrem Bildungprozess auseinanderzusetzen haben (…).“ (Lange/Gogolin 2010, S. 9)**

Bildungssprooch: Wat sinn typesch Mierkmoler?

Den Textauszuch aus dem Geschichtsbuch méi wäit uewe weist exemplaresch verschidden typesch Mierkmoler vun der Bildungssprooch, an dat esouwuel um Niveau vum Wuertschaz (lexikalesch-semantesch) wéi vum Sazbau (syntaktesch, textuell).

Mierkmoler um Niveau vum Wuertschaz:

Beräichsspezifesch a präzis Ausdréck	„*Bürger*“; „*Soldaten*“; „*Krieg*“; „*Ritter*“; „*Torwache*“; „*Ringmauer*“
Differenzéierend Ausdréck	„*die mittelalterliche Stadt*“ (D’Zäitepoch gëtt festgeluecht.)
Abstrahéierend Ausdréck	„*die mittelalterliche Stadt*“ (Et geet net ëm eng bestëmmte Stad, mä ëm d’Stied allgemeng am Mëttelalter.) „*die Bürger*“ (Hei ass net deen Eenzelne gemengt, mä d’Populatioun vun der Stad.)

Zesummegesate Wierder (Komposita)	„*Ringmauer*“; „*Torwache*“
Präfixverben	„*umgeben*“; „*hineinführen*“
Adjektiven	„*hohe Ringmauer*“

Mierkmoler um Niveau vum Sazbau:

Ausdrécklech Formuléierung vun Zesummenhäng	„*So konnten …*“; „*Nachts blieben …*“
Onperséinlech Konstruktioune wéi Passivsätz	„*war umgeben*“; „*wurden kontrolliert*“
Partizipialkonstruktiounen	„*die Ein- und Ausgehenden*“; „*Krieg führende Ritter*“; „*plündernde Soldaten*“

4.3.3 Kontinuitéit a Kohärenz als Viraussetzung fir den Opbau vu bildungssproochleche Kompetenzen

Bildungssproochlech Kompetenze si sproochiwwergräifend

De Bléck op d'Bildungssprooch weist, datt et beim Sproocheléieren ëm méi wéi formalsproochlech Korrektheet geet. Et geet och ëm d'Aart a Weis, wéi e Mënsch seng Sprooch(e) gebraucht. Opgrond vun de Sproocherfarungen, déi hien a verschiddene Kontexter a mat verschiddene Mënsche mécht, kritt hien am Laf vu sengem Liewen e Wëssen iwwert d'Sprooch (*langage*), dat wäit iwwert déi eenzel Sproochen (*langues*) erausgeet an dat gläichzäiteg d'Grondlag dofir ass, fir a verschiddene Situatioune sproochlech entspriechend handelen ze kënnen. Hie gebraucht d'Sprooch, fir sech matzedeelen, fir z'informéieren, z'argumentéieren, z'iwwerzeegen asw.

Doniewent gesäit hien d'Sprooch u sech mat hirem Opbau, hire Reegelen a Gesetzméissegkeeten a kann dës lassgeléist vu Bedeitungszesummenhäng betruechten (cf. *Vergegenständlichung der Sprache*, Bosch 1937). Bildungssproochlech Kompetenze si sproochiwwergräifend an transversal. Si decke sech, wéi am zweeten Deel schonn ugeschwat, wäitgehend mat deene vum Jim Cummins als „*Cognitive Academic Language Proficiency*" (CALP) bezeechente Kompetenzen.

> **„Spezifisch für CALP ist, dass die entsprechenden Kompetenzen nur einmal gelernt werden müssen und dann in verschiedenen Sprachen zur Verfügung stehen. Es besteht also zwischen den einzelnen Sprachen, in denen ein Mensch kommunizieren kann, eine starke Abhängigkeit (Interdependenz)." (Neugebauer/Nodari 2012, S. 17)**

E Bléck an d'Klasse vum éischte Cycle weist, wat heimat gemengt ass. E véierjäregt Kand bréngt an der Reegel scho Wëssen iwwert d'Sprooch mat: Hatt weess, datt all Géigestand a Liewewiesen a sengem Ëmfeld en „Numm" huet, deen e vun anere Géigestänn a Liewewiesen ënnerscheet an/oder ofgrenzt. Handlungen an Aktioune kann hatt a Sprooch kleeden. Net zulescht de Wonsch no enger méiglechst geneeër Beschreiwung vun deem, wat hatt mécht, huet zu deenen éischte Sätz mat méi wéi engem Wuert gefouert (cf. Dehn/Oomen-Welke/Osburg, 2012, S. 28). Froe gi beispillsweis anescht formuléiert wéi Opfuerderungen, Jo-Sätz ginn dacks anescht betount wéi Nee-Sätz. Hatt kann iwwert dat schwätzen, wat eriwwer ass, an iwwert dat, wat kënnt. Klëmmt hatt elo am schoulesche Kontext an eng nei Sprooch eran, fänkt hatt net bei Null un, mä hatt ka säi Sproochwëssen an enger oder méi Sproochen op déi nei Sprooch/déi nei Sproochen iwwerdroen. Dat selwecht gëllt bei eelere Kanner beispillsweis fir d'Textveraarbechtungsstrategien: E Kand, dat geléiert huet, Texter selektiv ze liesen, wichteg Informatiounen oder Schlësselwierder z'ënnersträichen, fir esou d'Struktur an d'Argumentatiounsschinn z'erfaassen, nei Wierder aus dem Kontext eraus z'erschléissen, kann dës Techniken a Strategien op aner Sproochen iwwerdroen.[7]

[7] De *Plan d'études* vun der Grondschoul ass op Basis vun dësen Iwwerleeunge konzipéiert ginn: Déi selwecht Schlësselkompetenze fir déi verschidde Sproochen, mëndlech a schréftlech Textveraarbechtungsstrategien, déi vun enger op déi aner Spooch kënnen iwwerdroe ginn asw., sinn déi sproochdidaktesch Konsequenze vun enger Konzeptioun, déi dovun ausgeet, datt all Mënsch e sproochiwwergräifend Potential huet.

Déi wichteg Roll vun der Famill

Den Opbau an d'Entwécklung vu bildungssproochleche Kompetenze sinn an éischter Linn d'Missioun vun der Schoul (cf. Salem et al. 2013, S. 16). D'Viraussetzungen heifir kënnen awer vu Gebuert u geschafe ginn. Niewent de Strukture vun der non-formaler Bildung (Crèche, Maison relais) kënnt hei der Famill/dem Elterenhaus eng fundamental wichteg Roll zou.

> **„In der Schule müssen Schülerinnen und Schüler fähig werden, Sprache in dekontextualisierten (kontextungebundenen) Situationen zu verstehen und zu produzieren. Kinder, die zu Hause, in der Spielgruppe oder in der Kindertagesstätte Sprache oft auch kontextungebunden benutzen – z. B. beim Hören von Geschichten oder Erklären von Sachverhalten –, machen wichtige Erfahrungen. Sie begegnen Formen des schulischen Sprachgebrauchs und entwickeln so die für Schulerfolg notwendigen sprachlichen Voraussetzungen." (Neugebauer/Nodari 2012, S. 12)**

Dëst gëllt fir all d'Kanner an dat onofhängeg dovun, ob si doheem een- oder méisproocheg opwuessen an ob hir Éischtsprooche gläichzäiteg Schoulsprooche sinn oder net.

Geschichten nozelauschteren an nozeerzielen hëlleft de Kanner, fir kognitiv-sproochlech Kompetenzen opzebauen.

> **„Ein Märchen, das erzählt wird, weist eine starke textuelle Durchformung auf (ganze Sätze, «Erzählbogen» usw.). Kinder können die kognitive Fähigkeit, einer Erzählung zu folgen, schon früh erwerben – beispielsweise durch das wiederholte Hören von Gutenachtgeschichten." (ibid., S. 19)**

No Neugebauer an Nodari (2012, S. 19) entwéckele Kanner, deene reegelméisseg Geschichten erzielt ginn, fréi déi kognitiv Fäegkeet, iwwert reng sproochlech Impulser an ouni e konkrete Kontext, an deem d'Geschicht spillt, eng Handlung ze verfollegen. Si entwéckele sougenannte „mental Repräsentatiounen".

> **„Die Kinder erfahren beim Vorlesen und Nachahmen des Vorlesens, dass sie sich mit Wort und Bild in andere Welten versetzen können. Sie begegnen Figuren in der Vorstellung, teilen deren Empfindungen und Erlebnisse." (Dehn 2012, S. 35)**

Froe sinn e weidert wichtegt Element beim Opbau vu kognitiv-schoulesche Sproochfäegkeeten. Kanner, déi Froen nom „Firwat“ vun eppes stellen, versichen d'Welt ronderëm sech ze verstoen a wëlle méi wëssen. Duerch d'Äntwerten op hir Froe léiere si, ganz niewebäi, wat „erklären“ heescht: Eegeschaften a Sachverhalter ze beschreiwen, Zesummenhäng opzeweisen asw.

> **„Eltern und andere Bezugspersonen, die ausgehend von Warum-Fragen Gespräche mit Kindern führen, vermitteln nicht nur wichtiges Weltwissen. Sie bauen bei den Kindern auch die Fähigkeit auf, kognitive Strukturen vom Typ Ursache – Folge (wenn – dann), Einräumung (falls …) oder verschiedene « wenn » – Szenarien (das wäre so, wenn …) nachvollziehen zu können.“ (Neugebauer/Nodari, S. 19)**

Awer och de Sproochgebrauch an alldeegleche Situatioune spillt eng wichteg Roll fir d'Sproochentwécklung vum jonke Kand.

(1) *„Fir d'éischt di mer de Pullover aus an dann d'Box. An da maachen ech Waasser an d'Bidden a setzen dech dran.“*

(2) *„O, du hues nach keng Strëmp un. Kuck emol, ob nach e Puer am Schaf ass.“*

(3) *„Fir d'éischt maache mir Waasser an d'Dëppen an da maache mir Salz dobäi, well soss ginn d'Nuddelen zimlech fad.“ (…) „Elo musse mir waarden, bis d'Waasser kacht.“ (…) „Kuck, d'Waasser spruddelt. Elo maache mir d'Nuddelen dran. Pass op, d'Waasser ass gliddeg.“*

An dësen dräi Beispiller beschreift den Erwuessenen, wat hie mam Kand zesumme mécht; hie begleet deemno seng Handlunge mat Sprooch. Dëst gëtt als handlungsbegleedend Schwätze bezeechent (cf. 3.2.1, S. 38). Dat, wat gemaach, gericht, gefillt, gehéiert a geschmaacht gëtt, gëtt vum Erwuessene sproochlech codéiert. Doniewent leet hien d'Opmierksamkeet vum Kand op bestëmmte relevant Aspekter (beispillsweis, datt een oppasse muss, wann d'Waasser kacht). Déi sproochlech Interaktioun, déi an der Famill ofleeft, kann duerch näischt an duerch keng schoulesch Instanz ersat ginn. Dacks sinn et Situatiounen, an deene Mënsche sech ganz no sinn an déi de Kanner vertraut sinn, an deene Sprooch besonnesch einfach entsteet: beim Zännwäschen, Un- an Ausdinn, virum Schlofegoen, beim Dëschdecken a beim gemeinsame Kachen asw.

Bildungssproochlech Kompetenze sinn net ugebuer

D'Bildungssprooch ass als kulturellt Kapital net fir all Kand gläichermoossen a scho guer net automatesch „vun Haus aus" verfügbar. Dëst gëllt fir all Kand onofhängeg dovun, wéi eng Sprooch/wéi eng Sproochen an der Famill geschwat ginn. D'Reegelhaftegkeet, mat där d'mëndlech Sprooch am Schoulkontext gebraucht gëtt, grad wéi dee spezifesche Wuertschaz, dee sech duerch d'Aktivitéiten an deene verschiddene Beräicher ergëtt, stellen och déi Kanner, déi doheem mat Lëtzebuergesch als Éischtsprooch opwuessen, virun eng nei Erausfuerderung.

Kanner, déi doheem mat enger/méi aneren Éischtsprooche wéi de Schoulsproochen opwuessen an déi wéineg Erfarung am Ëmgank mat dekontextualiséiertem Sproochgebrauch hunn, sti virun enger „duebeler Erausfuerderung" (Neugebauer/Nodari 2012, S. 19). Si léieren net nëmmen eng nei Sprooch (*langue*), mä och eng nei Form vu Sprooch (*langage*) kennen.

> **„Sie sind vor die Situation gestellt, im Bildungsprozess direkt in die Bildungssprache der Schule 'einzusteigen', d. h., ihnen fehlt die Umgangssprache, insbesondere eine intuitive Sicherheit im Umgang mit der Unterrichtssprache als eine Ressource zum Aufbau der Bildungssprache." (Roth 2008, S. 30)**

Hei gëtt nach eng Kéier kloer, wéi eng wichteg Roll d'Famill bei der Entwécklung vu kognitiv-sproochleche Kompetenze spillt; vun deem sproochleche Potential, dat d'Kanner matbréngen, kënne si profitéieren, fir an eng nei Sprooch eranzefannen. Kréien hir Sprooche keng Beuechtung, gëtt de Kanner eng Ressource op de Wee an d'Bildungssprooch geholl (ibid., S. 31).

All dës Iwwerleeunge fléissen an d'Eckwäerter vum Konzept vu sproochlecher Bildung an, dat an de folgende Kapitelen am Detail beschriwwe ginn.

Déi wichteg Roll vum Enseignant/der Enseignante an dem Educateur/der Educatrice

Obwuel Textbeispiller wéi déi aus dem *Zahlenbuch* an aus dem Geschichtsbuch net am éischte Cycle behandelt ginn, sinn si dach och schonn hei vu Relevanz. Dat virun allem och mat Bléck op d'Fuerderung vun den Experten, datt bildungssproochlech Kompetenze solle kontinuéierlech a kohärent iwwert d'Joren, déi e Kand/e Jugendlechen an der Schoul verbréngt, opgebaut ginn.

Den éischte Cycle ass déi éischt Etapp op dem Schoulwee vun all Kand an domat spillt en eng ausseruerdentlech wichteg Roll; hei gëtt de Grondsteen fir spéider Léierprozesser geluecht.

De Sproochgebrauch vum Enseignant/der Enseignante an dem Educateur/der Educatrice spillt beim Opbau vu bildungssproochleche Kompetenzen eng wichteg Roll. Hir Sprooch zeechent sech duerch hir formal Korrektheet aus: Si maache vollstänneg Sätz, benotzen och emol Niewesätz, betoune bewosst a baue sproochlech Strukturen an, déi dem Entwécklungsstand vun de Kanner entspriechen. Domat gi si hirer Roll als sproochlech Virbiller voll a ganz gerecht.

(1) *„Wann dir fäerdeg sidd mat iessen, sëtze mir eis an de Krees. Ech hunn iech een neit Buch matbruecht. Et ass e franséischt Buch!"*

(2) *„Nom Wäsche gëtt de Pinsel mam Kapp no uewen an d'Dëppche gestallt."*

(3) *„Muer de Mëtteg gi mer turnen. Vergiesst net, fir är Turnschlappe matzebréngen."*

(4) *„Kuckt emol. Dobaussen op der Wiss bléie schonn déi éischt Margréidercher."*

Déi véier Beispiller hei uewendriwwer verdäitlechen, datt sproochlech Äusserungen am Schoulkontext an hirem Komplexitéitsgehalt heefeg däitlech iwwert alldagsproochlech Äusserungen erausginn.

Déi verschidden Aussoe si räich un Informatiounen:

- (1) Den Erwuessene bezitt sech op verschidden Akteuren (dir – mir) an direkt op zwou Situatioune mateneen (de Moiesdësch an de Gespréichskrees). Doniewent verweist hien op en neit Buch, dat heescht op e Buch, dat d'Kanner nach net kennen.
- (2) Hei ginn d'Kanner gewuer, wat mat de Pinsele geschitt, nodeems dës gebotzt gi sinn. D'Passivkonstruktioun vum Saz mécht dësen zu enger allgemenger Reegel, déi d'Kanner, formal gesinn, net direkt usprécht, sënngeméiss awer schonn.
- (4) An dëser Ausso schwéngen implizit Informatioune mat: Wann d'Margréidercher bléien, gëtt et Fréijoer. Et ass awer nach net laang Fréijoer, well et réischt déi éischt Margréidercher sinn.

Déi Erwuessen drécke sech sproochlech präzis aus:

- (1) Hei geet et net ëm iergendee Buch, mä ëm e Buch a franséischer Sprooch.
- (2) D'Pinsele ginn net egal wéi an d'Dëppche gesat, mä mam Kapp no uewen.
- (3) Fir turnen ze goen, brauch een net iergendeng Schong, mä Turnschlappen.
- (4) Et geet net ëm d'Blummen allgemeng, mä ëm eng bestëmmten Zort vu Blummen an et gëtt virausgesat, datt d'Kanner wëssen, wat Margréidercher sinn.

Heefeg ginn d'Begréffer am iwwerdroene Sënn gebraucht respektiv d'Messagë schwéngen implizit mat:

- (1) „*Mir sëtzen eis an de Krees*": Den Erwuessene geet dovun aus, datt d'Kanner wëssen, datt de Begréff „Krees" sech net op e richtege Krees, mä op eng bestëmmte Sëtzuerdnung bezitt. „*Ech hunn iech en neit Buch matbruecht.*" Fir d'Ausso ze verstoen, mussen d'Kanner de Lien tëschent „Krees" a „Buch" maachen an doraus schléissen, datt si duerno eng nei Geschicht kenneléieren (Buch = Geschicht).
- (2) „*Mam Kapp no uewen*": Fir e jonkt Kand ass et net selbstverständlech, d'Biischt vum Pinsel mat engem Kapp a Verbindung ze bréngen, well hatt mat dësem Begréff wahrscheinlech eng aner Virstellung verbënnt.

D'sproochlech Äusserunge si formal korrekt a syntaktesch zum Deel komplex (wann … dann …). Verschiddener ginn eng Handlungsreiefolleg vir, déi mol méi, mol manner explizit ass:

- (1) Fir d'éischt gëtt giess an duerno gëtt d'Geschicht verzielt.
- (2) Fir d'éischt ginn d'Pinsele gebotzt an uschléissend mam Kapp no uewen an d'Dëppche gestallt.
- (3) Fir d'éischt ginn d'Turnschlappen agepaakt an da geet et turnen.

Déi véier Beispiller weisen, datt déi mëndlech Kommunikatioun am éischte Cycle sech ëmmer e Stéck wäit un der Reegelhaftegkeet vun der Schréftsprooch orientéiert. Eng gewësse Vertrautheet mat dëser Form vu „*schriftförmiger Rede*" (Dehn, Oomen-Welke, Osburg 2012, S. 118) gëtt dobäi heefeg implizit virausgesat. Domat ginn d'Héierverständnisleeschtunge vun de Kanner dacks iwwerschat

an et gëtt vergiess, datt d'Sprooch vun der Schoul fir vill Kanner net hir Éischtsprooch ass. Dem Enseignant/der Enseignante an dem Educateur/der Educatrice stinn awer eng Rëtsch sproochlech Differenzéierungsméiglechkeeten zur Verfügung, op déi si zeréckgräife kënnen, fir hir Sprooch dem Entwécklungsstand vun de Kanner unzepassen. Esou gi si weiderhin hirer Roll als sproochlech Virbiller gerecht an et geléngt hinnen, eng sproochlech Iwwerfuerderung vun de Kanner ze vermeiden. Wéi dat konkret ausgesäit an op wat fir eng Methoden a Strategien déi Erwuessen zeréckgräife kënnen, gëtt am siwente Kapitel am Detail beschriwwen.

4.4 Déi däitsch Sprooch am éischte Cycle

D'Erklärungen zu alldagssproochlechen a bildungssproochleche Sproochkompetenzen (cf. 4.3, S. 19) hëllefen, en nuancéierten an differenzéierte Bléck op de Stellewäert vun där däitscher Sprooch am éischte Cycle ze geheien. Mat Bléck op dat sproochiwwergräifend Potential vun engem Mënsch ass et wichteg ze gesinn, datt Kanner, wa si am zweete Cycle an déi däitsch Sprooch eraklammen, an der Reegel op Sproochwëssen an enger oder méi Sproochen zeréckgräife kënnen, dat si wärend deenen éischte sechs Jore vun hirem Liewen opgebaut hunn. Beispillsweis wësse si, datt eng Geschicht en Ufank an e Schluss huet, datt d'Handlungsreiefolleg ëmmer déi selwecht bleift, an dat onofhängeg dovun, wéi dacks an a wéi enge Sproochen d'Geschicht erzielt gëtt. Si hu geléiert, fir selektiv oder global ze lauschteren, spezifesch Informatiounen erauszefilteren, Haaptfiguren an enger Geschicht an déi verschidden Etappe vun engem Handlungsstrang z'erkennen asw. Si hunn zesumme mat den Erwuessenen an d'Sprooche vun der Schoul eragelauschtert an hu probéiert erauszefannen, wéi eng Wierder ähnlech kléngen oder d'selwecht ufänken. Och wann et nach ëmmer keng systematesch wëssenschaftlech Erkenntnisser gëtt, déi dat heefeg genanntent Argument – Lëtzebuergesch als Sprangbriet an déi däitsch Sprooch – beleeën, esou läit et dach no, datt d'Kanner niewent allgemenge kognitiv-schoulesche Sproochfäegkeete (wéi beispillsweis Beschreiwen an Erklären) och grammatescht Reegelwëssen iwwerdroe kënnen – net zu Lescht opgrond vun deene ville sproochstrukturelle Gemeinsamkeeten tëschent dem Lëtzebuergeschen an dem Däitschen. Duerch dat méisproochegt Konzept an de Crèchen an déi fréi Eruféierung un d'Sprooche Lëtzebuergesch a Franséisch wäerten eng Rëtsch vu Kanner méi Zäit hunn, fir mëndlech Kompetenzen am Lëtzebuergeschen opzebauen, Kompetenzen, op déi si, wann si an déi däitsch Sprooch eraklammen, dann zeréckgräife kënnen.

Dës Erklärunge kënnen op den éischte Bléck widderspréchlech kléngen: Am zweeten Deel gëtt op méiglech Interferenzfeeler opmierksam gemaach, déi jonke Kanner dann ënnerlafen, wann d'Sprooche sech vill gläichen (cf. 3.4, S. 57). Op där anerer Säit gëtt an dësem véierte Kapitel dovu geschwat, datt sproochstrukturell Gemeinsamkeeten de Kanner de Wee an eng nei Sprooch vereinfache kënnen. Béides trëfft zou; den Alter vun de Kanner mécht den Ënnerscheed. Jonk

Kanner léiere Sprooch(en) op eng méi oder manner intuitiv Aart a Weis; wat d'Sprooche méi wäit auserneeleien, wat et hinne méi einfach fält, fir dës vuneneen z'ënnerscheeden. Wa si méi al ginn, si si, opgrond vun hirer neurologescher Entwécklung, éischter an der Lag, fir d'Sprooch op engem méi abstrakten Niveau z'erfaassen, wëll heeschen, méi bewosst sproochstrukturell Ënnerscheeder z'erfaassen (beispillsweis Artikelsetzung, Genus, Verbklamer). Nach schéngt et wichteg, datt virun allem an der Ufanksphas vum zweete Cycle d'Ënnerscheeder an d'Gemeinsamkeeten tëschent béide Sproochen thematiséiert ginn – fir datt de Kanner hiert besteeënd Wëssen och kënnen notzen.

Déi däitsch Sprooch gehéiert net zu den offizielle Schoulsprooche vum éischte Cycle. Dat verhënnert awer net, datt si hei hir Plaz huet. Am Kader vum *Éveil aux Langues* gëtt et hei eng ganz Rëtsch vu Méiglechkeeten: eng Geschicht an däitscher Sprooch, e Lidd an e puer Sproochen, dorënner déi däitsch, e Pausespill asw. féieren d'Kanner op eng e spilleresch Aart a Weis un dës Sprooch erun – dat ëmmer mat Bléck op déi jeeweileg Situatioun vun der Klass an d'Bedierfnesser vun de Kanner.

4.5 Eruféierung un déi geschriwwe Sprooch am éischte Cycle

Obwuel Liesen a Schreiwe keng Sproochförderberäicher am éischte Cycle sinn, ass dach d'Schrëftsprooch grad ewéi d'Schrëftkultur omnipresent: beispillsweis an deene sëllege Geschichten, déi erzielt, virgelies oder zesummen erschafft ginn, sief dat op Lëtzebuergesch, Franséisch oder an anere Sproochen; an de Schrëftzich op deenen eidelen Emballagen, Dousen a Fläschen am Spillbuttek; an den Nimm op de Stroossen- a Butteksschëlter an net zu Lescht an de Kanner hiren Nimm, zu deene si eng ganz besonnesch enk Verbonnenheet hunn.

> **„Nicht den Buchstaben, das Wort oder einen bestimmten Text lernen kleine Kinder in schrifthaltiger Umgebung als erstes, sondern das Lesen in seinen sozialen, inhaltlichen und ästhetischen Bezügen. Das ist ein Grundstein für den Schrifterwerb und den Spracherwerb – gleich in welcher Sprache, sowohl für die Erst- wie für die Zweitsprache!" (Dehn, 2012, S. 34)**

Dacks gëtt dat, wat si soen, vun den Erwuessene schrëftlech festgehalen; dee Moment ginn déi geschwate Wierder net nëmme siichtbar, si bleiwen och siichtbar an onverännert, iwwert eng laang Zäit ewech („*permanence de l'écrit*"). D'Kanner gesinn dat, wat akustesch hannerteneekënnt, op eemol niewenteneen, d'Sprooch gëtt esou zäitlech a raimlech faassbar.

Kanner imitéieren, wat si gesinn: D'Mamm, déi d'Zeitung liest; d'Nounou, déi en Akafsziedel schreift; den Enseignant/d'Enseignante an den Educateur/d'Educatrice, déi e Buch an der Hand halen, wärend si d'Geschicht erzielen; dee grousse Brudder, deen en Aufsatz op dem Computer schreift asw.

> **„Die Kinder erfahren den Schriftgebrauch als Beobachtende. Sie eignen sich Strukturen und Muster an und verbinden dabei Nachahmung und Konstruktion. Später lernen sie die Details der Schrift kennen, die Buchstaben als Material und die Verfahren zum Erlesen. Sozusagen zuerst das Ganze, dann allmählich eine Diffferenzierung; bis hin zu den Verfahren der Analyse einzelner Wörter und der Synthese von Buchstaben." (ibid., S. 35)**

Éischt Versich a Kritzelschrëft, d'Noschreiwe vun eenzelne Buschtawen oder Wierder, d'Opfuerderung un déi Erwuessen, dat opzeschreiwen (*„dictée à l'enseignant"*), wat si soen, d'Bestriewen, fir den eegenen Numm ze schreiwen an dee vun der Mamm, dem Papp, dem beschte Frënd, sinn éischt Etappe vum aktive Schreiwen, déi op dee méi systematesche Schrëftsproocherwerb am zweete Cycle hiféieren. Et si wichteg éischt Versich, déi net nëmmen den Intressi an de Virwëtz vun de Kanner un der Schrëft weisen, mä doriwwer eraus en Zeechen dofir sinn, datt d'Kanner d'Funktioun vun där geschriwwener Sprooch am Gaang sinn z'entdecken.

Doniewent gëtt et eng ganz Rëtsch weider sougenannte „Virleeferfäerdegkeeten", déi iwwert déi zwee bis dräi Jore vum éischte Cycle entwéckelt ginn an déi et de Kanner erméiglechen, grondleeënd Wëssen, Fäegkeeten a Fäerdegkeete fir d'Liesen- an d'Schreiweléieren z'entwéckelen. Am éischte Cycle ginn deemno d'Grondlage fir de Schrëftsproocherwerb am zweete Cycle geluecht.

- D'Kanner entwéckelen eng Virstellung vum Raum: Iwwert d'Beweegung an hirem Ëmfeld (Klassesall, Gank, Spillhaff, Turnhal, Bëschplaz asw.) léiere si Positioune vu Géigestänn par rapport zu sech selwer an ënnertenee kennen. Begréffer wéi „virdrun" an „hannendrun", „uewen" an „ënnen", „erop" an „erof", „lénks" a „riets" informéieren iwwert d'Positioun vu Saachen a Mënschen am Raum. Spéider kënnt déi raimlech Orientéierung an zweedimensionalen Espacë wéi Spillpläng, Biller, Blieder asw. dobäi.

- Déi visuell Formvirstellung gëtt entwéckelt, andeems d'Kanner hire Bléck fir Detailer schäerfen, Ënnerscheeder op ähnleche Biller erkennen, identesch Biller enaner zouuerdnen, Eenzeldeeler zu engem Ganzen zesummesetzen asw.

- Si lauschteren an d'Wierder eran, erkenne Wierder, déi ähnlech kléngen, a Wierder, déi d'selwecht ufänken. Esou entwéckele si lues a lues hir sproochanalytesch Fäegkeeten.

- D'Kanner léiere verschidde Symboler an hir Bedeitunge kennen; beispillsweis erkenne si, datt d'Ziffere gebraucht gi fir Informatiounen iwwert Quantitéiten ze ginn oder eppes iwwert eng Reiefolleg auszesoen a Buschtawe fir dat, wat geschwat gëtt, festzehalen.

- Si gesinn, wou e Buch ufänkt a wou et ophält, erkennen, datt d'Handlung vun enger bestëmmter Geschicht ëmmer déi selwecht bleift (Chronologie), léieren d'Schreifrichtung (vu lénks no riets) kennen an entdecken d'Permanenz vun der Schrëftsprooch.

De *Plan d'études* gräift dës Aspekter an de Beräicher „*premiers pas vers la compréhension de l'écrit*“ (MENFP 2011, S. 63) a „*premiers pas vers la production écrite*“ (MENFP 2011, S. 65) op. Déi Kompetenzen, déi hei opgefouert ginn a fir déi kee Kompetenzsockel definéiert ginn ass, sinn zu engem groussen Deel onofhängeg vun enger bestëmmter Sprooch a kënnen esouwuel am Lëtzebuergesche wéi am Franséischen oder an den Éischtsprooche vun de Kanner entwéckelt ginn.

4.6 Sproochlech Bildung versus sproochlech Förderung

Eng vun deene wichtegsten Aufgabe vum Schoulsystem ass et, fir e Léierëmfeld ze schafen, dat alle Kanner d'Méiglechkeet gëtt, fir onofhängeg vun hirem sproochlechen, kulturellen a sozialen Hannergrond mëndlech a schréftlechsproochlech Kompetenzen op bildungssproochlechem Niveau z'entwéckelen. Fir datt dat geléngt, ass et noutwenneg, den Opbau an d'Entwécklung vu Sprooch „systematisch, koordiniert und kontinuierlich durch die Bildungsbiographie hindurch" (FÖRMIG/ Universität Hamburg 2016) ze gestalten. De Begréff vun der „Bildungsbiographie" ënnersträicht dee ganzheetlechen Usaz: Sproochlech Bildung ëmfaasst verschidde Liewensphasen (Kandheet, Jugend, Erwuessenesinn) a Liewensberäicher (d'Famill, de Beräich vun der schoulescher an der non-formaler Bildung, d'Universitéit, d'Beruffsliewen). Si geet iwwert formalsproochlech Aspekter eraus an interesséiert sech dofir, wéi e Mënsch an deene verschiddene Phase vu sengem Liewen an an deene verschiddene Liewensberäicher seng Sprooche gebraucht. Dofir gëtt am Kontext vum Sproocheléieren och ganz bewosst de Begréff vun der sproochlecher Bildung gewielt.

Sproochlech Bildung dréit am formalen an non-formale Bildungskontext zu Lëtzebuerg déi folgend Mierkmoler:

- Si fërdert d'Freed um Ëmgank mat Sprooch a Sproochen, andeem si de Kanner d'Méiglechkeet gëtt, fir op hiert gesamt sproochlecht Potential zeréckzegräifen an dëst a villfältegen a sënnstëftende Kontexter ze gebrauchen. Domat mécht si Méisproochegkeet als Chance erliefbar.
- Si riicht sech un all d'Kanner an net nëmmen u Kanner mat sproochlechem Förderbedarf. Domat geet si iwwert d'sproochlech Förderung am enke Sënn eraus: Niewent där mëndlecher Ausdrocksfäegkeet an dem éischte Kontakt mat der Schréftsprooch ëmfaasst si d'Entwécklung vu Sproochbewosstsinn sou wéi den Opbau an d'Entwécklung vu kognitiv-sproochleche Kompetenzen.
- Si ziilt op d'Wäertschätzung an d'Entfalung vun der Perséinlechkeet of, andeem si vum sproochleche Potential vun de Kanner, vun hire sproochlechen a kulturellen Erfarungen a Gewunnechten ausgeet. Esou gëtt si der Sprooch an de Sprooche vun de Kanner eng Plaz.

- Si erméiglecht en aktiven Zougank zu Welt- a Sachwëssen an alle Beräicher. Sproochlech Bildung geet dovun aus, datt Sprooch ëmmer an iwwerall „geschitt“.
- Si ëmfaasst all d’Beräicher vum Bildungssystem – vun de Crèchen iwwert d’Grondschoul an d’Lycéeë bis hin zu de Maisons-relaisen an de Jugendhaiser.
- Si schléisst all Liewensberäicher mat an a gëtt an der Zesummenaarbecht tëschent Famill, Schoul, Crèche a Maison relais ëmgesat.
- Si strieft niewent der Entwécklung vu Sproochkompetenzen och perséinlech a gesellschaftlech relevant Ziler un (en Deel vun der Gesellschaft sinn, Selbstwäertgefill a sozial Kompetenzen entwéckelen, oppe fir aner Kulturen a Gebräicher sinn).

D’Eckwäerter vu sproochlecher Bildung am éischte Cycle, déi am fënnefte Kapitel virgestallt ginn, sinn de Versuch, dei hei beschriwwen Zilsetzunge praktesch ëmsetzbar ze maachen.

4.7 Referenzen

Bibliographie

BERG, C. et al. (Hrsg.) (2007): Lesekompetenzen Luxemburger Schülerinnen und Schüler auf dem Prüfstand. PIRLS 2006. Ergebnisse, Analysen und Perspektiven zu PIRLS 2006. Münster: Waxmann.

BERTEMES et al. (2013): PISA 2012. Nationaler Bildungsbericht Luxembourg. Luxembourg: MENFP - Ministère de l'Éducation nationale et de la Formation professionnelle, Grand-Duché de Luxembourg; Université du Luxembourg, Unité de Recherche EMACS (Educational Measurements and Applied Cognitive Science).

BOSCH, B. (1937): Grundlagen des Erstleseunterrichts. Korrigierte Reprintausgabe. Frankfurt: Arbeitskreis Grundschule 1984.

COE – Council of Europe, Language Policy Division (2009): Language as Subject. URL: https://rm.coe.int/CoERMPublicCommonSearchServices/DisplayDCTMContent?documentId=09000016805a2234 (01.08.2018).

COE – Council of Europe, Language Policy Division (2015): The Language Dimension in all Subjects. Handbook for Curriculum development and teacher training. URL: https://www.ecml.at/coe-docs/language-dimensions-subjects-EN.pdf (01.08.2018).

CUMMINS, J. (1979): Linguistic Interdependence and the Educational Development of Bilingual Children. Aus: Review of Educational Research, 49, 222-251.

CUMMINS, J. (1984): Bilingualism and Special Education. Issues in Assessment and Pedagogy. Clevedon: Multilingual Matters.

CUMMINS, J. (2000): Language, Power and Pedagogy. Bilingual Children in the Crossfire. Bristol: Multilingual Matters.

CUMMINS, J. (2007): Rethinking monolingual instructional strategies in multilingual classrooms. Aus: The Canadian Journal of Applied Linguistics, 10, 221-240.

DEHN, M. (2012): Kinder & Lesen und Schreiben. Was Erwachsene wissen sollten. Seelze-Velber: Klett/Kallmeyer.

DEHN, M.; OOMEN-WELKE, I.; OSBURG, C. (2012): Kinder & Sprache(n). Was Erwachsene wissen sollten. Seelze-Velber: Klett/Kallmeyer.

FEILKE, H. (2012): Bildungssprachliche Kompetenzen – fördern und entwickeln. Aus: Praxis Deutsch 233, 4-13.

FÖRMIG – Förderung von Kindern und Jugendlichen mit Migrationshintergrund. Hamburg: Universität, FÖRMIG-Kompetenzzentrum. URL: https://www.foermig.uni-hamburg.de/bildungssprache/durchgaengige-sprachbildung.html (01.08.2018).

GARCÍA, O. (2009): Bilingual Education in the 21st Century. A Global Perspective. Malden, MA: Wiley-Blackwell.

GARCÍA, O.; KLEIFGEN, J. A. (2010): Educating Emergent Bilinguals. Policies, Programs and Practices for English Language Learners. New York: Teachers College Press.

GARCÍA, O.; WEI, L. (2014): Translanguaging. Language, Bilingualism and Education. New York: Palgrave Macmillan.

GOGOLIN, I. et al. (2013): Herausforderung Bildungssprache – und wie man sie meistert. Münster: Waxmann.

HABERMAS, J. (1977): Umgangssprache, Wissenschaftssprache, Bildungssprache. Aus: Generalverwaltung der Max-Planck-Gesellschaft (Hrsg.): Max-Plank-Gesellschaft Jahrbuch 1977. Göttingen: Vandenhoeck & Ruprecht, 36-51.

LANGE, I.; GOGOLIN, I. (2010): Durchgängige Sprachbildung. Eine Handreichung. Münster: Waxmann.

LANGE, I.; GOGOLIN, I. (2011): Bildungssprache und durchgängige Sprachbildung. Aus: FÜRSTENAU, S.; GOMOLLA, M. (Hrsg.): Migration und schulischer Wandel. Mehrsprachigkeit. Wiesbaden: VS Verlag, 107-127.

MAGÈRE, P.; EMSEIN, N.; POTY, M. (1998): La situation de la langue française parmi les autres langues au Grand-Duché de Luxembourg. Luxembourg: Centre Culturel Français, Centre d'Études et de Recherches Européennes Robert Schumann, Université de Metz.

MARTIN, R.; UGEN, S.; FISCHBACH, A. (Hrsg.) (2015): Épreuves Standardisées. Bildungsmonitoring für Luxemburg. Nationaler Bericht 2011-2013. Luxembourg: Centre for Educational Testing (LUCET).

MENFP - Ministère de l'Éducation nationale et de la Formation professionnelle, Grand-Duché de Luxembourg (2007): Die Zeitmaschine. Lëtzebuerger Geschichtsbuch. Luxembourg: Éducation nationale.

MENFP – Ministère de l'Éducation nationale et de la Formation professionnelle, Grand-Duché de Luxembourg (2008): Bildungsstandards Sprachen. Leitfaden für den kompetenzorientierten Sprachenunterricht an Luxemburger Schulen. Luxembourg: MENFP.

MENFP – Ministère de l'Éducation nationale et de la Formation professionnelle, Grand-Duché de Luxembourg (2010): Ouverture aux langues à l'école. Vers des compétences plurilingues et pluriculturelles. Luxembourg: MENFP.

MENFP – Ministère de l'Éducation nationale et de la Formation professionnelle, Grand-Duché de Luxembourg (2011): Plan d'études. École fondamentale. Luxembourg: MENFP.

MENJE – Ministère de l'Éducation nationale, de l'Enfance et de la Jeunesse, Grand-Duché de Luxembourg (2012): Das Luxemburger Zahlenbuch 1. Luxembourg: MENJE.

MENJE – Ministère de l'Éducation nationale, de l'Enfance et de la Jeunesse, Grand-Duché de Luxembourg (2015). Enseignement fondamental. Cycles 1 à 4. Éducation différenciée. Statistiques globales et analyse des résultats scolaires. Année scolaire 2013/14. Luxembourg: MENJE.

MENJE – Ministère de l'Éducation nationale, de l'Enfance et de la Jeunesse, Grand-Duché de Luxembourg (2016): Enseignement fondamental. Éducation différenciée. Statistiques globales et analyse des résultats scolaires. Année scolaire 2014/15. Luxembourg: MENJE.

MENJE – Ministère de l'Éducation nationale, de l'Enfance et de la Jeunesse, Grand-Duché de Luxembourg (2017): Enseignement fondamental. Cycles 1 à 4. Éducation différenciée. Statistiques globales et analyse des résultats scolaires. Année scolaire 2015/16. Luxembourg: MENJE.

NEUGEBAUER, C.; NODARI, C. (2012): Förderung der Schulsprache in allen Fächern. Praxisvorschläge für Schulen in einem mehrsprachigen Umfeld. Kindergarten bis Sekundarstufe I. Luxemburg: MENFP, Bern: Schulverlag plus AG.

ROTH, H.-J. (2008): Mehrsprachigkeit als Ressource. Perspektiven für Schule und Elementarbereich. Aus BERG, C.; FERRING, D.; WEIS, C. (Hrsg.): Sprachförderung in der fühen Kindheit. Ergebnisse eines INSIDE-Workshops. Bertrange: Rapidpress, 11-35.

SALEM, T. et al. (Hrsg.) (2013): Netzwerke für durchgängige Sprachbildung 1. Grundlagen und Fallbeispiele. Münster: Waxmann.

SOMERS, T. et al. (2014): Multilingualism as a Resource for Learning and Teaching. Aus: MORYS, N. et al. (Hrsg.): Lernen und Lehren in multilingualen Kontexten. Zum Umgang mit sprachlich-kultureller Diversität im Klassenraum. Frankfurt am Main: Peter Lang Edition, 85-99.

TRACY, R. (2008): Wie Kinder Sprachen lernen. Und wie wir sie dabei unterstützen können, 2. überarbeitete Auflage. Tübingen: Francke.

Gesetzestext

Loi du 29 juin 2017 portant modification de la loi modifiée du 6 février 2009 portant organisation de l'enseignement fondamental. URL: http://legilux.public.lu/eli/etat/leg/loi/2017/06/29/a617/jo (01.08.2018).

5

Kapitel 5

Sproochlech Bildung am éischte Cycle: Grondleeënd Prinzipien

Dat véiert Kapitel beschäftegt sech mat de Sprooche (*langues*), déi am éischte Cycle vu Bedeitung sinn, mat den Ufuerderungen, déi de Sproochgebrauch an der Schoul (*langage*) un d'Héierverständnis an d'Schwätze vun de Kanner stellt (Stéchwuert *Bildungssprooch*), a mat den Zilsetzunge vu sproochlecher Bildung am éischte Cycle.

An deene leschte Kapitele vun dësem Recueil geet et elo drëm ze beschreiwen, a Form vun Eckwäerter, wéi e Kader fir d'Sproocheléiere ka geschafe ginn, an deem jonk Kanner Kompetenzen, Wëssen, Fäegkeeten a Fäerdegkeeten a méi wéi enger Sprooch entwéckele kënnen, esou datt d'Virdeeler vu fréier Méisproochegkeet zum Droe kënne kommen. Den Ufank maachen an dësem fënnefte Kapitel déi grondleeënd Prinzipie vu sproochlecher Bildung am éischte Cycle. Si ginn dovun aus, datt Sprooch ëmmer an iwwerall entsteet a „geschitt", wa Kanner an Erwuessener zesumme liewen an zesumme léieren, an datt Kanner laang virun hirer Zäit am éischte Cycle zu der Sprooch kommen an och nom éischte Cycle nach eng ganz Rëtsch vu wichtegen Etappe viru sech hunn.

D'Approche, déi sech heiraus ergëtt, baut op deem op, wat d'Kanner matbréngen a wat si brauchen, a schléisst domat implizit all d'Sproochen a Forme vu Sproochgebrauch an. Si ass ganzheetlech orientéiert, andeems si d'Sprooch als en Deel vum Ganze gesäit, kontextualiséiert, andeems si d'Sprooch opgräift, déi sech aus dem Kontext eraus ergëtt a villfälteg Sproochulëss schaaft. Si betount d'Wichtegkeet vun Interaktiounen an hëlt de Léierwee vum Kand an de Bléck. Sproochlech Bildung beschränkt sech net op den aktuelle Kontext vum éischte Cycle, mä bezitt all Akteur, all Liewens- an all Léierberäich mat an.



Grafik 6: Grondleeënd Prinzipie vu sproochlecher Bildung am éischte Cycle

5.1 Ressourcenorientéiert: Op deem opbauen, wat d'Kanner matbréngen

D'Sprooch an d'Sprooche vun de Kanner als Ausgangspunkt huelen

Eng ressourcenorientéiert Approche geet, wéi d'Bezeechnung et seet, vun dem Kand senge Ressourcen aus. An dësem Kontext gi virun allem déi sproochlech Ressourcen an de Bléck geholl, dat heescht, d'Sproochwëssen an d'Sproocherfarungen, déi d'Kand an d'Schoul matbréngt (an der Sprooch/de Sproochen, mat deenen hatt doheem opwiisst, déi hatt an der Crèche, an der Maison relais oder bei der Dagesmamm héiert a schwätzt, grad ewéi d'Manéier, wéi hatt d'Sprooche gebraucht respektiv wéi seng no Bezuchspersounen dës mat him gebrauchen). Och wann den Accent hei aus novollzéibare Grënn op de sproochlechen Aspekter läit, ass eng ressourcenorientéiert Approche dach ëmmer ganzheetlech ausgeriicht: Si kuckt d'Kand als Ganzt a seng sproochlech Entwécklung als wichtegen Deel vu senger Gesamtentwécklung.

De Josh huet sech am Ufank vum Schouljoer heefeg zeréckgezunn; hien huet fir sech gespillt an esou nëmme schwéier Uschloss un de Rescht vum Grupp fonnt. An dëser Zäit huet hien dacks mam Bauerenhaff gespillt; hei huet hien d'Déiere matenee schwätze gelooss a kleng Rollespiller inzeenéiert. Dem Educateur ass dem Josh säin Erzieltalent net entgaangen an hien huet de Jong iwwert de Wee vum dialogesche Liesen aktiv mat an d'Geschichten agebonnen. No an no huet de Josh vun deenen anere Kanner nei Opmierksamkeet kritt.

E positive Bléck op d'Sprooch an d'Sprooche vun de Kanner hunn

E ressourcenorientéierte Bléck op d'Sproochen ass positiv: Dat, wat d'Kand u Sprooch a Sprooche matbréngt, gëtt als Ausgangspunkt geholl, fir nei Sproochen ze léieren, bzw. déi besteeënd Sproochen a säi Sproochwësse weiderzeentwéckelen (cf. 4.2.4, S. 15; 6.3, S. 103).

De Benni interesséiert sech am Ament besonnesch fir schwéier Gefierer; dat kënnt dohier, well niewent sengem Haus e grousse Schantjen ass. Haut féiert hie mam Holzcamion d'Legostécker aus der Këscht op de Bauteppech, wou d'Jana an de Mik zesummen en Tuerm mat de Stécker opriichten. Niewent dem *BRRRRRRRRMMMMMM*, mat deem hien déi beandrockend Gréisst vum Camion weist, erkläert hien de Kanner, wat hien Dag fir Dag doheem gesäit: „*De Camion do ass net sou. Ass blo!*", „*Ass souuuuu grouss!*" (hie weist d'Gréisst mat den Hänn). D'Enseignante setzt sech op den Teppech bei d'Kanner, lauschtert no a gräift dat, wat de Benni seet, duuss op. („*Doheem bei dir gëtt et e bloe Camion? E grousse bloe Camion?*"; „*Féiert dee grousse bloe Camion och esou kleng faarweg Stécker? Oder féiert hie méi déck Stécker?*" asw.)

Eng ressourcenorientéiert Approche setzt d'Vertraue vum Erwuessenen an déi sproochlech Fäegkeete vun de Kanner viraus an ziilt dorop of, fir hinne Vertrauen an hir Fäegkeeten ze ginn.

5.2 Bedierfnesorientéiert: Vun deem ausgoen, wat d'Kanner brauchen

Wat brauch e Kand, fir sech beschtméiglech z'entwéckelen?

Wann eng ressourcenorientéiert Approche d'Opmierksamkeet op dat riicht, wat do ass, heescht dat net, datt Schwieregkeeten a Stolpersteng iwwersinn oder net gesi ginn. Niewent dem Bléck op dat, wat d'Kand u sproochleche Ressourcë matbréngt, stellt sech nämlech och d'Fro no deem, wat hatt brauch, fir kënnen deen nächste Schrëtt ze maachen, a wat hatt méiglecherweis drun hënnert, fir dësen ze maachen. Den Iwwergank tëschent ressourcen- a bedierfnesorientéierter Approche ass deemno fléissend.

Verschidde Kanner brauchen a bestëmmte Momenter a Situatioune méi Opmierksamkeet wéi anerer: De Josh fillt sech am grousse Grupp nach onsécher, hie brauch den Erwuessenen, deen hien un déi aner Kanner eruféiert; dem Letizia ass d'Sprooch, déi am Precoce geschwat gëtt, nach friem an hatt brauch e strukturéierte sproochlechen Input als Upak; den Ivo traut sech am Gespréichskrees net, fir d'Wuert z'ergräifen, wa seng Frëndin Mina net niewent him sëtzt.

De Bléck op de Sproochgebrauch vun de Kanner riichten

E méisproochege Kontext bréngt ganz ënnerschiddlech Sproochbiographien ervir, jee nodeem, wéini e Kand eng Sprooch léiert, wéi vill a wéi ee Kontakt hatt mat der Sprooch huet a wéi eng emotional Bedeitung si fir hatt huet (cf. 2.2.3, S. 16). E Bléck op déi verschidde Sproochsituatiounen an den ënnerschiddleche Sproochgebrauch vun de Kanner schäerft d'Bewosstsinn vum Erwuessene fir dat, wat d'Kand an där jeeweileger Situatioun brauch:

- Wéi e Kand versteet an/oder schwätzt wéi eng Sprooch(en)? D'Sprooche vun der Schoul? Eng oder méi aner Sprooche wéi déi vun der Schoul? Eng oder méi aner Sproochen niewent deene vun der Schoul?
- Wéini a mat wiem gebraucht hatt wéi eng Sprooch(en)? Firwat?
- Wéi gebraucht hatt déi verschidde Sprooch(en)?

- Huet hatt eng Sprooch, an där et him méi liicht fält, fir ze kommunizéiere wéi an aneren? Gebraucht hatt fir verschidden Theme verschidde Sproochen? Gëtt et Themen, bei deenen hatt sproochlech méi aktiv ass wéi bei aneren?
- Gëtt et Kanner, mat deenen hatt besonnesch vill schwätzt? Anerer, zu deenen hatt sech net higezu fillt? Mat deenen hatt éischter streit wéi mat aneren?
- Schwätzt hatt virun allem, wann hatt mat anere Kanner zesummen ass, déi seng Sprooch/ seng Sprooche schwätzen? Wéi eng Léiersituatioune si gëeegent, fir hatt mat Kanner zesummenzebréngen, déi eng aner Sprooch schwätzen?
- (...)

Dobäi kënnt, datt et ënnerschiddlech Léiertyppe gëtt: Aus deenen enge Kanner spruddelt et fërmlech eraus, si hu Loscht ze schwätzen, sech matzedeelen, a stéiere sech och net drun, wa si Feeler maachen. Aner Kanner dogéint lauschtere fir d'éischt emol no; dat bedeit net, datt si sproochlech inaktiv sinn (cf. Tracy 2008, S. 86). De Sproochléierprozess gëtt vun aktiven a rezeptive Phase bestëmmt; d'Verständnis an d'Produktioun vun der Sprooch ginn Hand an Hand. Wéini e Kand, dat op dem Wee an eng nei Sprooch ass, d'Wuert ergräift, seng Gedanken, Erfarungen a Gefiller sproochlech zum Ausdrock bréngt, ass deemno ganz ënnerschiddlech. Eng bedierfnesorientéiert Approche dréit deene verschiddene Léiertyppe Rechnung a schaaft Raum fir ze schwätzen a fir nozelauschteren.

D'Kiara wiisst doheem eesproocheg op. Seng Mamma a säi Pappa schwätzen alle béid mat him chinesesch. Dat éischt Joer an der Schoul huet d'Kiara virun allem nogelauschtert, wann déi aner Kanner matenee geschwat hunn. Deemools huet hatt awer och schonn op Virschléi, Froen an Äusserunge vun deenen anere Kanner reagéiert, dacks andeems hatt sech duerch Réckgréff op Gestik, Mimik a mat Hëllef vu Géigestänn aus sengem Ëmfeld verständlech gemaach huet. Am Ufank vum zweete Joer am éischte Cycle huet d'Kiara ugefaangen, Lëtzebuergesch ze schwätzen. Hei ass et opgefall, datt hatt direkt kuerz an einfach Sätz gemaach huet. D'Kiara huet deemno iwwert Méint virun allem Sprooch opgeholl, Strukture gespäichert, mat bekannte Sproochstrukturen ofgeglach asw. Hatt huet op besteeënd Wëssen a Fäegkeeten zeréckgegraff, fir neit Sproochwëssen opzebauen. Wéi hatt sech prett gespiert huet, huet hatt ugefaangen, seng Sprooch och produktiv anzesetzen.

Déi momentan Bedierfnesser an Intressie vun de Kanner beuechten

An enger bedierfnesorientéierter Approche spillen och déi momentan Bedierfnesser vun engem Kand eng Roll beim Plange vu sproochlechen Aktivitéiten. Launen a Gemittszoustänn hunn en Afloss op d'Opnambereetschaft an d'Opnamfäegkeet vun engem Kand an dierfen net ausser Uecht gelooss ginn. Kanner hu méi dacks de Wonsch, fir sech zeréckzezéien – well si grad Sträit mam Frënd/mat der Frëndin haten, well si de Papp oder d'Mamm vermëssen, well si hiert Knuddelduch doheem vergiess hunn asw. Aner Kanner brauche Raum, fir sech midd ze maachen a sech auszetoben, well si virdrun eng länger Zäit ganz konzentréiert bei der Saach waren, well si hirer Roserei Loft musse maachen asw.

Niewent deem, wat d'Kand matbréngt, an deem, wat hatt brauch, geet et awer och drëm ze kucken, wat d'Kand an engem bestëmmten Ament interesséiert. De Kanner hir Erfarungswelt, ob real oder erfonnt, fënnt hei hir Plaz.

> **„Die Qualität und die Länge einer sprachlichen Äußerung ist in vielen Fällen eher vom Interesse des Kindes an den Gesprächspartnerinnen bzw. -partnern oder vom Inhalt des Gesprächs abhängig als von den sprachlichen Fähigkeiten." (Zell 2013, S. 27)**

Aktivitéiten, déi op den Intressie vun de Kanner opbauen, kënnen an héijem Mooss sproochförderlech sinn, well si d'Kanner motivéieren, sech sproochlech zu deem auszedrécken, wat si beréiert, an hinnen d'Gefill vermëttelen, datt et sech lount, fir ze schwätzen.

„*Joffer kuck!*" – D'Joleen huet nei Schong kritt: Si si giel an hunn eng Tirett a glitzereg Punkten. Jiddwer Kand gëtt mat „*Kuck!*" begréisst a kritt d'Féiss entgéintgestreckt. Am Bichereck gëtt et e Billerbuch, dat de Kaf vun neie Schong zum Thema huet – dat eegent sech haut besonnesch gutt, fir zesummen ze kucken; well et dem Joleen Zäit a Raum gëtt, fir iwwert de Kontext vun der Geschicht säi perséinlecht Schongkaf-Erliefnes ze beschreiwen an ze verschaffen.

5.3 Sproochiwwergräifend: All Sprooch an all Form vum Sproochgebrauch abezéien

Deene verschiddenen Ausdrocksméiglechkeete vun de Kanner Raum ginn

Ob doheem, an der Schoul, an der Crèche, an der Maison relais oder op der Spillplaz: D'Kanner passen hire Sproochgebrauch där jeeweileger Situatioun an hire(m) Gespréichspartner un. Wann déi mëndlech Sprooch eleng net méi duergeet, schwätze si mat den Aen, den Hänn, de Féiss asw. Si gräifen deemno op hiert ganzt sproochlecht an net-sproochlecht Potential zeréck. Hei schwätzt ee vun engem Prozess, bei deem

> **„(…) Personen flexibel und strategisch auf ihr gesamtes sprachliches und nicht-sprachliches Repertoire zurückgreifen, um zu kommunizieren, Wissen zu konstruieren, Verständnis zu erzeugen und ihre sprachliche Identität auszudrücken." (Kirsch/Mortini 2016, S. 23)**

Eng sproochiwwergräifend Approche stellt de Kanner hiren dynameschen Ëmgank mat der Sprooch (García 2009, S. 140) an de Mëttelpunkt.

Sproochmëschungen als Deel vum Léierprozess gesinn

Wa Kanner eng nei Sprooch léieren, gräife si op besteeënd Wëssen an enger oder méi Sproochen zeréck an iwwerdroen et op déi nei Sprooch(en). Et sinn dëst de Kanner hir legitim Sproochressourcen (cf. Panagiotopoulou 2016), déi si asetzen, fir verstanen ze ginn oder Bedeitungen z'erschléissen. D'Transferte vun enger op déi aner Sprooch sinn och Zeeche vun engem dynameschen Ëmgank mat de Sproochen. Si kënnen zu Sproochvermëschunge féieren, och nach Sproochkontaktphänomener genannt (cf. 3.4, S. 57). An enger sproochiwwergräifender Approche ginn dës als Etapp vum Léierprozess ugesinn a geziilt thematiséiert: am spontanen Dialog, iwwert méisproocheg Bicher oder mat Hëllef vu geziilte Sproochvergläicher (Wéi eng Wierder gläiche sech? Wéi eng si ganz anescht? Wéi begréisse Mënsche sech op verschiddene Plazen op der Welt? Asw.).

Sproochlech Ufuerderungen am schoulesche Kontext beuechten

Och d'Ufuerderungen un d'Sprooch am schoulesche Kontext ginn an enger sproochiwwergräifender Approche explizit opgegraff. Wéi am véierte Kapitel scho beschriwwen, geschitt den Iwwergank vun alldags- op bildungssproochlech Kompetenzen net automatesch (cf. 4.3.3, S. 25): Den Enseignant/d'Enseignante an den Educateur/d'Educatrice si Sproochmodeller, déi duerch d'Aart a Weis, wéi si schwätzen, ganz bewosst Brécken baue kënnen tëschent der mëndlecher Ëmgangssprooch an där Form vun abstrakter, ausdifferenzéierter an dekontextualiséierter Sprooch, déi an der Schoul gebraucht gëtt. Och wann d'Sprooch virrangeg a konkreten an authentesche Situatioune gebraucht gëtt (cf. 5.6, S. 58), ass et den Enseignant, deen de Kanner hëlleft, sech lues a lues, hirer Entwécklung entspriechend, mat der Sprooch u sech ze befaassen (beispillsweis sech an dës eranzelauschteren, ze héieren, wéi eng Wierder d'selwecht a wéi eng anescht ufänken).

Si sinn awer net nëmme Virbiller duerch hir Manéier, fir ze schwätzen, mä och doduerch, wéi si hir Méisproochegkeet am Alldag liewen. Andeems si grad wéi d'Kanner op hiert gesamt sproochlecht Potential zeréckgräifen, baue si net nëmme Brécken tëschent de Sproochen. Si weisen och, wéi flott a wéi wichteg et ass, méi Sproochen ze kënnen an op dës Manéier d'Panoplie un Ausdrocksméiglechkeeten däitlech z'erweideren. Duerch den dynameschen Ëmgank mat hiren eegene Sproochen encouragéiere si och d'Kanner dozou, fir op all hir Sproochen zeréckzegräifen. Dat wëllt awer net heeschen, datt zu all Ament am Dag d'Sproochen all niewent- a mateneen agesat ginn. Spéider gëtt dëse Volet am Detail virgestallt (cf. 6.2.5, S. 96; 7.3, S. 130).

Eng sproochiwwergräifend Approche ass staark mat der ressourcen- a bedierfnesorientéierter Approche verbonnen. D'Abezéie vun de Kanner hiren Éischtsprooche stäerkt d'Vertrauen an hir sproochlech Fäegkeeten an d'Motivatioun, aner (nei) Sproochen ze léieren.

5.4 Kontinuéierlech a kohärent: All Liewensberäich an all Akteur abezéien

Eng Approche, déi all Liewensberäich ëmfaasst, geet dovun aus, datt vill Léierprozesser baussent der Schoul geschéien (virun allem an der Famill, awer och op der Spillplaz, bei der Dagesmamm, an der Maison relais asw.) an datt all déi wichteg Akteuren a Bezuchspersounen am Ëmfeld vum Kand en Deel zu senger sproochlecher Entwécklung bäidroen: d'Elteren, d'Geschwëster a weider Familljememberen, d'Personal aus de Crèchen an de Maison-relaisen an/oder d'Dagesmamm grad ewéi d'Enseignanten/d'Enseignanteën aus dem zweete Cycle. An enger Rëtsch vu Schoulen ënnerstëtzt eng portugiseschsproocheg Léierpersoun den Enseignant/d'Enseignante an den Educateur/d'Educatrice an hirer sproochlecher Bildungsaarbecht. Si gëtt der portugisescher Sprooch eng Plaz an der Klass a bënnt dës als wichteg Ressource mat an; doniewent gëtt si den Eltere wichteg Informatiounen iwwert d'Entwécklung vun der Éischtsprooch.[1] Dës Initiativ ass ee Beispill dofir, wéi déi verschidde Liewensberäicher an Erfarungen vun de Kanner matenee kënne verknëppt ginn.

Kontinuitéit a Kohärenz – vun Ufank un e roude Fuedem hunn

Engersäits knëppt d'Sproocheléieren am éischte Cycle un deem un, wat d'Kanner virdru gesinn an erlieft hunn. Anerersäits ginn d'Kanner an dësen éischten zwee bis dräi Joer vun der Grondschoul och op dat virbereet, wat duerno kënnt. E gemeinsam gedroent Verständnis vu sproochlecher Bildung, dat sech wéi e roude Fuedem duerch déi verschidde Bildungskontexter zitt an deene jeeweilege Spezifizitéite Rechnung dréit, ass d'Basis fir d'Entwécklung an den Opbau vu mëndlechen a schréftsproochleche Kompetenzen a méi wéi enger Sprooch (cf. 4.3.3, S. 25). Déi grondleeënd Prinzipie vu sproochlecher Bildung, déi an dësem Kapitel definéiert ginn,

[1] Assistant de langue portugaise au cycle 1, URL: https://portal.education.lu/secam/Fondamental (→ Mesures pour lusophones) (01.08.2018)

schléissen un d'Sproochekonzept fir ee- bis véierjäreg Kanner an de Crèchen un a sinn hirersäits d'Grondlag fir d'Fortsetzung vum Sproocheléieren am zweete Cycle, ënnert anerem mat Bléck op de Schrëftsproocherwerb an däitscher Sprooch an d'Entwécklung vu mëndleche Kompetenzen an der franséischer Sprooch.

Transitiounsphasen spillen an dësem Kontext eng wichteg Roll. Eng gemeinsam geplangten Iwwergangsphas tëschent dem éischten an dem zweete Cycle, beispillsweis mat cycleiwwergräifenden Aktivitéiten oder engem „Schnupperdag", gëtt de Kanner Ableck an den Alldag vum zweete Cycle an hëlt dësem dat Neit an Onbekannt. Bekannten Aktivitéitsformater, déi a béide Cyclë genotzt ginn, maachen de Kanner d'Orientéierung méi einfach an hëllefen hinnen, fir sech deenen neien Erausfuerderunge besser stellen ze kënnen: Ritualer, Lidder, déi widderholl an ausgebaut ginn, bekannte Geschichten, déi opgegraff an zu Parallelgeschichten[2] ausgebaut ginn asw. Awer och den Iwwergank tëschent der Crèche an dem Elterenhaus am Ufank vum éischte Cycle ass an dësem Zesummenhank relevant: Och hei kënne beispillsweis gemeinsam Projeten, Deeg vun der oppener Dir, den Iwwergank vun enger an déi aner Liewenswelt méi einfach maachen.

Zesummenaarbecht mat den Elteren – Brécken tëschent Schoul an Doheem bauen

D'Eltere spillen eng wichteg Roll am Kontext vun enger kohärenter a kontinuéierlecher Approche. Si si souzesoen déi éischt an och déi wichtegst „Léierpersoune" vun hirem Kand: Mat hinnen zesumme mécht d'Kand seng éischt Sproocherfarungen a si sinn et, déi seng sproochlech Entwécklung iwwert déi ganz Schoulzäit ewech begleeden an ënnerstëtzen. Déi sproochlech Bildungsaarbecht an der Schoul kann déi sproochlech Interaktioun doheem ergänzen, weiderféieren a verdéiwen; d'Wäertschätzung an d'Abezéie vun den Éischtsproochen an der Schoul kënnen de Sproochgebrauch am Elterenhaus ënnerstëtzen. Béides awer kann dat, wat sproochlech am Elterenhaus geschitt, net ersetzen.

De reegelméissege Kontakt an den Austausch mat den Elteren hëllefen dem Enseignant/der Enseignante an dem Educateur/der Educatrice, d'Kand besser ze verstoen a seng kleng a grouss Fortschrëtter an alle Sproochen ze gesinn an zoueneen a Bezéiung ze setzen.

[2] Eng Parallelgeschicht ass eng Form vun Erzielung, déi als Virlag eng besteeënd Geschicht huet a sech un där hirem Handlungsverlaf orientéiert.

Dem Santiago seng Mamm erzielt der Enseignante, datt hire Jong a leschter Zäit mat sengem klenge Brudder zesummen déi Bicher kuckt, déi hien an der Schoulbibliothéik léint a sengem Brudder d'Geschicht op Portugisesch erzielt. Opgrond vun dëser Informatioun kann d'Enseignante bewosst Sproochvergläicher an d'Geschicht abauen an op de Santiago als Iwwersetzer zeréckgräifen.

Doniewent kréien d'Elteren, an de Gespréicher mat de Fachleit aus dem éischte Cycle, Äntwerten op hir Froen zu dem Sproochléierprozess vun hirem Kand an dem Sproochgebrauch doheem:

- Ass eist Kand mat deene ville Sproochen a sengem Ëmfeld net iwwerfuerdert?
- Wéi kënne mir him dobäi hëllefen, déi verschidde Sprooche vuneneen z'ënnerscheeden?
- Ass et net méi wichteg fir Franséisch amplaz Portugisesch ze schwätzen?
- Solle mir net och Englesch mat eisem Kand schwätzen, fir datt hatt besser op dat virbereet ass, wat nach op hatt duerkënnt?
- (...)

Gemeinsam Aktiounen an Aktivitéiten hëllefen allen Akteuren z'erkennen, wourop et beim Sproocheléieren ukënnt. Wann d'Elteren d'Méiglechkeet kréien, fir aktiv um Schoulalldag deelzehuelen, gesi si net nëmmen, wéi hiert Kand sech sproochlech an der Schoul verhält, mä och, méi allgemeng, wéi Sprooch an der Schoul gebraucht gëtt. D'Léierpersonal an dat edukatiivt Personal gesinn hirersäits, wéi Kanner an Eltere sproochlech interagéieren:

- Wéi eng Sprooche gebrauchen d'Eltere mat hirem Kand?
- Bleiwe si an där selwechter Sprooch oder wiessele si tëschent de Sproochen hin an hier a wa jo, firwat geschitt dëse Wiessel?
- Verhält d'Kand sech anescht bei den Eltere wéi bei mir? Wa jo, firwat?
- Kann ech eppes vun der Aart a Weis, wéi d'Mamm/de Papp sech sproochlech mat hirem Kand verhält, fir mech mat eriwwerhuelen?
- (...)

Méiglechkeeten, fir Elteren aktiv mat anzebannen, gëtt et der vill: Eng Geschicht an hirer Sprooch erzielen, gemeinsam Aktivitéite mat de Kanner zesumme maachen oder Theaterstécker a Rollespiller mat plangen a mat ëmsetzen asw. Si léiere Spiller a Bicher kennen, déi si mat heem huelen an

doheem mat hire Kanner entdecke kënnen. Verschidde Projete wéi de Sac d'histoires[3], bei deem eng Geschichteposch mat heemgeet oder d'Handpopp, déi all Weekend bei engem anere Kand verbréngt, baue ganz bewosst Brécken tëschent der Schoul an dem Elterenhaus a schafen esou e gemeinsame „Sprooch-Raum". Familljefotoen oder Postkaarten aus der Vakanz ginn de Kanner hirem Doheem eng Plaz an der Schoul a loosse Sprooch entstoen. Informatiounen a verschiddene Sproochen (Elterebréiwer, Gedichter, Menüspläng vun der Maison relais) erhéijen d'Transparenz vum Schoulbetrib a maachen den Elteren et méi einfach, fir sech anzebréngen. Schëlter a verschiddene Sproochen, eng Markéierung vun de wichtege Plazen am Agangsberäich (beispillsweis de Schaf mat de Buddelboxen, d'Këscht mat de Schlappen, d'Gefaach fir d'Händschen an d'Mutzen) droen hiren Deel dozou bäi, datt d'Kleeder do ukommen, wou si higehéieren, an erliichteren den Elteren d'Orientéierung an der Schoul. Aktivitéite ronderëm d'Sprooch(en) am Ëmfeld vum Kand kënnen zesummen organiséiert ginn: eng Visite an der Mediathéik oder am Musée oder eng Sproochentdeckungsrees am Quartier oder dem Duerf asw. Bei dëse Geleeënheete gi Brécken tëschent de Sproochen an enger an där selwechter Situatioun gebaut.

Zesummenaarbecht mat der Maison relais – duerch de professionellen Austausch en nuancéierte Bléck op d'Sproochverhale vum Kand kréien

Kanner, déi baussent de Schoulzäiten an der Maison relais betreit ginn, sinn och hei sproochlech aktiv: Beim Spill mat aneren, beim gemeinsamen Iessen, wa si zesumme bastelen a molen oder e Buch kucken, wa si dem Educateur/der Educatrice vun hirem Dag an der Schoul oder vun doheem erzielen asw. Den Austausch iwwert de Sproochgebrauch an d'Sproochverhale vun de Kanner a verschiddene Bildungskontexter kann de Bléck vun allen Akteure schäerfen an nuancéieren a jidderengem nei a wichteg Informatioune ginn, déi zu engem méi déiwe Versteesdemech féieren.

All dës Aktivitéiten an Initiativen hëllefen, d'Léierprozesser a verschiddene Beräicher mateneen ze vernetzen an dës och e Stéck wäit aus enger anerer Perspektiv ze betruechten. Doriwwer eraus si si d'Basis fir eng gemeinsam Léierkultur tëschent allen Akteuren.

[3] Informatiounen zu dësem Projet sinn ënnert dësem Link ze fannen: https://portal.education.lu/inno/PROJETS/Projets-Détail/ArtMID/3328/ArticleID/311/Sacs-dhistoires

5.5 Ganzheetlech orientéiert: D'Sprooch als en Deel vum Ganze gesinn

D'Entwécklung vum Kand ass e villschichtegen a vernetzte Prozess

D'Léiere vun enger Sprooch hänkt beim Kand enk mat senger sozialer, emotionaler, motorescher a kognitiver Entwécklung zesummen; säi Sproochléierprozess kann deemno net lassgeléist vu senger Gesamtentwécklung betruecht ginn. D'Denken, d'Gefiller an d'Erfarungen, déi e Kand mécht, loosse sech net vuneneen trennen oder kompartimentéieren. Wichteg Meilesteng an engem Beräich bréngen och ëmmer nei Entwécklungsschrëtt an anere Beräicher mat sech.

Eng ganzheetlech Approche orientéiert sech un der Manéier, wéi d'Kanner léieren a sech entwéckelen. Si gëtt hinnen d'Méiglechkeet, fir d'Welt mat alle Sënner z'erschléissen an hir Erfarungen a Sprooch ze kleeden – a sënnvollen, alldagsrelevanten a bedeitungsdroende Situatiounen, an deene si dat, wat si gesinn a maachen, wat si richen, fillen a schmaachen, wat si duerch Beweegung léieren, beschreiwen, erklären an erfroe kënnen. D'Sprooch gëtt deemno an alle Léierberäicher opgebaut a weiderentwéckelt.

Eng ganzheetlech Approche versicht, deene verschiddene Léiertyppe gerecht ze ginn, an ass dofir multimodal ausgeriicht. Dëst huet als Konsequenz fir sproochlech Aktivitéiten, datt si ënnerschiddlech Zougäng virgesinn: Beweegung, Musek, Rollespiller, Molen a Bastelen an awer och IT-Technologie bidde sech besonnesch un, fir sech op verschidde Manéiere mat enger Situatioun, enger Geschicht oder engem Géigestand auserneenzesetzen.

D'Intressien, d'Talenter an d'Bedierfnesser vum Kand am Bléck halen

Eng ganzheetlech Approche interesséiert sech fir dat, wat d'Kand interesséiert a wat hatt gutt kann, baut op deem op, wat hatt matbréngt, a kuckt no deem, wat hatt brauch. Dem Kand seng Stäerkten, seng Intressien a seng Talenter an ënnerschiddleche Beräicher stinn hei am Mëttelpunkt. Si deckt sech staark mat dem ressourcen- a bedierfnesorientéierten Usaz. D'Iwwergäng sinn hei fléissend.

De Paul ass virun e puer Wochen aus Frankräich op Lëtzebuerg komm. Well hien doheem eesproocheg franséisch opwiisst, ass déi lëtzebuergesch Sprooch nei fir hien, och wann hien zënter kuerzem vun enger lëtzebuergeschsproocheger Dagesmamm versuergt gëtt. De Paul begeeschtert sech fir staark Helden; am Fräispill baut hie mat ganz verschiddene Magnéiter faarweg Konstruktiounen, setzt Pneuen drun, esou datt seng Konstruktioune fuere kënnen, oder léisst si mat Propelleren drun duerch de Raum fléien. Heiansdo sëtzt sech en anert Kand bei hien op den Teppech; e richtegt Zesummespill gëtt heiraus awer seelen, well de Paul nach net weider de Kontakt sicht a meeschtens eleng spillt. Et fält him nach schwéier, fir d'Magnéitdäppercher mat anere Kanner ze deelen – hien huet an dësem frieme Raum eppes fonnt, wat him Spaass mécht, an hie wëllt sech dat net huele loossen.

Den Erwuessenen hëlt dem Paul säi feinmotorescht Geschéck a seng Ausdauer, säin Intressi fir Technik grad ewéi seng Sproocherfarungen a -kenntnisser am Franséischen als Ausgangspunkt, fir Spill- a Léiermomenter ze schafen, iwwert déi de Paul an d'Lëtzebuergescht eraklamme kann (sproochleche Beräich), awer och lues a lues an de Grupp erawuesse kann (soziale Beräich). Zweesproocheg Bicher a Lauschtergeschichten iwwert Helde bidden d'Méiglechkeet, fir d'Héierverstoen ze förderen an de Paul zum Schwätzen unzereegen. Mat ënnerschiddleche Materialien (Magnéitspiller, Baukasten, Lego asw.) kann a klengen, iwwerschaubare Gruppe gebaut ginn; seng Konstruktiounen an och déi vun anere Kanner kréie mat Hëllef vu Fotoen am Portfolio déi Opmierksamkeet a Wäertschätzung, déi si verdéngen. Reegelspiller am klenge Grupp, déi vum Erwuessene begleet ginn, bidden him d'Méiglechkeet, fir eng Spillroll anzehuelen, an ënnerstëtzen hien doran, fir dës Roll lues a lues u seng Matspiller ofzeginn.

Eng ganzheetlech Approche, esou wéi si an dësem Beispill beschriwwen ass, gesäit d'Kand als eegestännegen an autonome Mënsch un, dee fäeg ass, seng Entwécklung a säi Léierprozess selwer matzegestalten.

5.6 Kontextualiséiert: D'Sprooch opgräifen, déi sech aus dem Kontext ergëtt

D'Sprooch „gräifbar" maachen

Déi meescht Situatiounen am éischte Cycle sinn héich kontextualiséiert: De Moiesdësch an d'Zännwäschen, d'Fräispill an d'Kachen, d'Molen an d'Bastelen, de Mëtteg am Bësch an de Moien an der Schwämm asw. Grad an dëse Momenter sinn d'Kanner besonnesch empfänglech fir Sprooch, well si hei Sënn mécht, gräif- a fillbar ass, gericht a geschmaacht ka ginn. D'Sprooch entsteet an der Situatioun an duerch d'Situatioun. Differenzéiert sproochlech Ausdrocksmëttele gi gebraucht fir dat, wat gemaach gëtt, méiglechst genee ze beschreiwen: D'Decken ass mëll, liicht pickeg, wa Woll dran ass, flauscheg wéi e Schof, wäiss wéi eng Wollek; den Tuerm ass ëmgefall, well e schif stoung, well en ze héich war, well d'Stécker ënnen ze kleng waren; d'Hänn si pecheg, well Pap drun ass, de Rescht vum Pechstëft am Deckel pecht, d'Banann mätscheg ass, de Becher mat Jus iwwergelaf ass asw.

Éier e Kand schwätzt, handelt hatt. Déi no Bezuchspersoune gräifen d'Handlungen op a verbaliséieren dës oder verbessere se implizit. Handlungsorientéiert Schwätze spillt vun Ufank un eng bedeitend Roll am Sproochléierprozess an ass dofir e wichtegen Aspekt vun engem kontextualiséierte Sproochgebrauch.

D'Sandra an de Mattis bastelen de Georges, e klenge brongen Hond, de Protagonist aus der Geschicht „*Aboie Georges*". Dës Geschicht huet den Enseignant de Kanner den Dag virdrun erzielt.[4] Dat Stéck Kartong, dat si als éischt geholl hunn, ass ze déck, fir duerchzeschneiden. D'Schéier bleift hänken. Déi Schnëppel bronge Pabeier, déi si an der Këscht fannen, ass ze vill kleng an dat oranget Blat huet net déi richteg Faarf. De Wellpabeier ass ze knubbeleg a beim Transparentpabeier gesäit een doduerch. Schlussendlech entscheede si sech awer fir dee bronge Pabeier … och wann et eng kleng Schnëppel ass, geet dat iergendwéi … schliisslech ass de Georges och e klengen Hond, „*mini-kleng*", wéi d'Sandra betount.

[4] Jules Feiffer: *Aboie Georges.*

Wann d'Kanner Handlunge beschreiwen a kommentéieren, entwéckele si no an no eng ënnerlech Sprooch, dat heescht d'Fäegkeet, sproochlech ze denken (cf. Deplazes 2000; List 2011). Den Erwuessenen iwwerhëlt hei eng Modellfunktioun a féiert d'Kanner Schrëtt fir Schrëtt op dës Sprooch hin; beispillsweis andeems hien am Ufank déi eegen an duerno och de Kanner hir Handlunge sproochlech begleet oder andeems hie seng Iwwerleeunge versproochlecht („*Fir d'Uebst ze schneiden, muss ech e Messer huelen. Dat hate mer déi leschte Kéier an den Tirang geraumt. An den zweeten Tirang.*" asw.).

5.7 Interaktiv: Kommunikatiounsméiglechkeete schafen

Villfälteg Méiglechkeete fir sproochlech Interaktioune schafen

Sprooch entsteet aus dem gemeinsamen Handele mat de Matmënschen a mat der Ëmwelt. Eng interaktiv Approche betount d'Wichtegkeet vun den Interaktiounen an ënnerschiddleche Situatioune vum Schoulalldag. Hei kënnt et virun allem op d'Qualitéit vun dëse sproochlechen Interaktiounen un. Si ginn net eesäiteg vum Erwuessenen dominéiert oder lafen ënnert senger permanenter Korrektur. Villméi gi si ronderëm d'Versteesdemech opgebaut a loossen de Kanner genuch Raum an Zäit, fir sech auszedrécken (cf 7.1, S. 112; 7.2., S. 128).

Sproochlech Interaktiounen tëschent de Kanner förderen

D'Interaktiounen tëschent de Kanner stellen e wichtege Moment am Sproochléierprozess duer. Si kënnen an hirer Sprooch/an hire Sproochen iwwert dat schwätzen, wat si maachen, nofroen, wa si eppes net verstanen hunn, Gespréicher nospillen asw. Am Austausch konstruéieren an erschaffe si gemeinsam Sënn, si huele sech zesummen enger Fro un, si iwwersetze vun enger an déi aner Sprooch asw. Et gëtt driwwer geschwat, wéi eppes gemaach gëtt; et gëtt zesummen no enger Léisung oder no alternative Weeër gesicht. D'Sprooch ass an deem Fall Mëttel fir d'Kommunikatioun an net dat primäert Zil. D'Reflexioun steet am Mëttelpunkt an d'Kanner kënnen op hiert gesamt sproochlecht an net-sproochlecht Potential zeréckgräifen, fir sech verständlech ze maachen.

Sproochlech Interaktiounen tëschent de Kanner an den Erwuessene förderen

D'Sproochentwécklung kritt an der Interaktioun tëschent de Kanner wéi och tëschent de Kanner an den Erwuessene wichteg Impulser. Den Enseignant/d'Enseignante an den Educateur/d'Educatrice gebrauchen eng Sprooch, déi dem Alter an dem Entwécklungsstand vum Kand ugepasst ass (cf. 7.1, S. 112). Heibäi spillen d'Bezéiung tëschent dem Erwuessenen an dem Kand an och d'Modellfunktioun, déi den Erwuessenen an deem Fall huet, eng wichteg Roll. E Kand ass speziell da bereet, Sprooch opzehuelen, ze späicheren an nees ze gebrauchen, wann et eng vertrauensvoll an éierlech Relatioun zu där Persoun huet, mat där et sproochlech interagéiert.

5.8 Prozessorientéiert: De Léierwee an de Bléck huelen

De Wee an d'Resultat si wichteg

E fäerdege Produit (e Bild, eng Konstruktioun, e Lidd, dat enregistréiert gëtt asw.) steet dacks um Enn vun enger Aktivitéit. Et seet eppes iwwert d'Endresultat, awer heefeg wéineg bis näischt iwwert den Entstehungsprozess an domat iwwert de Verlaf vun der Aktivitéit aus. Eng prozessorientéiert Approche interesséiert sech awer och a grad dofir, wéi e Produit oder e Resultat entstinn (am Beispill méi wäit uewen erklären d'Sandra an de Mattis, iwwerdeems si de Georges bastelen, firwat datt dëse schlussendlech méi kleng ausfält, wéi et urspréinglech geplangt war). Ouni d'Wichtegkeet vun de Resultater vun enger Aktivitéit a Fro ze stellen, gëllt et an enger prozessorientéierter Approche och op de Wee ze kucken, deen d'Kand mécht, fir zu engem Resultat ze kommen, an op d'Sprooch, déi hatt heifir gebraucht (beispillsweis wann hatt erkläert, firwat hatt dëse Sujet an net en anere wielt, wann hatt déi verschidden Etappe beim Klasséiere vun de Spillsaachen no bestëmmte Kritäre beschreift asw.).

Prozessorientéiert heescht mat Bléck op d'Sproocheléieren, datt deen dynameschen Ëmgank mat der Sprooch am Mëttelpunkt steet. Eng prozessorientéiert Approche léisst dem Sproochgebrauch vun de Kanner net nëmme Raum, mä si interesséiert sech dofir, wéi eng Sproochen d'Kanner wéini, wéi a mat wiem gebrauchen. Hei gëtt siichtbar, wéi d'Kanner sech beim Ëmgank mat Sprooch uleeën a wéini fir si wéi eng Sprooch vu Bedeitung ass.

Am Ufank vum Schouljoer fält dem Enseignant op, datt e puer Kanner haaptsächlech am Fräispill, awer och an aneren Aktivitéiten, op déi franséisch Sprooch zeréckgräifen. Net all Kand an der Klass schwätzt a versteet déi franséisch Sprooch. Verschidde Kanner schwätzen aner Éischtsproochen, wéi Portugisesch, Spuenesch oder Englesch. Ee Moie spillen d'Sarah, den Tiago, d'Jessica an de Luca Restaurant. Dem Enseignant fält op, datt si déi franséisch Sprooch als gemeinsam Kommunikatiounssprooch wielen, wa si zesumme spillen. An deem Moment, wou en anert Kand dobäikënnt, dat kee Franséisch kann, gi si op eng Mëschung aus Lëtzebuergesch a Franséisch iwwer.

Et ass nozevollzéien, datt d'Sarah, den Tiago, d'Jessica an de Luca op déi franséisch Sprooch zeréckgräifen, wa si matenee spillen, well et déi Sprooch ass, déi si alle véier schwätzen a verstinn. Et ass awer och interessant ze gesinn, datt si probéieren, fir d'Sprooch ze wiesselen, wann en anert Kand dobäikënnt; si wëllen him deen Ament d'Méiglechkeet ginn, voll a ganz an hiert Spill eranzeklammen. Béides ass gerechtfertegt an huet seng Plaz an der Schoul.

E prozessorientéierte Bléck hëlleft d'Sproochverhale vun de Kanner besser ze verstoen: Den Erwuessene gesäit, firwat d'Kanner wéi eng Sprooch gebrauchen a firwat si verschiddentlech tëschent de Sprooche wiesselen. Doniewent ginn hei Pisten op, wéi dat Franséischt als Ausgangspunkt fir d'Léiere vun der lëtzebuergescher Sprooch genotzt ka ginn (cf. Kapitele 6 a 7) – andeems op eng Fäegkeet zeréckgegraff gëtt, déi d'Kanner spontan an natierlech gebrauchen: Brécken tëschent de Sproochen ze bauen.

D'Kand a säi Léierprozess verstoen

Op dem Kand säi Léierwee ze kucken, heescht ze gesinn, wou d'Kand an engem bestëmmte Moment drun ass, wéi e Stéck vum Wee hatt scho gemaach huet a wat nach virun him läit. Eng genee Beobachtung an de Bléck op d'Sproochproduktioune vun de Kanner ginn dem Enseignant/der Enseignante an dem Educateur/der Educatrice d'Méiglechkeet, ze gesinn, wou d'Kanner an hirem Sproochléierprozess dru sinn a wat si brauchen, fir weiderzekommen.

> Iwwergeneraliséierunge weise beispillsweis, datt e Kand eng bestëmmte grammatesch Reegel beherrscht („*hien huet mam Ball gespillt*"; „*ech hunn en Apel geiesst*"; „*Waasser gedrénkt*"). Deen nächste Schrëtt ass et, fir tëschent der Reegel (Vergaangenheetsforme gi mat Hëllef vum Präfix „ge-" gebilt, de Verbstamm orientéiert sech un de reegelméissege Verben) an deene verschiddenen Ausnamen ze differenzéieren.

Natierlech däerf net all Sproochmoment zu enger Bewäertung féieren – zum Engen, well d'Sproochentwécklung net linear verleeft, an zum Aneren, well den Erwuessene soss de Bléck fir dat Wesentlecht verléiert.

Dem Kand säi Léierprozess siichtbar maachen

D'Dokumentatioun wärend dem Sproochléierprozess vun engem Kand spillt an enger prozessorientéierter Approche eng wichteg Roll. D'Zil, mat deem eng Dokumentatioun erstallt gëtt, huet en Afloss op d'Aart a Weis, wéi dës gemaach gëtt.

- Geet et drëm, de Léierprozess vun de Kanner duerzestellen a fir si selwer grad wéi fir hir Eltere siichtbar ze maachen, si beispillsweis de Portfolio, d'Léiermapp oder de Classeur eng Méiglechkeet. Duerch d'„Veröffentleche" vun de Kanner hire Bauwierker, Geschichten, Biller, Skulpturen asw. kréie si eng Wäertschätzung, déi iwwert de Klassesall erausgeet.
- Zousätzlech zu Biller, Fotoen, Geschichten asw. kënne schréftlech Umierkunge vum Erwuessenen d'Meilesteng an déi wichteg Etappen op dem Léierwee an hirer ganzer Bandbreet faassbar maachen. Doniewent hëlleft him d'Verschréftlechung vu sengen Observatiounen, fir weider Spill- a Léiermomenter ze plangen, déi et de Kanner erméiglechen, an hirem Léierprozess weiderzekommen.
- Eng Geschicht eegent sech besonnesch gutt, fir e Léierwee ze beschreiwen, well si, wa si am Originaltoun vun de Kanner opgeschriwwe gëtt, esouwuel den Entstehungsprozess wéi d'Resultat u sech dokumentéiert.
- Niewent dem visuelle Volet kënnen d'Sproochproduktioune vun de Kanner awer och opgeholl ginn. D'IT-Technologien (beispillsweis d'Outilen aus dem Beräich vum Storytelling) erméiglechen et de Kanner, hir Sproochproduktiounen op eng einfach Aart a Weis festzehalen. Dëst ass net nëmmen hëllefräich fir déi Erwuessen, wa si weider Léiermomenter plangen, mä erweidert och d'Perspektiv vun den Elteren op de Kanner hire Sproochléierprozess. Fir d'Kanner selwer verléiert d'Sprooch domat e Stéck vun hirer Abstraktheet: Si ka verännert ginn, si ass och nach deen aneren Dag ze héieren, wann d'Kanner erëm an d'Schoul kommen. Si kann ëmmer erëm gelauschtert oder awer geläscht ginn. D'Sprooch an och de Kanner hir Stëmm verflitt net am Raum, mä si kritt eng weider Dimensioun: Si gëtt gräifbar.[5]

[5] An dësem Beräich ass de Projet vun der Uni Lëtzebuerg ronderëm d'App iTEO ervirzehiewen: Kirsch, C.; Bes Izuel, M. A. (2017). Emergent multilinguals learning languages with the iPad app iTEO: a study in primary schools in Luxembourg. Aus: Language Learning Journal, DOI: 10.1080/09571736.2016.1258721 URL: http://orbilu.uni.lu/handle/10993/29299 (01.08.2018)

5.9 Referenzen

Bibliographie

DEPLAZES, A. (2001): Die Bedeutung des inneren Sprechens für den Schriftspracherwerb. Aus: SAL-Bulletin (Schweizerische Arbeitsgemeinschaft für Logopädie), 100.

FEIFFER, J. (1999): Aboie Georges. École des Loisirs.

GARCÍA, O. (2009): Bilingual Education in the 21st Century. A Global Perspective. Malden, MA: Wiley-Blackwell.

KIRSCH, C.; BES IZUEL, M. A. (2017): Emergent multilinguals learning languages with the iPad app iTEO. A Study in Primary Schools in Luxembourg. Aus: Language Learning Journal, DOI: 10.1080/09571736.2016.1258721. URL: http://orbilu.uni.lu/handle/10993/29299 (01.08.2018).

KIRSCH, C.; MORTINI, S. (2016): Translanguaging. Eine innovative Lehr- und Lernstrategie. Aus: Forum für Politik, Gesellschaft und Kultur, 365, 23-25.

LIST, G. (2011): Spracherwerb und die Ausbildung kognitiver und sozialer Kompetenzen. Folgerungen für die Entwicklungsförderung. München: Weiterbildungsinitiative Frühpädagogische Fachkräfte, WIFF Expertisen, Band 11.

PANAGIOTOPOULOU, A. (2016): Mehrsprachigkeit in der Kindheit. Perspektiven für die frühpädagogische Praxis. München: Weiterbildungsinitiative Frühpädagogische Fachkräfte, WIFF Expertisen, Band 46.

TRACY, R. (2008): Wie Kinder Sprachen lernen. Und wie wir sie dabei unterstützen können, 2. überarbeitete Auflage. Tübingen: Francke.

ZELL, K. (2013): Sprachförderung oder alltagsintegrierte Förderung. Aus: Perspektiven. Sprachliche Bildung im Kindergarten, 1/2013, 26-29. URL: https://www.wien.gv.at/bildung/kindergarten/pdf/perspektiven.pdf (01.08.2018).

Grafik

Grafik 6: Grondleeënd Prinzipie vu sproochlecher Bildung am éischte Cycle



Kapitel 6

Sproochlech Bildung am éischte Cycle: Verschidde Sprooch-Momenter

D'grondleeënd Prinzipie vu sproochlecher Bildung, déi am fënnefte Kapitel beschriwwe ginn, ginn eng Äntwert op d'Fro, wat am Kontext vum Sproocheléieren am éischte Cycle wichteg ass, a wat déi allgemeng Approche, déi dohannertsteet, charakteriséiert. Spéitstens hei gëtt et kloer, datt Sprooch ëmmer an iwwerall ass, an alle Momenter a Situatiounen am Schoulalldag. An dësem sechste Kapitel gëtt de Fokus elo op eben dës verschidde „Sprooch-Momenter" geluecht *(Wéini gebraucht wie wéi eng Sproochen?)*. Fir d'éischt gëtt d'Wichtegkeet vun enger flexibeler Gestaltung vum Dagesoflaf beschriwwen. Uschléissend gi verschidde Sproochmomenter am éischte Cycle am Detail virgestallt: Alldagssituatiounen, dat fräit Spill, dat am éischte Cycle e besonnesche Stellewäert huet, geplangten Aktivitéiten aus verschiddene Léierberäicher, déi net primär sproochlech Ziler hunn, a geplangte sproochlech Aktivitéiten. Et gëtt tëschent een- a méisproochege Momenter ënnerscheet. An eesproochege Momenter steet eng Sprooch am Fokus; a méisproochege Momenter ginn e puer Sproochen niewent- oder matenee gebraucht. Zum Schluss ginn d'Éischtsprooche vun de Kanner an de Bléck geholl.



Grafik 7: Verschidde Sprooch-Momenter am éischte Cycle

6.1 Flexibilitéit

E Konzept vu sproochlecher Bildung, dat d'Kand an de Mëttelpunkt stellt, brauch eng gewësse Flexibilitéit. Dat heescht engersäits, datt et deem Rechnung dréit, wat d'Kand matbréngt (ressourcenorientéiert a sproochiwwergräifend), wat hatt interesséiert, wat hatt gutt kann a wat hatt brauch (ganzheetlech a bedierfnesorientéiert). Anerersäits bezitt et sech awer och op de Kontext, andeems et dovun ausgeet, datt Sprooch ëmmer an iwwerall entsteet (kontinuéierlech a kohärent), zesumme mat aneren, an enger Situatioun an aus enger Situatioun eraus (interaktiv, kontextualiséiert a prozessorientéiert). Flexibilitéit ergëtt sech deemno wéi vum selwen aus de pädagogeschen Eckwäerter eraus, déi am fënnefte Kapitel beschriwwe gi sinn; si bezitt sech op d'Wiel vun den Inhalter an den thematesche Schwéierpunkten, d'Zesummestellung vun de Gruppen an de Gebrauch vun de Sproochen.

Eng flexibel Approche ass gläichzäiteg eng differenzéiert Approche. An dësem Kontext sief eng Definitioun erausgepickt. D'Jacqueline Caron, eng zu Lëtzebuerg bekannten a beléifte kanadesch Pädagogin, schreift iwwert d'Differenzéierung (2008, S. 2):

> **„La différenciation est d'abord une philosophie de vie et de travail. Cette philosophie guide l'ensemble des pratiques pédagogiques. Cet état d'esprit se reflète dans la manière de penser l'enseignement, l'apprentissage et l'évaluation, et elle se traduit nécessairement dans notre agir pédagogique quotidien. C'est aussi une façon de percevoir les différences, de vivre avec elles, de les exploiter et d'en tirer avantage. (…) Cette façon de penser et d'agir se traduit par le souci constant de développer les potentialités de chaque élève en prenant appui sur ses propres ressources au point de départ et en l'aidant à construire de nouvelles ressources qui lui donneront accès à un plus haut niveau de compétence. Pédagogiquement, je dirais que la différenciation, au sens large du terme, regroupe toutes les façons possibles de tenir compte de l'hétérogénéité des élèves (profils et parcours d'apprentissage). Par contre, dans une vision plus spécifique, elle fait référence à toutes les interventions que l'enseignant doit poser au regard des processus d'apprentissage afin d'assurer la réussite optimale à chaque apprenant."**

6.1.1 Flexibilitéit mat Bléck op d'Inhalter

Themen, Projeten an Aktivitéiten, déi sech fir dat interesséieren, wat d'Kanner interesséiert, déi d'Froe stellen, déi si sech stellen, an hinne versichen dat ze ginn, wat si brauchen, wierke sech erwisenermoosse förderlech op d'Sproochentwécklung aus (cf. Albers 2011). Fillt e Kand sech an enger bestëmmter Situatioun duerch dat, wat hei gemaach a gesot gëtt, ugesprach, wëllt hatt (mat) maachen a (mat)schwätzen.

Themen, Projeten an Aktivitéite kënne sech spontan, „einfach esou", erginn:

> Nodeems et an deene leschten Deeg vill gereent huet, ass de Sandeemer, deen op der Spillplaz vergiess gi war, méi wéi hallef mat Waasser gefëllt. D'Kanner kënnen et bal net gleewen, datt esou vill Waasser vum Himmel gefall ass. Deen hallef vollen Eemer faszinéiert si a si versichen, dat, wat si net verstinn, a Wierder ze paken: *„Tu sais, la pluie elle vient du ciel. Pourquoi?"*; *„Wunnt d'Waasser an der Wollek?"*; *„A água está nas nuvens. Nas nuvens?"*; *„Firwat sinn d'Wolleke wäiss?"*; *„Si si ëmmer wäiss?"* asw. E Projet ronderëm d'Waasser an all senge Formen deit sech un.

Si kënnen awer och vum Erwuessenen no bestëmmte Gesiichtspunkten ausgewielt oder mat de Kanner zesumme geplangt ginn. Wichteg ass et, fir dat am Bléck ze behalen, wat fir d'Kanner vu Bedeitung ass.

> Dem Elina seng Kaz huet Bëbeeë kritt; stolz weist hatt deenen anere Kanner d'Fotoe vun deene Klengen. De Paolo huet och eng Kaz doheem (*„Ass awer branco … wäiss mat bësse schwaarz!"*). D'Amélie huet e Mierschwéngchen an de Lenni direkt e ganzen Zoo, wéi hie seet, mat Kéi, e puer Päerd, dem Hond Larry an enger *„Millioundausend"* Hénger. D'Enseignante huet och Déieren doheem, Spanne mat laange Been, déi hannert dem Schaf wunnen (*„Igitt, wéi eekeleg!"; „Dat si keng Déieren!"*; *„Bei mir heescht dat aranha!"; „A bei mir pauk!"*). An dëser Situatioun entsteet Sprooch vum selwen. Zesummen decidéieren d'Kanner an d'Enseignante, fir e Projet ronderëm de Kanner hir Déieren ze maachen: Den Ufank maachen d'Hausdéieren, vun de Kazen an den Hënn iwwert d'Kanéngercher an d'Mierschwéngercher bei déi manner beléiften Aarte wéi Spannen a Mais; da geet et bei d'Déiere vum Bauerenhaff, a wie weess, wou d'Rees nom Besuch beim Lenni nach hifëiert.

Wann den Erwuessene sech un den Intressien an de Bedierfnesser vun de Kanner orientéiert, gesäit hien, niewent deene vun him gewieltenen Themen an Aktivitéiten, zäitlech Plagë vir, déi Raum fir hir Iddie loossen. Dofir ass eng gewësse Flexibilitéit an der Joresplanung néideg.

> **„Le programme d'activités (curriculum) représente la pierre angulaire de l'éducation à la petite enfance. Toutefois, ce programme n'arrive pas « prêt à servir » ; il faut le voir comme dynamique et changeant. Ce n'est pas un outil conçu de « l'extérieur » (…). Ce n'est pas non plus un outil conçu pour plusieurs années à venir puisque, d'année en année, le groupe d'enfants change. Bien qu'une planification globale puisse être pensée pour une année complète (thèmes, projets, sorties…), la révision du programme [d'activités] se réalise au quotidien en fonction, entre autres, du groupe d'enfants et de chaque enfant qui le compose, du temps requis pour sa mise en application, de l'évaluation et des améliorations à apporter." (Lalonde-Graton 2003, S. 45)**

6.1.2 Flexibilitéit mat Bléck op d'Gruppen

Fir datt sproochlech Bildung geléngt, ass d'Gruppendynamik wichteg. D'Spillen an d'Schaffen an engem Grupp vu Kanner, déi sech gutt verstinn, kann eng enorm Motivatioun ginn, fir ze schwätzen. Doniewent kënne bewosst geplangte Gruppekonstellatioune beispillsweis deene méi scheie Kanner, déi dacks riskéieren, net zu Wuert ze kommen, Plaz an Zäit ginn, fir sproochlech aktiv ze ginn. Oder deene Kanner, déi vu sech aus net beienee fannen, d'Méiglechkeet ginn, zesummen enger Aktivitéit nozegoen.

Virun allem an deene méi fräie Momenter gëtt den Erwuessene vill driwwer gewuer, wat de Kanner wichteg ass, wat si an deem Ament beschäftegt a wéi si zouenee stinn:

- Wéi eng Kanner spille mateneen a firwat? Well si déi selwecht Sprooch schwätzen? Well si ähnlech Intressien hunn? Well si gutt matenee kënnen?
- Wéi eng Kanner gi gutt mateneen eens? A wéi enge Konstellatiounen entsteet éischter Sträit? Wouduerch entsteet de Sträit?
- Wou sinn nei Frëndschaften am Gaang z'entstoen? Wéi eng Kanner gi sech aus de Féiss?
- Gëtt et Situatiounen, an deene méi jonk a méi al Kanner éischter matenee spillen? Oder Jongen a Meedercher? A wéi enge Situatiounen ass dat éischter net de Fall?

- A wéi enge Konstellatioune respektiv a wéi enge Situatioune kënnt et zu sproochlechen Interaktiounen? A wéi engen éischter net?
- Wéi eng Kanner ergräife vu sech aus d'Initiativ an/oder d'Wuert? Wéi eng Kanner loosse sech gäre matzéien?
- Wéini, wou a firwat entsti Kommunikatiounsbarrièren? Wann d'Kanner sproochlech nëmmen ageschränkt matenee kommunizéiere kënnen? Wann een oder méi Kanner ze vill dominant sinn? Wa verschidde Kanner sech sproochlech ofgrenzen?
- Wéi verstännege sech Kanner ënnerteneen, déi verschidde Sprooche schwätzen? Gräife si op eng gemeinsam Kommunikatiounssprooch zeréck? Wiessele si tëschent de Sproochen hin an hier? Schwätze si mat den Aen, den Hänn, de Féiss? Wa jo, wéini?

Doniewent spillen d'Ziler, an dësem Kontext virun allem déi sproochlech Ziler, eng wesentlech Roll:

- Geet et an éischter Linn drëm, fir Loscht op Sprooch ze maachen, d'Kanner z'encouragéieren, fir d'Wuert z'ergräifen a sech sproochlech matzedeelen (beispillsweis andeems si zesummen e beléiftent Lidd sangen oder e Kand erzielt, wat him virdrun an der Paus besonnesch gutt gelongen ass)?
- Sti konkret sproochlech Zilsetzungen am Mëttelpunkt (beispillsweis e bestëmmte Wuertschaz kenne léieren a gebrauchen, Froe stellen an Äntwerte ginn, den Handlungsverlaf vun enger Geschicht beschreiwen asw.) oder stinn aner Aspekter am Mëttelpunkt an d'Sprooch ass nëmmen ee Mëttel ënnert aneren, fir en Zil z'erreechen (e gemooltent Bild beschreiwen, deenen aneren erklären, wéi eng Bastelaarbecht entstanen ass, e mathematesche Léisungswee beschreiwen asw.).

Heefeg gëtt an der Didaktik tëschent homogenen an heterogene Léiergruppen ënnerscheet. Mat Bléck op d'Ënnerschiddlechkeet vun de Kanner kann een dovun ausgoen, datt et homogen Gruppen an där Form net gëtt. Den Hans Brügelmann bezeechent si esouguer als „didaktesch Fiktioun" an als „pädagogesch Sakgaass" (2010). Amplaz vun homogene Léiergruppe geet et am éischte Cycle éischter drëm, mat Momenter Gruppen no gemeinsame „Mierkmoler" zesummenzestellen: en ähnlechen Entwécklungsstand, déi selwecht Éischtsproochen, gemeinsam Intressien asw. Doniewent maachen awer och Gruppenzesummestellunge Sënn, déi explizit op d'Ënnerscheeder tëschent de Kanner setzen an déi domat d'Heterogenitéit ganz bewosst notzen: Kanner mat verschiddenen

Éischtsproochen, déi eng gemeinsam Kommunikatiounssprooch notzen, fir mateneen ze schwätzen, méi jonk a méi al Kanner, déi vunenee léieren asw.[1]

6.1.3 Flexibilitéit mat Bléck op d'Sproochen

Wa Kanner mat ënnerschiddlechen Éischtsprooche matenee spillen oder enger gemeinsamer Aktivitéit noginn, gi si sproochlech heefeg aner Weeër wéi déijéineg, déi den Erwuessene virgesinn huet. Sie setze gären hire gesamte Sproochrepertoire an, fir effikass an enger bestëmmter Situatioun ze kommunizéieren: Si léine sech Wierder aus anere Sproochen, wiesselen tëschent de Sproochen hin an hier, iwwersetze fir en aneren asw (cf. 7.3.1, S. 130). Fir e sëllege Sproochwëssenschaftler ass dëse flexibelen an dynameschen Ëmgank mat de Sprooche Bestanddeel vum Sproocheléieren a méisproochege Kontexter:

> **„But when children with different linguistic profiles are involved in group work, children violate the language use norms of the classroom, using languages flexibly to support their understandings and building conceptual and linguistic knowledge." (García 2009, S. 153).**

Wichteg ass et hei, net aus den Aen ze verléieren, op wat et an enger bestëmmter Situatioun oder Aktivitéit ukënnt. Wann et ëm eng bestëmmte Sprooch geet (Lëtzebuergesch oder Franséisch), ass et wichteg, datt dës och déi gemeinsam Kommunikatiounssprooch an där jeeweileger Situatioun ass (cf. 6.2.5, S. 96). Geet et awer beispillsweis drëm, erauszefannen, wéi eng Géigestänn schwammen a wéi eng ënnerginn, kann dat an enger oder méi Sprooche geschéien, jee nodeem, wéi eng Sproochen d'Kanner, déi dat zesummen ausprobéieren, schwätzen. Hei ass d'Sprooch an deem Moment Mëttel zum Zweck an déi physikalesch Eegenschaften, déi et z'entdecke gëllt, bleiwen déi selwecht, och wann d'Sprooch, déi genotzt gëtt, fir si ze beschreiwen, eng aner ass (ibid.).

[1] De Gesetzgeber ass och op dëse Wee gaangen: „Chaque équipe pédagogique d'un cycle d'apprentissage a pour missions: (...) d'organiser, en cas de besoin et pour des périodes de courte durée, la répartition des élèves d'un cycle dans des groupes d'apprentissage de besoin, de projet et d'intérêt à composition variable afin de placer chaque élève dans des conditions optimales d'apprentissage." (Article 1er, point 2 du règlement grand-ducal du 27 avril 2009 fixant les missions et le fonctionnement de l'équipe pédagogique ainsi que les attributions et les modalités d'indemnisation du coordinateur de cycle.)

6.2 Verschidde Sproochmomenter am éischte Cycle

Sproochlech Bildung am éischte Cycle ass an de Schoulalldag integréiert: Si geet dovun aus, datt Sprooch ëmmer an iwwerall entsteet – an alle Situatiounen, an deene Kanner zesumme spillen, molen a bastelen, sangen an danzen, zielen, vergläichen a klasséieren, lafen, sprangen, rutschen a klammen; wa si zesummen iessen, d'Hänn an d'Zänn wäschen, sech prett maache fir an d'Paus oder fir heemzegoen asw. D'Konzeptioun vu sproochlecher Bildung fir den éischte Cycle mécht bewosst den Ënnerscheed tëschent dem Sproochgebrauch a sougenannten Alldagssituatiounen an deem a geplangten Aktivitéiten. D'Alldagssituatioune stinn am Kapitel 6.2.1 am Mëttelpunkt. An d'Kategorie vun de geplangten Aktivitéite falen esouwuel Aktivitéiten, déi net an éischter Linn sproochlech Ziler hunn, wéi beispillsweis naturwëssenschaftlech Experimenter oder Problemléisen am logesch-mathematesche Beräich (cf. 6.2.3, S. 78), wéi och geplangten Aktivitéiten, déi als Haaptzil hunn, d'Kanner an hirer sproochlecher Entwécklung weiderzebréngen (cf. 6.2.4, S. 82).

6.2.1 Alldagssituatiounen

Wat versteet een ënnert Alldagssituatiounen?

Alldagssituatioune sinn, wéi den Numm et scho seet, Momenter, déi zum alldeeglechen Oflaf an der Schoul gehéieren: D'Begréissung, wann d'Kanner moies an d'Schoul kommen, d'Un- an Ausdi vun de Schong an der Jackett, d'Virbereede vum Moleck, de Moiesdësch, d'Raumen nom Fräispill, d'Paus, de Wee an den Trajet an de Bësch, fir nëmmen dës ze nennen. Et sinn déi Situatiounen, déi heefeg vir, no oder tëschent déi geplangten Aktivitéite falen. An all dëse Situatiounen entsteet Sprooch quasi niewebäi. Et ass dat, wat de Claudio Nodari als „Potere" bezeechent (Neugebauer/Nodari, 2012, S. 18): E spontanen Austausch, deen zum dacksten aus der Situatioun eraus ronderëm e gemeinsame Sujet entsteet; hei gi vill a wichteg Informatiounen doriwwer matgeliwwert, wat d'Kanner interesséiert a beweegt.

De Wuertschaz ass jee no Situatioun en aneren: Iesswuere beim Moiesdësch, Kleedungsstécker beim Un- an Ausdinn, Spillsaache beim Raumen, de Kierper an d'Hygiène beim Gank op d'Toilette oder

beim Hänn- an Zännwäschen, d'Joreszäiten an der Paus asw. Verschidde grammatesch Strukturen trieden och jee no Situatioun geheeft op. Beispillsweis gëtt den Imperativ dacks beim Spillen an der Paus gebraucht: „*Komm mat op d'Klunsch!*" „*Looss mech rop!*" asw.; Froe gi beispillsweis beim Moiesdësch geheeft gebraucht: „*Wat ass an der Këscht?*", „*Wie wëllt Waasser drénken?*", „*Ass dat gutt?*" asw.

D'Wichtegkeet vu Ritualer

Ritualer spillen an dësem Zesummenhank eng wichteg Roll: Et sinn dëst gereegelt an zäitlech kloer strukturéiert Handlungsofleef, déi ëmmer erëm ënnert dëser Form optrieden. Si hunn en Ufank an en Enn a lafen no engem bestëmmte Verlafsschema of. Doduerch gi si de Kanner Orientéierung, e Gefill vu Sécherheet a Gebuergenheet. Ritualiséiert Evenementer wéi Gebuertsdeeg oder Feierdeeg oder ritualiséiert Handlungen, wéi beispillsweis d'Stéiluucht, déi ugefaange gëtt, ier eng Geschicht erzielt gëtt, hëllefen de Kanner, hiren Dagesoflaf ze strukturéieren. Andeems si dacks an der Ufanks-, Schluss- oder Iwwergangsphas vun Aktivitéite stinn, maache si et de Kanner méi einfach, fir an eng nei Situatioun an och an eng nei Sprooch eranzekommen (cf. Horn et al. 2011, S. 5). D'Sprooch, déi bei Ritualer gebraucht gëtt, bleift meeschtens déi selwecht a verstäerkt domat den Androck vun enger gläichbleiwender Situation; si léisst sech méi liicht verhalen a méi liicht mat enger bestëmmter Situatioun a Verbindung bréngen.

6.2.2 Dat fräit Spill – e ganz besonneschen „alldeegleche" Moment

D'Spill hëlt am éischte Cycle eng besonnesch Plaz an. Et ass eng vun den Haapttätegkeete vum Kand an et ass zentral fir seng Entwécklung op alle Pläng. D'Zäit vum „fräie Spill" ass, wéi den Numm et seet, an der Reegel „fräi" vu virdefinéierten Ziler an Themen: D'Kanner decidéiere selwer, wat si wëlle spillen, wéi a mat wiem si dat wëlle maachen. D'Bandbreet vun de sproochlechen Aktiounen an Interaktiounen ass am Fräispill besonnesch grouss: D'Kanner begleeden hiert Spill mat entspriechende Geräischer („*Miauuu*", „*Brmmmm Brmmmm*", „*Tattüü*" asw.); si beschreiwen, wat si maachen a wéi si et maachen („*An da muss du nach een drop setzen, da gëtt et nach méi grouss!*", „*Fais comme ça!*" asw.). Si plangen zesummen („*Du bass de Prinzessin an ech de Hex!*"; „*Komm, mir bauen e gaaaaaanz groussen Tuerm!*"); si verhandelen a siche gemeinsam no Léisungen

(„*Ech brauch dat Blot. Du kriss dat Gielt.*“); si verdeedegen hire Standpunkt („*Kënni muss schlofen. Ass midd. Neen, net opstoen. Muss hei bleiwen. Ass midd!*“; „*Eu não quero! Nee! Nee!*“; „*War dat net!*“). Si gräifen hei spontan op déi Sproochen zeréck, mat deene si an där jeeweileger Situatioun a mat deem jeeweilege Spillpartner am beschten eens ginn an déi dat am beschten erëmginn, wat si wëlle soen (cf. 2.1.3, S. 9). Esou kann et virkommen, datt Kanner mat där selwechter Éischtsprooch matenee spillen, well si sech opgrond vun hirer Sprooch enaner méi no fillen an et hinne méi liicht fält, sproochlech z'interagéieren. Et kann awer och sinn, datt d'Kanner, andeems si eng bestëmmte Sprooch gebrauchen, sech wëlle bewosst vun anere Kanner ofgrenzen an „ënnert sech“ wëlle bleiwen. Wann een- a méisproocheg Kanner matenee spillen, gëtt dacks op eng gemeinsam Kommunikatiounssprooch zeréckgegraff an/oder d'Kanner wiesselen tëschent de Sproochen hin an hier, jee nodeem, wéi eng Sproochen hir Spillpartner versti respektiv wéi wäit hir kommunikativ Kompetenzen an deene jeeweilege Sproochen entwéckelt sinn.

> **„Freispiel ist nicht ersetzbar. Das Kind wählt sein Spielmaterial aus, entscheidet über seinen Spielverlauf und bezieht gern und häufig Spielpartner/innen mit ein. Sein selbstbestimmtes Spiel kann von den Erwachsenen bereichert werden durch angemessene Raumgestaltung, motivierendes Spielmaterial, durch Regeln, die dem Kind Sicherheit und Zugehörigkeit bieten, durch Anerkennung, Verstärkungen und Unterstützung sowie durch eine hohe Mitbestimmung der Gruppenmitglieder.“(Pausewang)**

D'Plaz vum Lëtzebuergeschen am Fräispill

D'Meenungen doriwwer, wéi eng a wéi vill Plaz déi lëtzebuergesch Sprooch am Fräispill, virun allem a sproochlech heterogene Gruppen, soll hunn, ginn auserneen. Argumenter fir ee méi oder manner gereegelte Sproochgebrauch wärend dem Fräispill beruffe sech op déi sëllege Méiglechkeeten, déi sech hei bidden, fir Kompetenzen an der lëtzebuergescher Sprooch z'entwéckelen. Dat Argument u sech ass net falsch, trëfft awer nëmme bedéngt zou, wann ee sech virun Ae féiert, wéi vill verschidde Momenter et am Schouldag gëtt, fir Sprooch kënnen eranzebréngen an erauszekëddelen (Alldagssituatiounen, geplangten Aktivitéiten a verschiddene Beräicher asw.). En aneren heefeg genannte Grond weist dorop hin, datt de Gebrauch vun den Éischtsproochen op Käschte vun der Entwécklung vum Lëtzebuergesche geet. Wëssenschaftlech Erkenntnisser iwwert d'Sproochentwécklung vu méisproochege Kanner an déi wichteg Roll, déi d'Éischtsprooche beim

Léiere vun neie Sprooche spillen (cf. Kapitel 2), weisen, datt dat net stëmmt. Weider gëtt dacks gefaart, datt (nach) manner Zäit bleift, fir Lëtzebuergesch ze léieren, wann d'Kanner esou schwätze kënnen, wéi si wëllen. Och dëst Argument ass mëttlerweil widderluecht.[2] Wann ee sech doriwwer eraus d'Funktioun vum Fräispill virun Ae féiert, schéngt et op der Hand ze leien, datt d'Kanner hei d'Méiglechkeet mussen hunn, fir hir Éischtsprooche ze gebrauchen. Déi villfälteg Erfarungen, déi si am Fräispill maachen, déi si vu sech aus maachen, dierfen net un der Sprooch scheiteren. Soss verléiert d'Fräispill e gudden Deel vu sengem Potential.

D'Roll vum Erwuessenen am Fräispill

Och wann d'Kanner hir Aktivitéite fräi wielen, heescht dat net, datt den Erwuessenen hei net gebraucht gëtt.

> **„Was und wie das Kind spielt, ist aber seine eigene Entscheidung. Der Einfluss der Erzieher/innen [und Lehrer/innen] wird den Entscheidungen des Kindes jedoch Richtungen geben können." (Pausewang)**

Den Enseignant/d'Enseignante an den Educateur/d'Educatrice begleeden am Hannergrond d'Spill vun de Kanner, ginn, wann et néideg ass, Impulser, bréngen d'Spillpartner beieneen oder hëllefen, Sträit ze schlichten. Den Erwuessene kann a senger Roll als Spillbegleeder an „Impulsgeber" Brécken tëschent de Kanner an de Sprooche bauen. Doriwwer eraus gëtt et Situatiounen, an deenen d'fräi Sproochwiel vun de Kanner un hir Grenze stéisst: Ëmmer dann, wann e Kand riskéiert ausgeschloss ze ginn oder ze sinn, well hatt beispillsweis d'Sprooch, déi gebraucht gëtt, net versteet, bleift ze

[2] Am Beräich vum Zweetsproocherwerb ass laang Joren ugeholl ginn, datt den Erfolleg, mat deem een eng Sprooch léiert, mat der Zäit klamme géif, déi een huet, fir dës Sprooch ze léieren. Méi Raum a méi Zäit fir d'Éischtsprooche vun de Kanner géif deemno manner Zäit fir Lëtzebuergesch a Franséisch bedeiten, wat als Konsequenz hätt, datt d'Entwécklung an dëse Sprooche méi lues géif virugoen. Dës Hypotheese baséieren op dem Léiermodell vum Erzéiungswëssenschaftler John Carroll „*A model of school learning*" (1963). Experten aus dem Beräich vum Zweetsproochenerwerb bezweifelen allerdéngs d'Argument „the greater the exposure, the better" (Van Avermaet/Sierens 2013, S. 4). D'Definitioun vu sproochiwwergräifende Kompetenzen, déi den Jim Cummins als „*common underlying proficiency*" bezeechent (Liesstrategien, Sproochwëssen asw.), esou wéi de kognitiven a pragmatesche Méiwäert vun der Méisproochegkeet widderleeën d'Argument, datt den Zäitopwand mat der Qualitéit vum Sprocheléieren zesummegeluecht gëtt (2000).

kucken, wéi hatt an d'Spill kann zeréckfannen. Och hei spillt den Erwuessenen eng wichteg Roll, andeems hie Brécken tëschent de Sprooche baut, oder andeems hien zesumme mat de Kanner iwwerleet, ob et net awer eng gemeinsam Sprooch gëtt, déi jidderee versteet an déi d'Spill zesumme wesentlech vereinfacht.

Fir den Enseignant/d'Enseignante an den Educateur/d'Educatrice ass dat fräit Spill eng Informatiounsquell par excellence iwwert de Sproochgebrauch vun de Kanner (niewent villen aneren Informatiounen déi hien hei kritt): Wéini gebraucht e Kand wéi eng Sprooch mat wiem? Wiesselt hatt tëschent de Sproochen hin an hier? Wéini mécht hatt dat? Passt hatt d'Aart a Weis fir ze schwätzen der Situatioun un? Beispillsweis am Rollespill, jee nodeem, ob hatt „Buttek", „Dokter" oder „Schoul" spillt?

6.2.3 Geplangten Aktivitéiten, déi net primär sproochlech Ziler hunn

Dëst sinn Aktivitéiten, déi an der Reegel vum Erwuessenen, respektiv vum Erwuessene mat de Kanner zesumme geplangt ginn an déi net an éischter Linn sproochlech Ziler hunn – wat net wëllt heeschen, datt d'Sprooch hei keng Roll spillt: Mol- a Bastelaktivitéiten, Beweegungsspiller, Lidder, rhythmesch Spiller an Experimentéiere mat verschiddene Klangkierperen; Aktivitéiten aus dem logesch-mathematesche Beräich wéi beispillsweis Zuelespiller, Klasséieren a Sortéieren no bestëmmte Kritären, Moossen, Weien, Vergläichen; d'Entdecke vun der Ëmwelt mat alle Sënner asw. An dëse Momenter kommen ënnerschiddlech Facettë vu Sprooch zum Droen.

All Léierberäich huet seng Sprooch

D'Kanner wëllen de Klassesall ëmbauen. Zesumme mam Enseignant iwwerleeë si, wéi si hir Iddien ëmsetze kënnen: Wuer kënnt de Moiesdësch hin? Wou soll de Bichereck seng Plaz kréien? Asw. Well d'Still an der Mëtt vum Raum hënneren, gi si kuerzerhand vun där enger Säit vum Sall op déi aner geréckelt. Hei huele si awer nach ëmmer d'selwecht vill Plaz ewech! Doropshi kënnt de Kanner d'Iddi, fir d'Still openeen ze stellen. Allerdéngs stelle si séier fest, datt d'Tierm net ze grouss däerfe ginn (den Enseignant bréngt de Begrëff „héich" an d'Spill), well si dës soss net méi geréckelt kréien. Véier Still, dat geet: Also ginn Tierm mat véier Still „gebaut". Déi eng Kanner setzen d'Still

openeen an déi aner kommentéieren d'Aarbecht: *„Hei feelt nach e Stull. Op dee roude kann nach een drop."* *„Do sinn der five* (et gëtt nogezielt: *one, two, three, four, five!*) *... fënnef ... too much ... do muss ee fort."* (Den Enseignant gräift d'Ausso op: *„Dat ass richteg. Et sinn ze vill Still. Ee muss fort."*). E puer Kanner zielen d'Still vun all Tuerm an iwwerpréifen esou, ob d'Zuel stëmmt. *„Zwee ze vill!"*, stellt e Kand fest a weist op déi zwee Still, déi iwwreg bleiwen. *„Den Tuerm ass awer kleng!"* (*„niddereg"* oder *„net héich"*, wéi den Enseignant präziséiert). *„Schued, et feelen der zwee!"*, stellt en anert Kand fest. Wéi si fäerdeg sinn, gesinn d'Kanner, datt d'Still elo vill manner Plaz anhuele wéi virdrun. *„Mäi Stull ass deen éischten, do uewen!"*, rifft op eemol e Kand a weist op dee roude Stull. *„Nee, non, non, ce n'est pas vrai. Mäi Stull ass éischten. Le premier, regarde!"*, äntwert en anert Kand a weist op de Stull ganz ënnen am Koup. *„Mäin ass do! Een, zwee! Do, zwee!"*, fiert erëm en anert weider. *„Jo, däi Stull ass den zweeten an der Rei"*, präziséiert den Enseignant. En neit Spill ass gebuer: D'Still gi vun uewen no ënnen a vun ënnen no uewe gezielt. Et sinn der ëmmer d'selwecht vill, awer jee nodeem, wou een ufänkt mat zielen, kritt de Stull eng aner Plaz an der Rei.

Den Ausgangspunkt vun dëser Aktivitéit ass d'Initiativ vun de Kanner, fir hire Grupperaum „anescht ze maachen": Si hunn de Sall mat senge Méiglechkeeten a Limitten iwwert déi lescht Méint kenne geléiert an elo ass et un der Zäit, fir duerch den Ëmbau nei an aner Plazen ze schafen an de Raum hire Bedierfnesser, déi am Laf vun der Zäit änneren, unzepassen.[3] Bei der Plënneraktioun geet et och drëm, sech am Raum erëmzefannen an dësen duerch d'Ëmbaue méi bewosst a méi differenzéiert z'erfaassen.[4] Zesummen iwwerleeën d'Kanner, wéi si d'Plënneraktioun ëmsetze kënnen. Raimlech Relatioune wéi „op", „ënnert", „uewendrop" asw. ginn erfaasst a beschriwwen.[5] Nei Begréffer wéi „héich" an „niddreg", déi an dëser Situatioun wichteg sinn, kommen dobäi. Den Zuelbegréff gëtt ganz niewebäi gefestegt an ausgebaut, andeems d'Kanner d'Still zielen[6], d'Plaz vun engem

[3] Découverte du monde par tous les sens : exercer un jugement en exprimant son opinion sur différents espaces et leur équipement en vue de leur utilité relative; en exprimant des opinions et des préférences concernant des expériences avec son environnement; établir des interrelations en identifiant des possibilités d'aménagement d'un espace en rapport avec son utilisation (MENFP 2011, S. 140 an 141).

[4] S'orienter dans le plan et dans l'espace; se repérer dans son environnement scolaire (ibid., S. 116).

[5] Situer des objets les uns par rapport aux autres; connaître et utiliser des notions spatiales en situation (ibid., S. 116).

[6] S'orienter dans l'espace numérique : réaliser des collections avec un nombre précis d'éléments; comparer des collections d'objets; réaliser et regrouper des collections équipotentes (ibid., S. 117).

bestëmmte Stull an der Rei bestëmmen[7] a Quantitéiten („*ze vill*“, „*ze mann*“) matenee vergläichen.[8] Grondleeënd Rechenoperatioune kommen hei och zum Asaz: „*Et sinn der zwee ze vill!*“, „*Et feelen der zwee!*“[9] All dës Handlunge wieren ouni Sprooch net méiglech.[10]

An dëser Situatioun gëtt e spezifesche Wuertschaz gebraucht, fir d'raimlech Relatiounen a Quantitéiten a Wierder ze faassen a mathematesch Handlungen ze beschreiwen. Jee no Léierberäich variéieren d'Begrëfflechkeeten (sangen, danzen, Lidd, Piano, Rësel, Trommel, Flütt am musikalesche Beräich; Waasser-, Wuess- a Gouachefaarwen, Tuschstëfter, rappen, falen, knieden asw. bei Mol- a Bastelaktivitéien), déi an der alldeeglecher Kommunikatioun baussent dem schoulesche Kontext net an der selwechter Mooss gebraucht ginn. Dëse Wuertschaz kann deemno net automatesch virausgesat ginn. Fir Kanner, déi mat enger anerer/mat aneren Éischtsprooch(e) wéi Lëtzebuergesch a Franséisch doheem opwuessen, ass d'Erausfuerderung dacks duebel: Si léieren eng nei Sprooch an doriwwer eraus och nach eng nei Form vu Sprooch, déi virun allem am schoulesche Kontext gebraucht gëtt (cf. 4.3.2, S. 20). Am Beispill uewe kommunizéieren d'Kanner op Lëtzebuergesch. Muenchmol gräife si och op aner Sproochen zeréck, wann hinnen de lëtzebuergesche Begrëff net afält oder wa si dësen nach net hunn – dee Moment baut den Enseignant d'Bréck tëschent de Sproochen (cf. 7.3, S. 130). Muenchmol gräife si awer och op eng aner Sprooch zeréck, fir hiren Aussoe méi Gewiicht ze ginn („*Mäi Stull ass den éischten. Le premier, regarde!*“).

Déi verschidde Sproochhandlungen hunn an der Situatioun uewen alleguer hir Plaz; hei geet et jo net virrangeg ëm d'Sprooch, mä d'Sprooch ass e Mëttel, fir zesummen an enger Situatioun handlungsfäeg ze sinn. Andeems den Erwuessenen d'Bréck tëschent de Sprooche vun de Kanner an der Schoulsprooch baut, gëtt hien hinnen de lëtzebuergesche Wuertschaz, deen gebraucht gëtt, fir dës Situatioun ze beschreiwen. Hie suergt domat implizit dofir, datt d'Lëtzebuergescht als gemeinsam Kommunikatiounssprooch präsent ass, ouni de Gebrauch vun der Sprooch ze vill ze

[7] Savoir utiliser la chaîne numérique; repérer des positions d'objets dans une collection; situer les nombres les uns par rapport aux autres (ibid., S. 117).

[8] Comparer des collections d'objets en utilisant des procédures numériques (ibid., S. 117).

[9] Savoir effectuer des opérations arithmétiques: savoir organiser des collections plus grandes en effectuant des groupements et des échanges; approcher l'addition et la soustraction dans des situations de la vie courante (ibid., S. 117).

[10] Parler en interaction: suivre les propos de ses interlocuteurs; répondre à des questions; réagir aux propos d'autrui; exprimer ses idées et son opinion (ibid., S. 60).

strukturéieren, well dat der Dynamik vun der Aktivitéit wahrscheinlech net gutt géif doen. Jee no Klass an no Sproochkenntnisser vun de Kanner kann den Erwuessenen an dëser Aktivitéit och op déi franséisch Sprooch zeréckgräifen, dat am Sënn vun engem flexibele Gebrauch vun de Sproochen.

All Liewensraum huet seng Sprooch

D'Erfuersche vum Liewensraum ronderëm d'Schoulgebai an doriwwer eraus ass fir d'Sproochentwécklung vun de Kanner vu grousser Bedeitung. D'Spillplaz bei der Schoul, d'Schwämm an der Nopeschstad, de Bësch um Enn vum Duerf, de Maart: Alles dat si Plazen, déi virwëtzeg maachen, déi nëmmen drop waarden, entdeckt an erfuerscht ze ginn. Fir dat, wat et hei ze gesinn an ze maache gëtt, brauchen d'Kanner Sprooch, a fir et méiglechst genee ze beschreiwen, brauche si eng méiglechst präzis Sprooch: Verbe ginn ausdifferenzéiert, Adjektiver an Adverbe gi gebraucht; dat, wat wichteg ass, gëtt besonnesch betount.

Op der Spillplaz gëtt séier gelaf (séier wéi de Blëtz, séier wéi en Tiger, de Ben leeft méi séier wéi de Paul); et gëtt héich gesprongen (d'Inez spréngt am héchsten); et gëtt gehopst wéi en Hues oder e Känguru oder eng Kaz (Wéi hopst eng Kaz?!?) a geklomme wéi e Kaweechelchen; et geet d'Leeder erop, d'Rutschban erof, op d'Klunsch, op d'Wipp, duerch de Rouer asw.

Op dem Maart gëtt et gréng, giel a rout Äppel, rouder mat gielen a grénger mat roude Baken, Tomaten, déi ausgesi wéi Jicken an esou er, déi ausgesi wéi riseg Pärelen; Kéis, dee sténkt, a Kéis mat Lächer; Blummen, déi laachen, richen, picken oder këddelen, wann een d'Nues drastécht.

D'Beem am Bësch hunn eng krazeg Schuel, pickeg Nolen, faarweg Blieder; de Schleek ass pecheg a lues; d'Gras ass naass; de Steen ass ze schwéier, fir opzehiewen a fir matzehuelen; den Hiwwel ass ze géi, fir eropzelafen, an de Bamstamm ze rutscheg, fir driwwerzegoen.

D'Sprooch, déi hei entsteet, kann am Klassesall a verschiddenen Aktivitéiten opgegraff a verschafft ginn. Den Erwuessene kann ëmmer erëm dorop zeréckgräifen, si verdéiwen an ausbauen.

6.2.4 Geplangten Aktivitéiten, déi primär sproochlech Ziler hunn

An dës Kategorie falen Aktivitéiten a Situatiounen, an deenen d'Sprooch am Mëttelpunkt steet: Geschichten oder Erzielungen an enger oder méi Sproochen, Lidder, Reimer a Spréchelcher, ënnerschiddlech Forme vu Rollespiller, Gespréichskreesser, Sproochspiller asw. De sproochleche Kader an déi domat verbonnen Ziler si virginn; si orientéiere sech un de Sproochen an dem sproochlechen Entwécklungsstand vun de Kanner (cf. 6.1; S. 69).

Geschichten erzielen oder virliesen

Geschichte fir Kanner hunn eng räichhalteg a komplex Sprooch, déi iwwert d'Sprooch, déi an alldeegleche Sproochhandlunge gebraucht gëtt, erausgeet: De Kontext, d'Personnagen, hir Handlungen an d'Situatiounen, déi si erliewen, ginn nuancéiert an detailléiert beschriwwen – mat Hëllef vun Adjektiver, Adverben, Verben, Niewesätz asw. Deejéinegen, deen d'Geschicht virliest oder erzielt, schwätzt a ganze Sätz; och dat ënnerscheet déi hei gebrauchte Sprooch vun där an Alldagssituatiounen (cf. 4.3.2, S. 20).

Geschichten an Erzielungen zeechne sech duerch hir Erzielstruktur aus: Si hunn en Ufank an e Schluss an en Handlungsstrang, deen, jee no Komplexitéitsgrad vun der Geschicht, aus méi oder manner villen Eenzelhandlunge besteet. D'Reiefolleg vun den Handlungen (d'Chronologie vun der Geschicht) bleift déi selwecht, egal wéi dacks oder vu wiem si erzielt gëtt. Dat gëtt de Kanner eng gewësse Sécherheet, mécht d'Handlung previsibel a bitt hinnen eng sproochlech Upak (cf. Garnitschnig/Sobczak 2013, S. 37). Duerch dat reegelméissegt Erziele vu Geschichten, esouwuel an der Schoul wéi och doheem, an der Crèche/Maison relais oder bei der Dagesmamm, entwéckelen d'Kanner fréi déi kognitiv Fäegkeet, fir enger Erzielung nozegoen an dat virun allem op Basis vu sproochlechen Impulser a lassgeléist vun enger konkreter Situatioun (cf. Neugebauer/Nodari 2012, S. 19). Duerch d'Nolauschteren entwéckelen d'Kanner „ënnerlech" Biller, hir Biller, déi eenzegaarteg sinn, well si aus hiren Erfarungen an Erliefnesser eraus entstinn a well si sech an deem Mooss veränneren, an deem d'Kanner hir Freed, hir Ängschten an Onsécherheeten, déi mat dësen Erfarunge verknëppt sinn, verschaffe kënnen. Kanner, déi reegelméisseg mat enger räichhalteger Sprooch, esou wéi si an de Geschichte virkënnt, a Kontakt kommen, entwéckele fréi Sproochkompetenzen, déi iwwert déi alldeeglech sproochlech Handlungen, déi de Claudio Nodari als „Potere" bezeechent, erausginn (Neugebauer/Nodari 2012, S.18). Domat kënnen deemno vun Ufank un, am Elterenhaus,

an der Crèche a spéider am éischte Cycle grad ewéi an der Maison relais d'Grondlage fir komplex Sproochhandlungen, déi beim Liesen a Schreiwe gebraucht ginn, geluecht ginn (cf. 4.3.3, S. 25).

Dialogescht Liesen

Niewent dem Erzielen an dem Virliese vu Geschichten duerch den Erwuessene gëtt et d'dialogescht Liesen: D'Kanner klammen hei an d'Roll vum Erzieler mat eran an den Erwuessene lauschtert aktiv no, stellt Froen, erweidert Aussoen, gëtt nei Pisten an Impulser an encouragéiert d'Kanner, eegen Iddien anzebauen, d'Geschicht weiderzespannen asw. (Garnitschnig/Sobczak 2013, S. 37). D'Haaptiddi vum dialogesche Liesen ass et, eng Interaktioun ronderëm d'Geschicht entstoen ze loossen. Hei ginn déi dialogesch Fäegkeeten, wéi de Wiessel vun der Roll „Spriecher – Nolauschterer" ganz niewebäi geléiert. Wann d'Kanner d'Geschicht kennen, kënne si verschidde Passage parallel matschwätzen. Och wa sech generell all Genre vu Buch fir dës Erzielform eegent, bitt et sech am Ufank un, fir Billerbicher auszewielen, an deenen déi verschidde Biller inhaltlech matenee verbonne sinn. Dëst mécht et de Kanner méi liicht, fir den Handlungsstrang z'erkennen an dësen ze versproochlechen. Och Bicher, déi e Perspektivewiessel[11] oder Froen opwerfen[12], eegne sech besonnesch gutt fir dat dialogescht Liesen.

Geschichten erfannen

Et gëtt vill verschidde Manéieren, fir Geschichten z'erfannen. Well et onméiglech ass, fir si alleguer opzelëschten, ginn der hei just e puer ernimmt.

Méi usprochsvoll sinn Aktivitéite wéi d'Erfanne vun engem alternative Schluss („*Wat wier geschitt, wann …?*"), d'Weiderdenke vun der Geschicht („*Wat maachen déi siwe Geessenzéckelcher, nodeems si aus dem Bauch vum Wollef erausgekrabbelt sinn?*"), d'Austausche vun den Haaptpersonnagen („*Stellt iech vir, dem Zilly säin Zingaro wier e Papagei!*") asw. (ibid., S. 37); si setzen Textverständnis an Erzielkompetenz viraus.

[11] Mies van Hout: *Heute bin ich* ; Philipp Winterberg: *Bin ich klein?*

[12] Antje Damm: *Frag mich!* ; Anna-Laura Cantone, Davide Cali: *C'est quoi l'amour ?*

Parallelgeschichte sinn eng kreativ a spannend Aart a Weis, fir eng Geschicht z'erfannen, a bidde gläichzäiteg eng sproochlech Upak: Den Handlungsstrang vun enger bekannter Geschicht gëtt bäibehalen, awer d'Personnagë ginn ausgetosch (beispillsweis hëlt d'Geschicht vum klenge Blo a vum klenge Giel en anere Verlaf, wann de klenge Blo duerch de klenge Rout ersat gëtt[13]; dat selwecht gëllt fir d'Geschicht vum Georges, dem Hond, deen net bille wëllt[14], wann dësen duerch d'Jeanne, d'Kaz, déi net miaut, ersat gëtt). Och hei kënnen d'Kanner doduerch, datt si déi verschidden Etappe vun der Geschicht scho kennen, sproochlech ganz aktiv ginn.

Et geet op dëser Plaz net drëm, fir e Plädoyer fir eng bestëmmte vun deenen hei ugefouerten Erzielformen ze halen. Well ënnerschiddlech sproochlech Fäegkeeten ugeschwat ginn, ass et sënnvoll, fir déi verschidde Formen ofwiesselnd anzesetzen.[15]

Billerbicher

Geschichte sinn heefeg un e Buch gebonnen, deem seng Biller méi oder manner detailléiert an explizit den Handlungsverlaf vun der Geschicht begleeden. D'Betruechtung vun de Biller dierf net ze kuerz kommen; et ass wichteg, datt d'Kanner Zäit kréien, an d'Bild eranzeklammen, fir d'Atmosphär, déi vun him ausgeet, opzesuckelen, Detailer z'erkennen an zu engem Gesamtbild zesummenzesetzen.

De Komplexitéitsgrad vun de Geschichten an d'Aart a Weis, fir si z'erzielen, variéiert mam Alter a mam sproochlechen Entwécklungsstand vun de Kanner. Jonk Kanner hu vill Freed mam Benenne vun eenzelne Bildelementer, beschreiwen déi wichtegst Handlungen a Personnagen an einfache Sätz. D'Verknëppe vun den eenzelnen Zeenen zu enger kohärenter Gesamthandlung ass fir si nach

[13] Leo Lionni: *Petit jaune et petit Bleu.*

[14] Jules Feiffer: *Aboie Georges.*

[15] Den Educatiounsministère proposéiert eng Rëtsch vun Aktivitéitsfichen, déi iwwert déi allgemeng theoretesch Erklärungen erausginn a konkret Aktivitéiten an a ronderëm Geschichten a Billerbicher beschreiwen.

net ëmmer selbstverständlech. Eng kloer zentral Struktur grad ewéi repetitiv Sazstrukture bidden hinnen eng sproochlech Upak, mat där si méi liicht an eng Geschicht eraklamme kënnen an déi hinnen d'Verständnis vum Text erliichtert.

D'Geschicht vun där klenger Spann, déi sech duerch näischt a kee vun hirer Aarbecht ofbrénge léisst, ass e gutt Beispill dofir, wéi en Handlungsverlaf mat repetitive Strukturen de Kanner Orientéierungspunkte ka ginn:

(...)

„Tu viens te promener avec moi?" lui demande le cheval.

Mais l'araignée n'a pas le temps.

„Tu veux manger un peu d'herbe?" lui demande la vache.

Mais l'araignée n'a pas le temps.

„Si tu venais courir dans la prairie?" lui propose le mouton.

Mais l'araignée n'a pas le temps.

(...)

Auszuch aus der Geschicht „*L'araignée qui ne perd pas son temps*" vum Eric Carle

Fir jonk Nolauschterer besonnesch gutt gëeegent si Geschichten, bei deenen d'Handlung explizit aus de Biller ervirgeet; d'Kanner kënnen dat beschreiwen, wat si op de Biller gesinn. Geschichten, an deenen d'Handlungen deelweis implizit enthale sinn oder am iwwerdroene Sënn ze verstoe sinn, stelle méi héich Ufuerderungen un d'Sproochverständnis vun de Kanner. Si reegen dozou un, „ëm den Eck ze denken" an z'interpretéieren. E flott Beispill heifir ass d'Geschicht vun där klenger Maus Frederick, déi Sonnestralen, Faarwen a Wierder sammelt, fir déi däischter Wanterzäit besser iwwerbrécken ze kënnen.[16]

[16] Leo Lionni: *Frederick.*

(...)
Da fiel ihnen plötzlich ein, wie Frederick von Sonnenstrahlen, Farben und Wörtern gesprochen hatte.
„Frederick!", riefen sie, „was machen *deine* Vorräte?"
„Macht die Augen zu", sagte Frederick und kletterte auf einen großen Stein. „Jetzt schicke ich euch die Sonnenstrahlen. Fühlt ihr schon, wie warm sie sind? Warm, schön und golden?" Und während Frederick so von der Sonne erzählte, wurde den vier kleinen Mäusen schon viel wärmer. Ob das Fredericks Stimme gemacht hatte? Oder war es ein Zauber?
(...)
Auszuch aus der Geschicht „*Frederick*" vum Leo Lionni

Méisproocheg Billerbicher

Méisproocheg Billerbicher ginn der Méisproochegkeet ganz explizit eng Plaz an de Kanner d'Méiglechkeet, fir hir Éischtsprooche mat an d'Schoul ze bréngen, fir nei Sproochen z'entdecken, fir Sprooche mateneen ze vergläichen, fir nei Welten, Kulturen a Gebräicher kennen ze léieren. D'Kanner erkennen, datt et fir dee selwechte Personnage oder Géigestand, fir déi selwecht Situatioun an Handlung ënnerschiddlech Bezeechnunge gëtt an heefeg ënnerschiddlech vill Wierder gebraucht ginn (*Blanche-Neige/Schnéiwittchen; la chenille qui fait des trous/die kleine Raupe Nimmersatt/a lagartinha muito comilona*). Méisproocheg Kanner entdecken nei Zougäng zu hirer eegener Méisproochegkeet, si kënne sech iwwert déi verschidde Sproochen austauschen, gesinn a fillen, datt hir Sproochen eng Plaz an der Klass hunn a bei deenen anere Kanner op Intressi stoussen. Méisproocheg Billerbicher hëllefen och, de Lien tëschent dem Elterenhaus an der Schoul ze verstäerken, andeems si eng sproochlech Bréck vun där enger op déi aner Plaz an erëm zeréck bauen.[17]

D'Erfarunge ronderëm d'Buch-, d'Erziel- an d'Schrëftkultur ginn ënnert dem Begréff vun der *Literacy*[18] zesummegefaasst (cf. 4.5, S. 35). Dësen Aspekt fënnt sech am *Plan d'études* niewent de Kompetenzberäicher „*compréhension de l'oral*" a „*production orale*" an de Kompetenzberäicher „*premiers pas vers la compréhension de l'écrit*" a „*premiers pas vers la production écrite*" erëm.

[17] Dësen esou wichtegen Aspekt ass schon op verschiddene Plazen ugeschwat ginn (cf. 4.3.3, S. 25; 5.4 S. 52).

[18] Eng Definitioun vu *Literacy* beschreift dës als „Teilhabe an der Erzähl-, Buch- und Schriftkultur, im weiteren Sinne auch Textverständnis, sprachliche Abstraktionsfähigkeit, Umgang mit Schriftsprache oder mit literarischer Sprache" (Ulrich 2005/ Albers 2014, zitéiert aus Bereznai/Albers 2016).

Reimer, Spréchelcher, Gedichter a Lidder

Anescht wéi Geschichten, déi d'Kanner sech no an no erschléissen, gi kuerz Reimer, Spréchelcher a Gedichter vun de Kanner heefeg „*en bloc*" opgeholl (cf. 7.2, S. 128); den Text gëtt als Ganzt ofgespäichert. Déi gläichkléngend Sazendungen, grad ewéi de Rhythmus an d'Melodie vum Text, verstäerken dee ganzheetlechen Androck zousätzlech. Dobäi kënnt deen heefeg staark ritualiséierte Charakter vu Lidder, Spréchelcher a Gedichter: Si ginn a bestëmmte Situatioune geheeft agesat, sinn u bestëmmte Gesten oder Handlunge gebonnen, ginn dacks vun de Kanner alleguer zesummen ausgefouert asw. Virun allem fir Kanner, déi am Gaang sinn, an eng Sprooch eranzeklammen, si Reimer, Spréchelcher a Gedichter eng ganz wichteg sproochlech Stäip. Si kënnen op dës Aart a Weis an där neier Sprooch relativ séier sproochlech aktiv ginn, vun engem ganz fréie Moment un, wou hinnen nach heefeg d'sproochlech Mëttele feelen, fir an der Zilsprooch mat aneren ze kommunizéieren. Dowéinst si Reimer, Spréchelcher a Gedichter eng flott Méiglechkeet, fir an déi lëtzebuergesch oder déi franséisch Sprooch eranzeklammen.

E gutt Beispill sinn Zuelespréchelcher wéi deen hei:

Un [,]deux
J'ai pondu deux oeufs
Dit la poule bleue
Un, deux,trois
J'en ai pondu trois
Répond l'oie
Cinq, six, sept
J'en ai pondu sept
Répond la poulette
Huit et neuf
Qu'il est beau mon oeuf!
(dans: Koeks 2006, S. 52)

Wann e Kand dës Comptine opseet, heescht dat net onbedéngt, datt hatt fléissend Franséisch schwätzt, och wann hatt hei deen Androck gëtt. Et seet och näischt iwwert d'Entwécklung vu sengem Zuelbegréff aus: Et kann duerchaus sinn, datt d'Kand eng Virstellung vun den entspriechende Quantitéiten huet an dës och nach deenen entspriechenden Zifferen zouuerdne kann. Et ass awer och duerchaus méiglech, datt hatt d'Reiefolleg auswenneg geléiert huet. An deem Fall hunn d'Zuele keng arithmetesch Bedeitung. Fir d'Kand geet et hei virun allem drëm, e „verbale Block" (Koeks 2006, S. 45) erëmzeginn. No an no kann dësen, wann dem Kand seng sproochlech Fäegkeete sech weider entwéckelen, och opgeschlësselt ginn.

Phonologesch Bewosstheet

A ville Situatioune vum schouleschen Alldag gëtt d'Sprooch gebraucht, fir iwwert eppes ze schwätzen; si entsteet an der Situatioun an aus der Situatioun eraus. No an no geléngt et de Kanner, d'Sprooch lassgeléist vun de Géigestänn an de Liewewiesen, op déi si sech bezitt, an de Situatiounen, déi si beschreift, ze gesinn. Si gi sech der Sprooch u sech bewosst; si entwéckelen deemno Sproochbewosstheet. D'phonologesch Bewosstsinnsentwécklung ass e wichtegen Deel vun der Sproochbewosstheet (cf. Bodé 2004, S. 11) a spillt fir de Schréftsproocherwerb eng wichteg Roll.

> **„Am Ufank vum Liesen- a Schreiweléieren ass et ganz wichteg, datt d'Kand an d'Wuert eralauschtere kann. Nëmme wann d'Kand déi eenzel Lauter aus dem Wuert eraushéiert, kann et och den Zesummenhang tëschent dem Laut an dem Buschtaf entdecken a verstoen. Et kann esou d'Laut-Buschtawe-Korrespondenz beim Liesen- a beim Schreiwen uwennen. (...) Duerch d'Uwenne vun de Laut-Buschtawe-Korrespondenze muss d'Kand net all neit Wuert auswenneg léieren, mee et ka selwer nei Wierder liesen oder schreiwen. Dëst ass e wichtege Schrëtt um Wee vum Liesen- a Schreiweléieren." (ibid., S. 12)**

Ënnert phonologescher Bewosstsinnsentwécklung gëtt d'Fäegkeet verstanen, „seng auditiv Opmierksamkeet iwwer d'Bedeitung vum geschwatene Wuert ewech, och op linguistesch Eenheeten, wéi de Reim, d'Silb an den eenzelne Laut (de Phonem) ze riichten" (ibid., S. 11). D'Kanner

léieren deemno, sech vun den Eegenschafte vun engem Géigestand/engem Kontext ze léisen, fir sech ganz bewosst op de Klang vum Wuert konzentréieren.[19]

Allgemeng gëtt ënnerscheet tëschent der phonologescher Bewosstheet am wäite Sënn (Identifizéiere vu gréissere sproochlechen Eenheeten an Erkenne vu klanglechen Ähnlechkeete wéi bei de Reimer) a phonologescher Bewosstheet am enke Sënn (Identifizéiere vu Lauter an de Wierder) (cf. ënnert anerem Hellrung 2012).

D'Wuert „Seel"

Geet et drëm, fir d'phonologesch Bewosstheet z'entwéckelen, ass et net wichteg, ob et e laangt oder e kuerzt, en déckt oder en dënnt, e glat oder e krazegt, e gesträiftent oder e faarwegt Seel ass. Et geet och net ëm all déi flott Aktivitéiten, déi ee ka mat engem Seel maachen (sprangen, zéien, eppes drun ustrécken asw.).

„Seel" ass en eesilbegt Wuert an deemno gëtt eng Kéier bei dësem Wuert an d'Hänn geklappt. E Kand, fir dat d'Wuert „Seel" e laangt Wuert ass, well hatt domat d'Bild vum laangen, dënne Sprangseel verbënnt, ass nach net an der Lag, Géigestand a Bezeechnung vuneneen ze trennen (cf. Garnitschnig/Sobczak 2013, S. 37).

Héiert hatt, datt Seel mat [z] ufänkt, mat [l] ophält, an der Mëtt en [e] ass, denkt et phonologesch „bewosst" (ibid.). Héiert hatt, datt „Seel" an „Neel" reimen, ass et him gelongen, fir sech vum Géigestand u sech ze léisen an ze verstoen, datt et beim Reimspill drëm geet, Wierder ze fannen, déi sech lautlech ähnlech sinn. Assoziéiert hatt awer „Seel" a „Ball" mateneen, well alle béid Spillsaache sinn, mat deenen hatt an der Paus spillt, ass et him nach net gelongen, d'Wuert lassgeléist vum Géigestand ze gesinn.

D'Entwécklung vun engem phonologesche Bewosstsinn bei de Kanner brauch Zäit. Gedichter a Spréchelcher, Lauschter-, Reim-, Silben- a Lautspiller spillen an dësem Kontext eng wichteg Roll.

[19] Den Educatiounsministère proposéiert eng Rëtsch vun Aktivitéitsfichen, déi iwwert déi allgemeng theoretesch Erklärungen erausginn a konkret Aktivitéiten ronderëm d'phonologesch Bewosstsinnsentwécklung beschreiwen.

Rollespiller

Rollespiller ginn d'Méiglechkeet, Sprooch op eng spilleresch Aart a Weis ze gebrauchen. Si entstinn aus deenen ënnerschiddlechste Situatiounen eraus: am Fräispill („*Mir spillen elo Schoul!*"; „*Elo ginn ech an de Buttek!*"; „*Mir maachen e Restaurant op!*"), aus enger Situatioun/Aktivitéit eraus (déi dräi Kanner bei der Staffelei loossen déi faarweg Pinselkäpp matenee schwätzen; e Kand erkläert der Handpopp an der Kichen, wéi aus dem Deeg e Paangech gëtt, wärend déi aner Kanner den Deeg an d'Pan schëdden asw.). Rollespiller kënne spontan aus enger Geschicht eraus gebuer ginn (véier Kanner spillen am Fräispill d'Geschicht vun de Stadmusikante vu Bremen no) oder awer op Initiativ vum Erwuessenen entstoen.

Rollespiller kënne vun engem oder vu méi Kanner gespillt ginn (de Marc deckt den Dësch; d'Emmy geet an de Buttek a leet déi Saachen a säi Kuerf, déi hatt wëllt kafen), niewenteneen (niewent dem Marc deckt d'Joleen en zweeten Dësch; de Samir hëlt eng Plastikstut a geet och an de Buttek) oder mateneen (d'Lina ass d'Butteksfra an de Benni kënnt akafen; de Joé deckt den Dësch, d'Li an den Elvin sëtze sech un a soen, wat si wëllen iessen), mat oder ouni Sprooch. Déi verschidde Sproochen hunn an de Rollespiller eng Plaz: Lëtzebuergesch, Franséisch an d'Éischtsprooche vun de Kanner.

Gespréicher

Gespréichsuläss gëtt et der am éischte Cycle ëmmer an iwwerall an d'Gespréichsforme sinn esou verschidde wéi d'Themen. Un éischter Plaz stinn d'„Privatgespréicher" tëschent de Kanner (cf. Götte 2002, S. 22), déi am Schoulkontext néierens esou einfach ze féiere si wéi am éischte Cycle: Den Tim an d'Jo gi sech net eens, wéi e Stéck Schinn als nächst soll ugesat ginn; de Benni an d'Amélie spillen Hond an Hondsmeeschtesch an d'Amélie seet dem Benni, wat hien als Mupp dierf maachen a wat net; d'Zoé, de Kylian an de Steve setzen e Puzzle zesummen an diskutéieren driwwer, wéi e Stéck wouhi kënnt; d'Li, de Steve an d'Anabelle kucken am Bichereck zesummen e Buch; d'Lynn erzielt dem Michi iwwert dem Hännwäschen, wat hatt gëschter op der Tëlee gekuckt huet, de Mattis erzielt dem Ken iwwert dem Iessen, wat hien am léifsten op senger Schmier ësst asw. D'Wichtegkeet vun dëse Gespréicher ass net z'ënnerschätzen; si hëllefen, Fäegkeeten z'entwéckelen, déi d'Viraussetzung fir geléngend didaktiséiert Gespréichssituatioune sinn: sech deem anere bewosst zouwenden, sech fir dat interesséiere, wat hie seet, nolauschteren, Froe stellen an äntweren asw.

Gespréicher am klenge Grupp vun e puer Kanner ergi sech dacks vum selwe bei gemeinsamen Aktivitéiten, wann d'Kanner zesumme molen, bastelen oder kachen, wa si zesummen e Gesellschaftsspill maachen oder e mathematesche Problem léisen asw. Si froen no, erziele vun ähnlechen Erliefnesser, reagéieren op dat, wat en anere mécht asw. D'Sprooch, déi hei niewebäi a ganz natierlech entsteet, kann den Erwuessenen opgräifen, ausbauen, weiderféieren, verdéiwen asw. (cf. 7.1.5, S. 120).

D'Gespréich an engem grousse Grupp ass eng beléifte Sproochaktivitéit am éischte Cycle.[20] Et ass e Moment, wou d'Kanner zesummekommen, fir mateneen iwwert eppes ze schwätzen. Et ass awer och e Moment, dee vill vun de Kanner verlaangt: Net all Kanner kënnen a wëllen e bestëmmte Moment iwwert dat schwätzen, wat d'Thema vum Gespréich ass. D'Ursaachen heifir kënne ganz ënnerschiddlech sinn: Et gëtt aner Saachen, déi hinnen an deem Ament um Häerz leien a fir si méi wichteg sinn; si traue sech (nach) net, fir d'Wuert am grousse Grupp z'ergräifen; et fält hinne schwéier, de Fuedem ze halen a beim Thema ze bleiwen; hinne feelen déi sproochlech Fäegkeeten an der Zilsprooch, fir sech aktiv ze bedeelegen asw.

De Jules ass nach ëmmer rose mat sengem beschte Frënd, well deen an der Paus net wollt mat him Fänkes spillen; hien huet iwwerhaapt keng Loscht, fir ze schwätzen. D'Marlène huet nei Schong kritt, un deenen hatt sech net sat ka kucken an déi hatt bei all Geleeënheet an de Krees streckt, fir datt och wierklech jidderee si gesäit. De Bob äntwert, wann hien eppes gefrot gëtt, seet awer seelen eppes vu sech aus. Wann hien am grousse Grupp schwätzt, ass dat meeschtens ganz lues an ouni déi aner Kanner dobäi unzekucken. Déi éischt puer Minutte sëtzt d'Ännche ganz roueg op sengem Këssen; dono fänkt hatt un, hin an hier ze rutschen, zitt seng Nopesch um Pullover a bléist hir an d'Ouer. Den Amal lauschtert no a kuckt d'Kanner, déi am Gaang sinn ze schwätzen; hie selwer seet (nach) net vill, well hien eréischt viru Kuerzem op Lëtzebuerg komm ass an d'Lëtzebuergesch fir hien nach nei ass.

[20] Dës Sproochaktivitéit gëtt am Lëtzebuerger Kontext dacks och nach Causerie genannt.

Eng Rëtsch vu Recherchen, ënnert anerem am franséischsproochege Raum, weisen dorop hin, wéi schwiereg e Gespréich an engem grousse Grupp ass (ënnert anerem Florin 1991, François 1990). Op Basis vun dëse Constaten hunn zwou kanadesch Chercheusë versicht, d'Aktivitéit vum Gespréichskrees an der Praxis z'analyséieren an zesumme mat den Enseignanten an Enseignanteën, déi un der Recherche bedeelegt waren, Recommandatioune fir geléngend a gelonge Gespréicher mat jonke Kanner ze ginn (Fisher, Doyon 2010).

E Gespréich, dat ronderëm gemeinsam Momenter dréint, mécht et de Kanner méi liicht, bei der Saach ze bleiwen, well et sech op eppes bezitt, wou si alleguer dobäi waren, dat si alleguer erlieft hunn (beispillsweis e Réckbléck op d'Beweegungsbaustell an dat, wat de Kanner hei am beschte gefall huet). An esou engem Gespréich ka jiddwer Kand eppes dozou bäidroen („*D'Leeder eropklamme war cool!*"; „*Schaukelen ass witzeg, ass séier gaang!*"; „*Leeder, jo, cool!*"), dat, wat en anere gesot huet, ergänzen („*An dunn hu mer nach d'Seeler geholl…*"; „*… an de Jos huet e Ball geholl…*"), nuancéieren („*Neen, et waren dräi Seeler, net zwee!*") a verdéiwen („*Dee roude Ball war ze schwéier, mir hunn e bloe geholl.*").

> **„(…) ‚revenir sur une expérience vécue ensemble'. (…) Elle donne lieu à une activité conjointe de construction de ‚texte', puisque l'expérience est partagée par tous et fait appel au genre narratif (récit). À ce titre, ces causeries font intervenir la chronologie d'événements, l'expression du temps et de repères temporels, une variété d'angles à considérer (ce qu'on a fait, vu, ressenti, dit, etc.)." (ibid., S. 91)**

Gespréicher iwwert perséinlech Erliefnesser respektiv Gespréicher, déi vun de Kanner eng Zesummefaassung iwwert eppes verlaangen („*Wat hues du gëschter gemaach?*"; „*Erziel mol, wéi et op dengem Gebuertsdag war!*") sinn heefeg schwéier ze bewältegen, well si allgemeng a vag gehale sinn. Jonk Kanner riskéieren hei vun elauter Beem de Bësch net méi ze gesinn (cf. Götte 2002, S. 23). Doriwwer eraus ass dat, wat hei erzielt a beschriwwe gëtt, fir d'Nolauschterer, déi net selwer dobäi waren, heefeg wéineg spannend, an d'Erzieler riskéieren, den Intressi vun deenen aneren ze verléieren.

Gespréicher, déi d'Kanner direkt uspriechen a vun hinne verlaangen, datt si aktiv ginn, sinn éischter dozou gëeegent, de Kanner hir Opmierksamkeet iwwert eng länger Zäit ze halen a si dozou ze

motivéieren, fir ze schwätzen. Heefeg ginn d'Kanner an esou Momenter dozou opgefuerdert, zesummen no Léisungen ze sichen oder Äntwerten op Froen ze fannen, déi an hirem Kontext wichteg sinn (cf. Fisher, Doyon 2010): Wat kënne mer mat där eideler Këscht maachen? Wéi kënne mer erausfannen, wéi eng vun dëse Saache schwammen a wéi eng ënnerginn? Wou ass eng gutt Plaz, fir deen neie Canapé hinzestellen? Wat huele mir mat eraus op d'Spillplaz? Wéi gëtt Äis gemaach? Asw. Dës Theme reegen d'Phantasie un („*D'Schlass gëtt giel mat Blummen drop.*"), verleeden dozou, Hypotheesen opzestellen („*Wann d'Waasser am Frigidaire ass, gëtt et kal.*"), Argumenter fir a géint eppes ze fannen („*D'Waasser ass kal, mä et gëtt net haart am Frigidaire!*"; „*Giel ass esou eng Faarf wéi dem Zilly säi Schlass; dat ass gutt!*").[21] De Schoulalldag ka mat de Kanner organiséiert ginn: Dat nächst Thema gëtt zesummen ausgewielt an/oder e Projet gëtt zesumme geplangt. Et gëtt zesummen iwwerluecht, wéi eng Spillsaachen aussortéiert ginn a wéi eng aus dem Ofstellraum eropgeholl ginn. Och Aktivitéite ginn am Gespréichskrees zesumme virbereet: D'Ateliere ginn erkläert, zesumme gëtt gekuckt, wat gebraucht gëtt, fir eng Kroun fir de Spilleck ze bastelen oder fir e bestëmmtent Experiment duerchzeféieren asw.

Den Enseignant/d'Enseignante an den Educateur/d'Educatrice spillen eng wichteg Roll beim Gespréich (ibid.). Si lauschteren no, ginn de Kanner Zäit fir z'äntweren, stelle Froen, gräifen op, kommentéieren, faassen zesummen, maachen deene méi scheie Kanner Courage, fir ze schwätzen, baue Brécken tëschent de Sproochen, andeems si iwwersetzen asw. Wichteg ass et, datt si dem Raisonnement vun de Kanner noginn an datt si sproochlech net iwwerpräsent sinn. Soss riskéiert e Gespréich zu engem Fro-Äntwert-Spill oder engem Dialog Erwuessene-Kand ze ginn.

An all dëse Gespréichsmomenter steet dat, iwwert dat geschwat gëtt, am Mëttelpunkt. D'Sprooch ass e Mëttel fir Erliefnesser, Gedanken a Gefiller zum Ausdrock ze bréngen, wat net wëll heeschen, datt d'Aart a Weis, wéi eppes gesot gëtt, ausser Uecht gelooss gëtt. Den Enseignant/d'Enseignante an den Educateur/d'Educatrice kënnen d'Gespréich sproochlech méi räich gestalten, den Dialog mat de Kanner oprechterhale respektiv weiderféieren, (cf. 7.1.5, S. 120), andeems si d'Aussoen opgräifen, wann néideg implizit korrigéieren, dës ausbauen, iwwert Froen de Kanner beim Weiderdenken hëllefen asw. Duerch Réckfroen oder aner sproochlech Impulser ginn d'Kanner implizit dozou

[21] Laura Owen, Korky Paul: *Zilly und Zingaro*.

gefouert, fir dës Strukturen ze gebrauchen; si kréien eng korrekt Sprooch ugebueden, ouni datt si an hirem Riedefloss gebremst ginn. Och a grad am Lëtzebuerger Kontext gi sech vill Gedanken doriwwer gemaach, wéi e sproochlecht Gerüst Kanner mat wéinege Kenntnisser an de Schoulsprooche kënne kréien, fir kënnen un engem Gespréich deelzehuelen.[22]

Inzeenéiert Sproochsituatiounen

An d'Kategorie vu de geplangten Aktivitéite mat primär sproochlechen Ziler falen och déi sougenannten inzeenéiert Sproochsituatiounen. D'sproochlech Ziler (beispillsweis de Wuertschaz an d'Sazstrukturen, déi viséiert sinn) gi vum Erwuessenen am Viraus festgeluecht an den Oflaf vun der Situatioun gëtt a graffen Zich geplangt. „A graffen Zich" heescht, datt nëmmen de Kader gesat gëtt. De Verlaf vun der Aktivitéit selwer hänkt dovun of, wéi d'Kanner agéieren a reagéieren.

E Stoppchesspill, d'Raume vun der Bicherkëscht, d'Ariichte vum Bauerenhaff, d'Araume vum Frigidaire am Virfeld vun enger Kachaktivitéit asw. sinn Aktivitéiten, an deene beispillsweis Positioune geheeft gebraucht ginn: op, ënnert, am, niewent asw. Adjektiver kënne beispillsweis am Kader vu Beweegungsspiller ganz anschaulech a gräifbar duergestallt ginn: séier lafen, wäit sprangen oder werfen, héich klammen, lues goen, grouss Schrëtt maachen asw.

D'Kanner bestëmmen hei selwer, wéi si mam Kader, dee virginn ass, ëmginn. Doduerch, datt si hir Iddie mat erabréngen, entstinn ëmmer erëm nei Spillformen. Inzeenéiert Sproochsituatioune kënne sech un e Grupp vu Kanner riichten oder awer och spontan zesumme mat engem Kand gespillt ginn, beispillsweis am Fräispill, wa sech e gënschtege Moment ergëtt.

[22] Cf. Scaffolding Technike vu Claudio Nodari.

Sproochspiller

Niewent den inzeenéierte Sproochsituatiounen, déi Spillraum fir d'Iddie vun de Kanner loossen an, jee nodeem, wéi d'Kanner sproochlech reagéieren, eng aner Nues kënne kréien, gëtt et d'Sproochspiller, déi dacks no festgeluechte Reegelen oflafen. Och si sinn Deel vun engem Konzept vu sproochlecher Bildung an huelen hei eng wichteg Plaz an. Sproochspiller kënnen a verschiddene Sproochen oder awer sproochvergläichend gespillt ginn. Sproochspiller wéi beispillsweis Dialog- a Begréffsspiller, Kim-Spiller, Quiz-Spiller a Rhythmikspiller hunn eng laang Traditioun am éischte Cycle. Wichteg ass et, datt si bewosst agesat ginn a sech um Sproochentwécklungsstand vum Kand an där jeeweileger Sprooch ausriichten. En Nodeel vu gesteierte Sproochaktivitéiten, bei deenen den Oflaf an déi sproochlech Strukturen, déi vun de Kanner gebraucht ginn, vu virera festleien, ass deen, datt d'Gefor besteet, eng ze vill automatiséiert Sprooch opzebauen: Déi geléiert Zilstrukture gi wuel am Spill oder an der Aktivitéit korrekt gebraucht, si ginn awer net an den aktive Sproochgebrauch iwwerholl, well d'Kand den entspriechende Wuertschaz virun allem mat där ganz spezifescher Sproochspillsituatioun a Verbindung bréngt an en net op aner Situatiounen iwwerdroe kann. Deemno kann et virkommen, datt e Kand e Saz wéi „*Ech iessen eng Banann.*“ an der Situatioun vum Sproochspill duerchaus formuléiere kann, awer spéider, wann hatt beim Dësch sëtzt a sech e Stéck Uebst eraussicht, dës Struktur net méi prett huet.

Automatisme bei de Sproochspiller kënnen ënnert anerem doduerch verhënnert ginn, datt de sproochlechen Input variéiert. Beispillsweis beim Memory-Spill: „*Dat ass en Hond. Ech hunn e wäissen Hond doheem, hien heescht Mil. Hues du och en Hond?*“; „*Wou ass den zweeten Hond?*“; „*Do ass deen zweeten Hond.*“; „*Elo hues du zwee Hënn.*“; „*Huet ee vun iech zwee Hënn doheem?*“; „*Wie weess nach, wou déi zwee Hënn verstoppt sinn?*“ asw. D'Interventioune vum Erwuessenen droen dozou bäi, datt den Austausch méi räichhalteg gëtt, datt d'Kanner motivéiert ginn, fir ze schwätzen, méi wéi d'Memory-Kaarten dat hierginn. Den Erwuessene spillt hei eng wichteg Roll, well hien déi néideg Sensibilitéit huet, fir ze mierken, wéini hie soll agräifen a wéini net.

6.2.5 Primär eesproocheg a primär méisproocheg Momenter

Déi verschidde Momenter am éischte Cycle sinn net vu vireran un eng bestëmmte Sprooch gebonnen. Wéi eng Sprooch oder wéi eng Sproochen a wéi enge Situatioune gebraucht ginn, hänkt vun den Aktivitéiten an hiren Zilsetzungen of. Dat gëllt esouwuel fir Alldagssituatioune wéi fir all Zorte vu geplangten Aktivitéiten. Ganz allgemeng gëtt tëschent eesproochegen a méisproochege Momenter ënnerscheet.

Primär eesproocheg Momenter

A Momenter, déi virrangeg eesproocheg sinn, steet eng Sprooch am Mëttelpunkt: Dat ka Lëtzebuergesch oder Franséisch sinn. Primär eesproocheg Momenter sinn am éischte Cycle vu grousser Wichtegkeet, well si vill Raum bidden, fir déi sproochlech Ausdrocksméiglechkeete vun de Kanner an enger bestëmmter Sprooch weiderzebréngen. Eesproocheg Momenter gëtt et awer och dann, wann et wichteg ass, eng gemeinsam Kommunikatiounssprooch ze hunn, déi vu méiglechst ville Kanner verstanen an/oder geschwat gëtt. Eng Geschicht gëtt op Lëtzebuergesch an/oder op Franséisch erzielt, Ateliere ginn am Grupp virbereet, d'Kanner stellen zesummen eng Akafslëscht fir de Kaffisdësch op asw. A Situatioune wéi dësen, an deenen den Austausch iwwert e Sujet am Mëttelpunkt steet, gëtt eng gemeinsam Sprooch wichteg. Fir datt jiddwer Kand aktiv deelhuele kann, ass d'Sécherung vum Verständnis onerlässlech: Dofir baut den Erwuessene bei Bedarf Brécken tëschent de Sproochen, andeems hien deene Kanner, déi sech an enger anerer Sprooch ausdrécken, eng Bréck an d'Lëtzebuergescht oder d'Franséischt baut.

Déi Sprooch, déi am Schoulalldag vum éischte Cycle am meeschte genotzt gëtt, ass d'Lëtzebuergescht. Dat läit op der Hand, well et déi éischt Schoulsprooch an déi wichtegst Kommunikatiounssprooch an dësem Cycle ass.

Et sinn zwou bis dräi Sproochaktivitéite pro Woch a franséischer Sprooch virgesinn. Duerch de reegelméissege Kontakt mat dëser Sprooch iwwert d'Joren am éischte Cycle kënnen d'Kanner esou no an no rezeptiv a produktiv mëndlech Fäegkeeten entwéckelen. Wichteg ass et hei, fir nach eng Kéier ze betounen, datt et ëm eng Eruféierung un déi franséisch Sprooch an net ëm e systemateschen Opbau vu sproochleche Kompetenze geet, dee méi Unitéite géif néideg maachen. D'Dauer vun den Aktivitéiten, an dat gëllt net nëmme fir d'Sproochaktivitéiten, riicht sech nom Alter an no der

Opnamfäegkeet vun de Kanner. Et versteet sech vum selwen, datt d'Aktivitéite fir dräijäreg Kanner am Precoce méi kuerz ausfale wéi fir d'Kanner aus dem zweete Joer vum éischte Cycle.

D'Educatrice erzielt de Kanner d'Geschicht vum Georges, dem Hond, deen net bille kann.[23] D'Geschicht huet eng zentral Handlung an ass iwwersiichtlech strukturéiert. Déi repetitiv Sazstrukture grad ewéi déi vill Déieregeräischer vereinfachen de Kanner d'Verständnis vun der Geschicht. Den Dag drop gëtt d'Geschicht widderholl. Fir déijéineg Kanner, fir déi d'Franséischt eng nei Sprooch ass, geet et an dëser fréier Phas an éischter Linn drëm, fir d'Haaptpersonnagen a verschidden einfach Zeenen erëmzeerkennen, wann dës verbal beschriwwe ginn (Héierverständnis, *compréhension de l'oral*). Aner Kanner dogéint benennen d'Personnagen, erëm aner Kanner ginn Äntwerten a franséischer Sprooch op d'Froen oder beschreiwen d'Aktiounen an der Geschicht. Déi differenzéiert Approche baut op de sproochleche Ressourcë vun de Kanner op (beispillsweis Kanner ouni Virkenntnisser, Kanner, déi doheem mat Franséisch opwuessen, Kanner, déi an enger Crèche mat Franséisch a Kontakt komm sinn). Eng weider Aktivitéit a franséischer Sprooch – déi drëtt an dëser Woch – kann dora bestoen, datt d'Déieregeräischer an déi entspriechend Déierennimm an engem Geräischmemory opgegraff, erëmerkannt an/oder benannt a beschriwwe ginn.

Zwou bis dräi Aktivitéiten d'Woch sinn als Minimum festgeluecht ginn, fir e reegelméissege Kontakt mat der franséischer Sprooch sécherzestellen. Dëse Riichtwäert bezitt sech an éischter Linn op déi Aktivitéiten, bei deenen de Fokus op der Sprooch läit. Awer och an Alldagssituatioune (cf. S. 74) grad ewéi am Kader vu geplangten Aktivitéiten an anere Beräicher (cf. S. 78), beispillsweis bei Mol- a Bastelaktivitéiten oder beim Kachen a Baken, kann déi franséisch Sprooch mat afléissen.

De Kanner hire Moien an der Klass vum éischte Cycle Prescolaire fänkt all Dag mat der „Fro vum Dag" un. D'Fro gëtt entweder vun de Kanner mam Erwuessenen zesummen oder vum Enseignant gestallt an zesumme gëtt uschléissend am Gespréichskrees no Äntwerte gesicht. D'Froe si ganz verschidden. Si kënnen dat ausdrécken, wat d'Kanner grad an deem Moment besonnesch beschäftegt („Wéi kënne mir de Kuscheleck méi kuscheleg kréien?"; „*Firwat reent et haut?*") oder si kënne ganz praktesch ausgeriicht sinn („*Wat huele mir mat, wa mir eis de Mëtteg op d'Schatzsich*

[23] Jules Feiffer: *Aboie Georges*. Eng Lëscht mat Bicher a franséischer Sprooch vu verschiddene Schwieregkeetsgraden ass op dem Internetsite vum Ministère ze fannen.

am Park maachen?"; „*Wat kafe mir beim Geméismann?*"). Si kënnen oppen („*Wat hues du an der Nuecht gedreemt?*") oder zou sinn („*Hues du an der Nuecht gedreemt?*"). Entscheedungsfroe gi beispillsweis deene Kanner, fir déi d'Schoulsproochen nei sinn, eng sproochlech Upak: „*Est-ce que tu aimes les chats ou les chiens?*"; „*Wëlls du haut en Apel oder eng Banann iessen?*" Si kënnen op Lëtzebuergesch an op Franséisch, an enger vun deenen zwou Sprooche respektiv a weidere Sprooche gestallt ginn.

Wéini a wéi déi franséisch Sprooch gebraucht gëtt, hänkt engersäits dovun of, mat wéi engem sproochleche Virwëssen d'Kanner an d'Schoul kommen a wéi wäit hir sproochlech Kompetenzen (an hirer Éischtsprooch/hiren Éischtsprooche wéi och an de Schoulsprooche Lëtzebuergesch a Franséisch) entwéckelt sinn. Anerersäits hänkt et awer och dovun of, wéi wuel den Enseignant/d'Enseignante an den Educateur/d'Educatrice sech mat dëser Sprooch fillen. D'Fachleit an der Lëtzebuerger Grondschoul sinn alleguer méisproocheg a bréngen déi entspriechend sproochlech Viraussetzunge mat, fir en héichwäertege sproochlechen Input an deenen dräi Sprooche Lëtzebuergesch, Franséisch an Däitsch ze ginn. An dach ass et wahrscheinlech, datt an engem Schoulkontext, an deem bis elo den Haaptakzent op enger Sprooch louch, och fir den Erwuessenen eng Agewinnungsphas néideg ass. Geschichten, Lidder, Reimer a Spréchelcher ginn an der Reegel d'Sprooch vir – si bidden eng sproochlech Upak an erliichteren domat d'Aarbecht an dëser éischter Phas. No an no, wann eng gewësse Gewunnecht am Ëmgank mat der franséischer Sprooch kënnt, fléisst dës ëmmer méi spontan an de schouleschen Alldag an a beschränkt sech net nëmmen op déi zwou bis dräi geplangten Aktivitéiten d'Woch.

D'Lissi, d'Handpopp, déi (nach) nëmme Franséisch schwätzt, sëtzt mat de Kanner zesummen um Moiesdësch. An dëser Situatioun bidde sech eng Hellewull sproochlechen Handlungsméiglechkeeten un: D'Lissi wëllt wëssen, wéi d'Iesswueren op dem Dësch op Lëtzebuergesch heeschen – dat féiert ganz automatesch zu Sproochvergläicher. D'Kanner ënnerhale sech mam Lissi wärend dem Iessen, natierlech op Franséisch, well hatt jo (nach) keng aner Sprooch schwätzt a versteet: Firwat hatt keng Schmier matbruecht huet, wat hatt am léifsten ësst, ob hatt léiwer Waasser oder Mëllech drénkt asw. Déi eng Kanner maache ganz Sätz, anerer gebrauchen eenzel Wierder, rëm anerer weisen op d'Iesswueren. D'Lissi gräift d'Aussoe vun de Kanner op, vervollstännegt dës a baut si wann néideg aus.

Primär méisproocheg Momenter

A primär méisproochege Momenter gi verschidde Sproochen niewent- oder matenee gebraucht. Op där enger Säit gëtt et hei Aktivitéiten, an deenen d'Sprooche selwer am Mëttelpunkt stinn. Dëst ass beispillsweis de Fall, wann den Erwuessenen de Kanner eleng, mat dem Kolleeg/der Kolleegin oder engem Elterendeel (an/oder mat Hëllef vun engem méisproochege Kannerbuch) eng Geschicht erzielt. Oder an deene Momenter, wou ganz konkret déi verschidde Sprooche matenee verglach ginn an zesumme gekuckt gëtt, wou et Ënnerscheeder a Gemeinsamkeete gëtt. Oder wann d'Kanner der portugiseschsproocheger Léierpersoun am Gespréichskrees beispillsweis hire Besuch bei de Pompjeeën erzielen.

Méisproocheg Momenter sinn an alle Léierberäicher vu Relevanz: Wann d'Kanner am Bastelatelier matenee schwätzen, wärend si rappen, schneiden, pechen, de Leem knieden asw.; wa si zesummen eng Beweegungsbaustell opriichten, Material zesummendroen, déi verschidde Spillgeräter ausprobéieren asw. Oder an der Paus, wann d'Kanner Fänkes spillen, klunschen, d'Rutschban eropklammen an erofrutschen asw. Oder wärend dem Fräispill, wann d'Kanner zesumme bauen, d'Poppekanner versuergen, e Kniwwelspill maachen, an de Buttek akafe ginn, mam Zuch spillen asw. An dëse Momenter spillt d'Sprooch wuel eng wichteg Roll, awer si steet net am Mëttelpunkt. Et geet ëm dat gemeinsamt Erliewen (an der Paus, am Fräispill); Reegele ginn opgestallt (beim Fänkes spillen) a Rolle mat Liewe gefëllt (als Keefer a Butteksfra, als Poppemamm). Am Basteleck an am Motorikraum geet et ëm d'Aarbecht u sech; d'Sprooch begleet d'Handlungen, beschreift, wann eppes besonnesch gutt gelongen ass oder wann eppes Schwieregkeete mécht asw. Wéi eng Sprooch an deene verschiddene Situatioune gebraucht gëtt, hänkt vun de Kanner of, déi matenee spillen a schaffen. Wichteg ass et hei, datt d'Kanner d'Méiglechkeet hunn, sech op hir Manéier auszedrécken an hir sproochlech Moyenen anzesetzen.

Situatiounsgebonnenen Asaz vun de Sproochen: „Eng Persoun – méi Sproochen“ amplaz vun *„one person – one language“*

De Gebrauch vu Lëtzebuergesch a Franséisch ass am éischte Cycle net un eng Persoun gebonnen, mä vill méi un eng Situatioun. Dat mécht Sënn, well jo eng an déi selwecht Persoun déi verschidde Sprooche schwätzt a versteet. Doriwwer eraus mécht dee situatiounsgebonnenen Asaz et de Kanner méi einfach, fir d'Sprooche vuneneen z'ënnerscheeden. Dat gëllt virun allem fir d'Franséischt, dat net d'Haaptkommunikatiounssprooch am éischte Cycle ass an am Kader vu verschiddenen Aktivitéite geziilt agesat gëtt. D'Erziele vun der Geschicht op Franséisch gëtt virdrun ugekënnegt („*Ech hunn iech eng Geschicht matbruecht. D'Geschicht vun engem klenge Monster! Si ass op Franséisch.*“), déi franséischsproocheg Handpopp gëtt ganz bewosst situatiounsgebonnen agesat (eemol an der Woch am Geschichtekrees, oder ëmmer dann, wann eng Aktivitéit a franséischer Sprooch gemaach gëtt, oder am Bak- a Kachatelier, well si dat esou gär mécht, asw.). Doniewent, an dëst ass e ganz wichtegen Aspekt mat Bléck op méisproocheg Kompetenzen, sinn den Enseignant/d'Enseignante an den Educateur/d'Educatrice lieweg Beispiller dofir, wéi wichteg a wéi flott et ass, méi Sproochen ze verstoen, ze schwätzen, ze liesen an ze schreiwen. Si kënnen e franséischt Buch „entschlësselen“, dat ouni hir Sproochkenntnisser net mat all sengen Nuancë fir d'Kanner zougänglech wier. Si verstinn, ëm wat et an deem schmassege franséische Lidd geet, deem seng Melodie de Kanner esou gutt gefält, si liesen op dem Pak, ob d'Gebeess an de Kichelcher no Äerdbier oder Hambier schmaacht. Si verstinn och, wat de franséischsproochege Kontroller op der Gare seet, wa si hie froen, a wéi en Zuch si klamme mussen, fir duer ze kommen, wou si hiwëllen. Si kënnen awer och dat, ëm dat et am Lidd geet, oder dat, wat de Kontroller seet, oder dat, wat um Pak steet, op Lëtzebuergesch iwwersetzen a méiglecherweis och nach an aner Sproochen.

Wann no an no, wéi uewen ugeschwat, d'Franséischt och an aner méi alldeeglech Situatiounen erafléisst, bleift et nach ëmmer wichteg, d'Sprooche weiderhi situatiounsgebonnen anzesetzen an en onsystematescht Hin- an Hiersprangen tëschent de Sproochen ze vermeiden. D'bewosst Sproochverhale vum Erwuessene spillt an dësem Kontext eng ganz wichteg Roll (cf. 2.2.3, S. 16).

Een- a méisproocheg Momenter an där selwechter Aktivitéit

Net seele kënnt et vir, datt et am Kader vun enger an där selwechter Aktivitéit esouwuel ee- wéi méisproocheg Momenter gëtt.

D'Bastelkëscht gëtt geraumt

D'Kanner sëtze mat der Enseignante am Krees an zesummen iwwerleeë si, wéi si sech kënnen uleeën, fir dës Aufgab ze léisen. Op dem Buedem leie Knäpp, Pailletten, Pärele vu verschiddene Gréissten a Faarwen, Stëpp, Käschten, Bastelelementer vun ënnerschiddleche Formen a Faarwen an aus ënnerschiddlechem Material. Et geet elo drëm, déi Saachen, déi beienee passen, a kleng Këschten ze raumen a fir jiddwer Këscht en entspriechend Schëld ze maachen. D'Consigne ass déi, datt an all Këscht méiglechst vill verschidde Saache leie sollen, wat esou vill heescht, wéi datt et net duergeet, fir d'Pärele bei d'Pärelen an d'Knäpp bei d'Knäpp ze raumen. D'Diskussioun tëschent de Kanner gëtt an dëser Aféierungsphas virun allem op Lëtzebuergesch gefouert – well d'Aufgab d'Kanner am Krees alleguer gläich betrëfft, ass et wichteg, datt déi gemeinsam Iwwerleeungen an enger gemeinsamer Sprooch gefouert ginn.

Duerno schaffen d'Kanner a klenge Gruppen: Si probéieren, vergläichen, kucke beim Noper, diskutéieren a verhandelen. Dat maache si an där Sprooch/deene Sproochen, déi hinnen an dëser Situatioun am nooste läit/leien an déi hir Partner am beschte verstinn. Déi eng schwätzen op Portugisesch mateneen, anerer op Franséisch, rëm anerer wiesselen tëschent Lëtzebuergesch a Franséisch hin an hier. En albanescht Kand, dat eréischt kuerz an der Klass ass, schwätzt net vill, lauschtert no, weist a kuckt. D'Kanner a sengem Grupp schwätzen op Lëtzebuergesch mat him. En engleschsproochegt Kand mécht sech mat engem Gemësch aus Englesch a Lëtzebuergesch verständlech. An dëser Situatioun geet et net primär ëm d'Sprooch, mä villméi drëm, fir gemeinsam Klassifikatiounskritären ze fannen an zesummen ze decidéieren, ob éischter no der Faarf, der Gréisst, der Form, der Déckt oder awer no blénkeg-net blénkeg, pickeg a glat sortéiert gëtt.

Nodeems déi verschidde Gruppen hiert Material a Këschte gesënnert hunn, kommen d'Kanner nach eng Kéier alleguer zesummen, a jiddwer Grupp beschreift, wéi sech ugeluecht ginn ass, fir d'Saachen ze raumen. Hei ass et erëm eng Kéier wichteg, eng gemeinsam Sprooch ze hunn, déi vun de Kanner verstanen an no Méiglechkeet geschwat gëtt. Dat ass an dësem Fall d'Lëtzebuergescht.

Situatioune wéi déi heite gëtt et der e sëllegen am Schoulalldag. Hei geet et drëm ze kucken, wat a wéi engem Ament wichteg ass – wann de sproochlechen Austausch tëschent de Kanner am Mëttelpunkt steet, gëtt eng gemeinsam Sprooch, an där si sech kënne verstännegen, ëmsou méi wichteg. An deenen anere Momenter, virun allem dann, wa si selbstänneg schaffen, muss et och méiglech sinn, datt si op aner Sproochen zeréckgräife kënnen. An dësem Beispill ass déi gemeinsam Kommunikatiounssprooch d'Lëtzebuergescht. An anere Kontexter a Konstellatioune kann dat awer och déi franséisch Sprooch sinn.

Eng aner Méiglechkeet, fir e méisproochege Moment ze schafen, ergëtt sech dann, wann eng Geschicht an engem méisproochege Modus erschafft gëtt.

D'Geschicht vun där klenger Spann an enger lëtzebuergesch-franséischer Versioun

Den Enseignant erzielt d'Geschicht am franséischsproochege Billerbuch zweesproocheg franséisch-lëtzebuergesch. Hien huet sech bewosst heifir entscheet, well et an der Klass vill Kanner gëtt, déi franséisch schwätzen a verstinn, sief et, well et hir Éischtsprooch ass, sief et, well si iwwert d'Joren an der Crèche oder bei der Dagesmamm mat dëser Sprooch a Kontakt komm sinn. Lëtzebuergesch ass dogéint an der Klass relativ wéineg präsent. Andeems den Enseignant d'Geschicht zweesproocheg erzielt, gëtt hien enger ganzer Rëtsch vu Kanner d'Méiglechkeet, op hiert sproochlecht Potential am Franséischen zeréckgräifen. Doriwwer gi bewosst Brécken tëschent deenen zwou Schoulsprooche gebaut.

> „Tu viens te promener avec moi?", freet d'Päerd. Awer d'Spann huet keng Zäit.
> „Tu veux manger un peu d'herbe?", freet d'Kou. Awer d'Spann huet keng Zäit.
> „Si tu venais courir dans la prairie?", freet d'Schof. Awer d'Spann huet keng Zäit. (…)

Hei ass et wichteg, datt d'Kanner erkennen, wéini wéi eng Sprooch gebraucht gëtt, well si soss riskéieren duercherneenzegeroden. D'Geschicht u sech gëtt op Lëtzebuergesch erzielt. D'Déieren dogéint, well et jo e franséischt Buch ass, kënnen nëmme franséisch schwätzen. Mat Hëllef vun de Kanner „iwwersetzt" den Enseignant d'Déieresprooch op Lëtzebuergesch. D'Handlung, déi sech ëmmer erëm widderhëlt (en Déier kënnt bei d'Spann a freet si, fir eppes zesummen ze maachen, awer d'Spann huet keng Zäit), vereinfacht et de Kanner, sech an der Geschicht erëmzefannen a „virzedenken"; un der Betounung erkennen d'Kanner, datt et sech bei deem, wat d'Déiere soen, ëm Froen handelt. Doriwwer verleet d'Widderhuelung vun deem ëmmer selwechte Saz („Awer d'Spann huet keng Zäit.") dozou, fir dëse ganzheetlech opzehuelen an ze späicheren (cf. 3.2.5, S. 47; 7.2, S. 128).

6.3 Wäertschätzen an Abezéie vun den Éischtsproochen

D'pädagogesch Prinzipien (cf. Kapitel 5) hunn en Afloss op den Ëmgank mat den Éischtsprooche vun de Kanner am Schoulkontext: All Kand gëtt geuecht a respektéiert mat deem, wat hatt ausmécht; heizou gehéieren och seng Sprooch/seng Sproochen, déi hatt doheem héiert a schwätzt. Ressourcen- a bedierfnesorientéiert un d'Sproocheléieren erunzegoen heescht, de Bléck op d'Sprooch/d'Sproochen, d'Sproochwëssen an d'Sproocherfarunge vun de Kanner ze riichten (cf. 5.1, S. 45; 5.2, S. 47). All dës Fakteuren hunn en Afloss op d'Aart a Weis, wéi d'Kanner hir Sprooche gebrauchen. Eng prozessorientéiert Approche (cf. 5.8, S. 62) interesséiert sech dogéint dofir, wéi, wéini a mat wiem d'Kanner wéi eng Sprooch/wéi eng Sprooche gebrauchen.

6.3.1 D'Sprooch(e) vun de Kanner hunn hir Plaz an der Schoul

Mat Bléck op déi zentral Roll vun den Éischtsprooche fir eng gutt Entwécklung vun de Kanner op ganz ville Pläng (cf. Kapitelen 2 an 3) läit et op der Hand, datt si an der Schoul hir Plaz hunn. Fir lëtzebuergeschsproocheg a franséischsproocheg Kanner ass dat wéi selbstverständlech ginn. Awer och fir e Kand, dat doheem mat enger oder méi anere Sprooche wéi Lëtzebuergesch a Franséisch opwiisst, ass et wichteg, wéi d'Schoul op seng Sprooch(e) reagéiert. Kréie si ze wéineg Plaz ass dat esou, wéi wann d'Kand e Stéck vu sech selwer misst virun der Dier loossen a wéi wa seng Manéier ze schwätzen, Gefiller a Gedanken a Sprooch ze kleeden, net erwënscht wier. Dëst si keng gutt Bedéngungen, fir Loscht op d'Léiere vun neie Sproochen ze maachen (cf. Jampert et al. 2009, S. 29).

Wäertschätzung dem Kand géintiwwer heescht, hatt eescht ze huelen, mat deem, wat hatt interesséiert a wat hatt brauch, an him d'Gefill ze ginn, datt hatt eng Plaz, seng Plaz an der Schoul huet. Wäertschätzung senge Sprooche géintiwwer bedeit, dës net nëmme mat Bléck op Fortschrëtter an der Entwécklung vun der Zilsprooch ze gesinn, mä och a virun allem wéinst hirer selwer. Vu Begréissungslidder a Gebuertsdagswënsch a verschiddene Sproochen iwwert Kaarte mat Nimm an deenen entspriechende Schrëfte bis hin zu méisproochege Billerbicher an Héierspiller – Geleeënheeten, fir d'Sprooche vun de Kanner ze héieren an ze gesinn, gëtt et der vill. Fir ze schwätzen och: Dat fänkt bei enger méiglechst korrekter Aussprooch vum Numm un – aus Respekt virum Kand, senger Sprooch a senger Kultur.

6.3.2 D'Sprooche vun de Kanner ginn an der Schoul aktiv agesat

Wéi am véierte Kapitel schonn ugeschwat, huet déi didaktesch Konzeptioun vum *Éveil aux langues* vill dozou bäigedroen, fir de Sprooche vun de Kanner eng Plaz am éischte Cycle ze ginn. Raum fir d'Éischtsproochen ze schafen heescht niewent hirer Wäertschätzung awer och, dës aktiv als Ressourcë mat anzebezéien an domat déi néideg didaktesch Konsequenzen aus de wëssenschaftlechen Erkenntnisser ze zéien.

Méi wäit uewen ass bewosst tëschent primär eesproochegen a primär méisproochege Momenter ënnerscheet ginn an dat virrangeg a Situatiounen an Aktivitéiten, an deenen d'Sprooch e Mëttel ass, fir iwwert déi jeeweileg Inhalter ze schwätzen. D'Fro stellt sech elo, wéi et a Situatiounen ass, déi de Fokus kloer op d'Sprooch leeën a wou et ëm den Opbau vu mëndleche Kompetenzen a lëtzebuergescher Sprooch oder ëm d'Eruféierung un déi franséisch Sprooch geet. Och hei schéngt et mat Bléck op dat, wat an deene verschiddene Kapitele gesot ginn ass, op der Hand ze leien, datt e Kand dann, wann hatt an der Zilsprooch nach net déi néideg kommunikativ Kompetenzen huet, fir un engem Gespréich deelzehuelen oder e Personnage respektiv eng Handlung aus der Geschicht ze beschreiwen, op aner sproochlech Ausdrocksméiglechkeete muss kënnen zeréckgräifen. Dëst sinn ënnert anerem mëndlech Kompetenzen a senger Éischtsprooch/sengen Éischtsproochen. Huet hatt dës Méiglechkeet net, kann hatt sech nëmmen ageschränkt ausdrécken. Schwätzt oder versteet den Erwuessenen d'Sprooch vum Kand, kann hien, virun allem an der Ufanksphas, eng Bréck tëschent de Sprooche bauen. Awer och wann dat net de Fall ass, dat heescht, wann den Erwuessenen d'Sprooch vum Kand net schwätzt oder versteet, gëtt et eng Rëtsch Méiglechkeeten, Brécken tëschent de Sproochen ze bauen. Dës ginn am Kapitel 7.3 méi ausféierlech beschriwwen (S. 130).

Wichteg ass et, sech ëmmer erëm virun Aen ze halen, datt et net drëm geet, fir eng Sprooch op Käschte vun enger anerer ze notzen. D'Enseignanten/d'Enseignanteën an d'Educateuren/d'Educatricen am éischte Cycle hunn e klore Bildungsoptrag[24] an dëse gëllt et ëmzesetzen – de Réckgréff op aner Sprooche kann dobäi, virun allem an enger fréier Phas, den Zougank zu den Zilsprooche méi einfach maachen an en éischte Schrëtt op dem Wee vun der Ëmsetzung vun dësem Bildungsoptrag sinn.

[24] D'Entwécklung vu mëndleche Kompetenzen am Lëtzebuergeschen, d'Eruféierung un déi mëndlech franséisch Sprooch grad ewéi d'Wäertschätzung an d'aktiivt Abezéie vun den Éischtsprooche vun de Kanner: Dat si graff resuméiert déi iwwergeuerdent Zilsetzunge vum Sproocheléieren am éischte Cycle.

6.4 Referenzen

Bibliographie

ALBERS, T. (2011): Sag mal! Krippe, Kindergarten und Familie. Sprachförderung im Alltag. Weinheim: Beltz Verlag.

BEREZNAI, A.; ALBERS, T. (2016): Glossar. Sprachliche Bildung und Förderung. Osnabrück: nifbe (Niedersächsisches Institut für frühkindliche Bildung und Entwicklung).

BODÉ, S. (2004): Phonologesch Bewosstheet am Spillschoulsalter. Lëtzebuerg: Université du Luxembourg.

BRÜGELMANN, H. (2010): Homogene Lerngruppen. Eine didaktische Fiktion und pädagogische Sackgasse. Beitrag zur Fachtagung "Längeres gemeinsames Lernen" am 5.2.2010 in Köln.

CANTONE, L.; CALI, D. (2011): C'est quoi l'amour? Paris: Éditions Sarbacane.

CAROLL, J. B. (1963): A Model of School Learning. Aus: Teachers College Record, 64, 723-733.

CARON, J. (2008): Différencier au quotidien. Cadre d'expérimentation avec points de repère et outils-support. Montréal: Chenelière Éducation.

CUMMINS, J. (2000): Language, Power and Pedagogy. Bilingual Children in the Crossfire. Bristol: Multilingual Matters.

DAMM, A. (2017): Frag mich! 118 Fragen an Kinder, um miteinander ins Gespräch zu kommen. (4. Auflage). Frankfurt: Moritz.

FEIFFER, J. (1999): Aboie Georges. Paris: École des Loisirs.

FISHER, C.; DOYON, D. (2010): De la causerie à la conversation en groupe à la maternelle. Aus: Québec français, 156, 89-91.

FLORIN, A. (1991): Pratiques du langage à l'école maternelle et prédiction de la réussite scolaire. Paris: Presses universitaires de France.

FRANÇOIS, F. (1990): Dialogue, jeux de langage et espace discursif chez l'enfant jeune et moins jeune. Aus: FRANÇOIS, F. (Hrsg.): La communication inégale. Heurs et malheurs de l'interaction verbale, Neuchâtel: Delachaux et Niestlé, 33-111.

GARCÍA, O. (2009): Education, Multilingualism and Translanguaging in the 21st Century. Aus: SKUTNABB-KANGAS, T. et al. (Hrsg.): Social Justice Through Multilingual Education. Bristol: Multilingual Matters.

GARNITSCHNIG, I.; SOBCZAK E. (2013): Vom Vorlesen, Geschichtenerzählen und von der ersten Einkaufsliste. Aus: Perspektiven. Sprachliche Bildung im Kindergarten. Lebensweltliche Mehrsprachigkeit und Spracherwerb, 1/2013, 36-39. URL: https://www.wien.gv.at/bildung/kindergarten/pdf/perspektiven.pdf (1.09.2018).

GÖTTE, R. (2002): Sprache und Spiel im Kindergarten. Praxis der ganzheitlichen Sprachförderung im Kindergarten. Weinheim: Beltz Verlag.

HELLRUNG, U. (2012): Sprachentwicklung und Sprachförderung. Beobachten – verstehen – handeln. Freiburg: Herder.

HORN, K.-P. et al. (2011): Klinkhardt Lexikon Erziehungswissenschaft KLE. Bad Heilbrunn: Verlag Julius Klinkhardt.

JAMPERT, K. et al. (Hrsg.) (2009): Kinder-Sprache stärken! Aufwachsen mit mehreren Sprachen. Weimar, Berlin: Verlag das netz.

KOEKS, J. (2006): Faire des maths à l'école maternelle. Namur: Éditions Erasme.

LALONDE-GRATON, M. (2003): Fondements et pratiques de l'éducation à la petite enfance. Québec: Presse de l'Université du Québec.

LIONNI, L. (1970): Petit jaune et petit bleu. Paris: École des Loisirs.

LIONNI, L. (2017): Frederick (14. Auflage). Weinheim: Beltz & Gelberg.

MENFP – Ministère de l'Éducation nationale et de la Formation professionnelle, Grand-Duché de Luxembourg (2011): Plan d'études. École fondamentale. Luxembourg: MENFP.

NEUGEBAUER, C.; NODARI, C. (2012): Förderung der Schulsprache in allen Fächern. Praxisvorschläge für Schulen in einem mehrsprachigen Umfeld. Kindergarten bis Sekundarstufe I. Luxemburg: MENFP, Bern: Schulverlag plus AG.

OWEN, L.; KORKY, P. (2018): Zilly und Zingaro (13. Auflage). Weinheim: Beltz & Gelberg.

PAUSEWANG, F.: Was gutes Freispiel für Zukunftsfähigkeit des Kindes bedeuten kann. Aus: TEXTOR, M. R. & BOSTELMANN, A. (Hrsg.): Das Kita-Handbuch. Würzburg, URL: https://www.kindergartenpaedagogik.de/2253.html (1.08.2018).

VAN AVERMAET, P.; SIERENS, S. (2013): Language Diversity in Education. Envolving from Multilingual Education to Functional Multilingual Learning. Bristol. URL: https://biblio.ugent.be/publication/4284796/file/4284823.pdf (1.08.2018).

VAN HOUT, M. (2012): Heute bin ich (9. Auflage). Zürich: Aracari Verlag.

WINTERBERG, P. (2014): Bin ich klein? Münster: Philipp Winterberg.

Gesetzestext

Règlement grand-ducal du 27 avril 2009 fixant les missions et le fonctionnement de l'équipe pédagogique ainsi que les attributions et les modalités d'indemnisation du coordinateur de cycle. URL: http://legilux.public.lu/eli/etat/leg/rgd/2009/04/27/n3/jo (1.08.2018).

Grafik

Grafik 7: Verschidde Sprooch-Momenter am éischte Cycle

7



Kapitel 7

Sproochlech Bildung am éischte Cycle: Sproochverhale vu Kanner an Erwuessenen

Dat sechst Kapitel huet den Accent op déi verschidde Sprooch-Momenter am éischte Cycle geluecht. An dësem siwenten a leschte Kapitel stinn elo d'Akteuren an hiert Sproochverhalen am Mëttelpunkt: D'Enseignanten/d'Enseignanteën, d'Educateuren/d'Educatricen an d'Kanner am Alter tëschent dräi a sechs Joer. Et gëtt versicht, eng Äntwert ze ginn op d'Fro, wat e sproochförderlecht Verhalen ausmécht. Niewent méi allgemengen didaktesche Grondlage ginn och eng Rëtsch Methoden a Strategië virgestallt, déi den Erwuessenen doran ënnerstëtzen, fir d'Sproochentwécklung vun de Kanner ze begleeden an ze förderen. Et ass eng Zort „Geschirkëscht", déi an alle Situatiounen (an Alldagssituatioune wéi och a geplangten Aktivitéiten, an een- a méisproochege Momenter) a fir all Sprooch (esouwuel fir d'Schoulsprooche wéi och fir d'Éischtsprooche vun de Kanner) genotzt ka ginn. De Repertoire u Methoden a Strategien, deen hei virgestallt gëtt, ass net spezifesch un eng Sprooch gebonnen, mä ka fir all Sprooch genotzt ginn.



Grafik 8: Sproochverhale vu Kanner an Erwuessenen

Den Erwuessenen orientéiert säi Sproochverhalen un dem Kand: Hie geet vun deem aus, wat hatt matbréngt, wat hatt interesséiert, wat hatt beschäftegt, wat hatt gär a wat hatt manner gär mécht, wat him gutt geléngt a wat him Kappzerbrieches bereet, an, ganz wichteg, wat hatt an engem bestëmmten Ament brauch, fir sech (sproochlech) weiderzeentwéckelen (cf. ressourcen- a bedierfnesorientéiert Approche, Kapitele 5.1 a 5.2). Hien orientéiert sech un deene wichtegen Entwécklungsphase vun dräi- bis sechsjärege Kanner grad ewéi un dem aktuellen Entwécklungsstand vum eenzelne Kand a schaaft e Léierëmfeld, an deem respektiv un deem d'Kand wuesse kann (cf. ganzheetlech orientéiert a kontextualiséiert Approche, Kapitele 5.5 a 5.6). Hien interesséiert sech dofir, wéi d'Sproochpraxis vun engem Kand ausgesäit, dat heescht wéini a mat wiem d'Kand wéi eng Sprooch schwätzt, wéini a firwat hatt tëschent de Sprooche wiesselt an op Sproochelementer aus anere Sproochen zeréckgräift. Dës Approche kann och als entwécklungsproximal beschriwwe ginn – wat esou vill heescht wéi „no un dem Kand an u senger Entwécklung drun". An dësem Kapitel gëtt méi genee beliicht, wéi eng entwécklungsproximal Approche konkret am Alldag kann ëmgesat ginn.

7.1 E quantitativ a qualitativ héichwäertege sproochlechen Input

Déi Sprooch, mat där Kanner am Schoulkontext ëmgi sinn, gëtt als „sproochlechen Input“ bezeechent.[1] E sëllegen Experten, ënnert anerem Sproochwëssenschaftlerinne wéi d'Rosemarie Tracy (2008) oder d'Kristen Kersten (2012), fir just dës ze nennen, verweisen op d'Schlësselfunktioun vum sproochlechen Input an eesproochegen a méisproochege Sproocherwerbsprozesser, an dat esouwuel mat Bléck op d'Quantitéit wéi och op d'Qualitéit. Et ass beispillsweis wëssenschaftlech nogewise ginn, datt e gudde sproochlechen Input ee vun de Facteuren ass, dee sech positiv op dat implizit Erfaasse vu grammatesche Strukturen auswierkt (cf. Weitz et al. 2010).

D'Quantitéit bezitt sech op d'Dauer an d'Intensitéit vum sproochlechen Input. Hei geet et an éischter Linn ëm d'Aussetzungszäit, ëm déi Zäit deemno, déi d'Kand enger bestëmmter Sprooch „ausgesat“ ass. De Bléck op déi zwou Schoulsproochen am éischte Cycle weist, datt d'Dauer an d'Intensitéit fir béid Sproochen ënnerschiddlech ass. Deen deeglechen intensive Kontakt mam Lëtzebuergeschen ergëtt sech duerch de Stellewäert, deen d'Lëtzebuerger Sprooch als Haaptkommunikatiounssprooch am éischte Cycle huet (cf. 4.2.2, S. 10). Wat déi franséisch Sprooch ubelaangt, gëllt et hei nach eng Kéier ze betounen, datt et ëm eng Eruféierung un dës Sprooch geet, mat Hëllef vun zwou bis dräi Aktivitéiten d'Woch, an datt de Kontakt mat dëser Sprooch an, domat verbonnen, de sproochlechen Input manner intensiv si wéi beim Lëtzebuergeschen (cf. 4.2.3, S. 11).

Anerersäits geet et ëm d'Qualitéit vun de sproochlechen Äusserungen, déi d'Kand a sengem Ëmfeld héiert. Den Enseignant/d'Enseignante an den Educateur/d'Educatrice si Sproochvirbiller fir d'Kanner, Modeller, un deene si sech op hirem Wee an eng Sprooch orientéiere kënnen. E qualitativ héichwäertege sproochlechen Input setzt wuel viraus, datt den Erwuessenen iwwert gutt entwéckelt sproochlech Kompetenzen an de Schoulsprooche verfügt. Doriwwer eraus gëtt awer och de Bléck op d'Aart a Weis geriicht, wéi den Enseignant/d'Enseignante an den Educateur/d'Educatrice hier Sproochen am éischte Cycle asetzen. An dësem siwente Kapitel steet d'Qualitéit vum Input am Mëttelpunkt.

[1] De sproochlechen Input ëmfaasst „das gesamte einem Lernenden mündlich und/oder schriftlich zur Verfügung stehende Sprachmaterial“ (Aguado zitéiert aus:Barkowski/Krumm 2010, S. 132).

7.1.1 Sech fir d'Kand interesséieren – aktiv nolauschteren a sécherstellen, datt d'Kand versteet

Loscht op Schwätzen ze hunn ass eng Viraussetzung dofir, datt Kanner sproochlech aktiv ginn. Dëst gëllt a besonneschem Mooss fir déi Kanner, fir déi d'Sprooche vun der Schoul nei sinn. Wa si an e Schoulkontext erakommen, an deem eng aner Sprooch/aner Sprooche gebraucht gi wéi déijéineg, déi doheem geschwat ginn, gëtt hiert „sproochlecht Selbstverständnis" e Stéck wäit „relativéiert" (cf. Jampert et al. 2009, S. 12). Hir sproochlech Kompetenzen an de Schoulsproochen entspriechen an der Reegel virun allem am Ufank net hiren Ausdrocksméiglechkeeten an hirer Éischtsprooch/ hiren Éischtsproochen. Situatiounen an Handlungen ze beschreiwen, mat Nodrock deen eegene Standpunkt ze verdeedegen, nozefroen, wa si eppes net verstinn, sproochlech ze protestéieren, wa si mat eppes net averstane sinn, ass dacks net esou méiglech, wéi si dat vun doheem aus gewinnt sinn. Wéi si mat dëser Situatioun ëmginn, hänkt vill vum sproochlechen Handelen a vum Sproochverhale vun den erwuessene Bezuchspersounen of (ibid., S. 13).

> **„Die Erwachsenen stehen den Kindern als kompetente Sprachvorbilder und interessierte Gesprächspartner zur Verfügung und wenden sich den Kindern in einer offenen und feinfühligen Dialoghaltung zu. Es genügt nicht, dass Kinder bloß die Erwachsenen sprechen hören, also vor ihnen gesprochen wird, sondern es muss mit ihnen gesprochen werden. Die erwachsenen Bezugspersonen helfen dem Kind, die Welt sprachlich zu erschließen, indem sie ihm ein sprachliches Gerüst geben, an dem es sich festhalten kann (…)" (MENJE 2016, S. 13).**

Aktiivt Nolauschteren

„Dat ass keng richteg Prinzessin. Si ass net rosa." De Ben weist op d'Bild, dat d'Marisa gemoolt huet. Op dem Bild ass e Männche mat Box a Pullover ze gesinn. Un de laangen Hoer gesäit een, datt et e Meedchen soll sinn. De Ben insistéiert: *„Gell, dat ass keng Prinzessin?"*, freet hien den Enseignant. Dëse freet firwat. *„Well si ass net rosa!"* D'Marisa rëselt de Kapp: *„Ass Prinzessin! É una vera principessa!"*, betount hatt mat Nodrock. Wéi de Ben de rosae Rack mat de Flätschen aus der Kleederkëscht hëlt, rëselt d'Marisa de Kapp: *„Nee. Nee. Net schéin!"*, seet hatt a weist op de Rack. *„La principessa non vuole portare una gonna."* Den Enseignant widderhëlt dat, wat d'Marisa gesot huet, op Lëtzebuergesch.

„*Net wëll Rack!*“, seet hatt nach eng Kéier a wénkt mam Fanger Nee. Den Enseignant mengt, datt d’Prinzessin net ëmmer e Rack muss unhunn, datt si beispillsweis vill besser rutsche kann (de Ben ass fir säi Liewe gär op der Rutschban), wa si eng Box unhuet. Wéi de Ben sech domat nach net zefridde gëtt, geet d’Marisa an de Bichereck a kënnt mat engem Buch an der Hand zeréck. Et ass d’Geschicht vun der Pabeierprinzessin, déi kee Rack wollt undinn.[2] „*Guarda*“, seet hatt zum Ben, „*och net Rack.*“ Den Enseignant freet, ob si Loscht hunn, fir d’Geschicht zesummen ze kucken.

Iwwert d’aktiivt Nolauschtere kann den Erwuessene mat dem Kand an en authenteschen Dialog trieden:

> **„Durch das aktive Zuhören kann die Pädagogin bzw. der Pädagoge (…) aus den Äußerungen des Kindes erschließen, was es beschäftigt und durch Antworten und bewusst eingesetztes Weiterfragen das kindliche Sprechen aktivieren.“ (Zell 2013, S. 27)**

Doduerch, datt den Erwuessene sech op d’Kand aléisst – hie gräift dem Kand seng Äusserungen op, freet no, iwwerleet mam Kand zesummen, encouragéiert hatt, falls néideg, fir Léisungen oder nei Weeër ze sichen – erlieft d’Kand (net nëmme sproochlech) Opmierksamkeet an Zouwendung. Hatt spiert, datt een do ass, dee sech fir hatt interesséiert an dee wëllt wëssen, wat hatt mengt. Dat motivéiert hatt, fir sech méiglechst genee auszedrécken, ënnert Réckgréff op all déi sproochlech Mëttel, déi him zur Verfügung stinn. Positiv Effekter op d’Entwécklung vun der Sproochkompetenz duerch e Sproochverhalen, dat d’Intressie vun de Kanner opgräift an dës thematiséiert, si wëssenschaftlech beluecht (cf. Albers 2011, zitéiert aus Zell 2013).[3] Schwätzt d’Kand eng Sprooch, déi den Erwuessenen net versteet, probéiert hien, dem Kand seng Aussoen iwwert de Kontext z’entschlësselen an duerch säin Nofroen a seng Äntwerten eng Bréck an d’Schoulsprooch ze bauen. Och wann hien dem Kand seng Wierder net direkt sënngeméiss ganz richteg deit, weien den Intressi an d’Opmierksamkeet, déi hien dem Kand entgéintbréngt, dat largement op.

[2] Brigitte Minne, Anne Westerduin: *La Princesse de papier.*

[3] An dësem Kontext kann och d’Konzept vum „*sustained shared thinking*“ (cf. SNJ/MENJE 2018) erugezu ginn.

Verständnis sécheren

Dëst ass eng Grondhaltung, déi a méisproochege Kontexter wéi deem vum éischte Cycle ganz besonnesch wichteg ass. D'Gefor besteet nämlech duerchaus, datt et fir Kanner, déi nach net iwwert d'sproochlech Moyene verfügen, fir d'Detailer an d'Nuancë vun enger Erzielung, enger Beschreiwung oder enger Diskussioun ze verstoen, zur Gewunnecht gëtt, fir „bal" alles ze verstoen. „Bal alles" däerf awer net duergoen.

> **„Deshalb gilt es, bei diesen Kindern ganz besonders auf Verständnissicherung zu achten und sie über Nachfragen, Wiederholungen, Umschreibungen ebenso wie mit nonverbalen Ausdrucksmitteln anzusprechen und anzuregen. Die Kinder müssen spüren, dass es den Fachkräften darauf ankommt, dass sie in der Situation mit dabei sind: sinnlich handelnd, kognitiv und mit allen sprachlichen Mitteln." (Jampert et al. 2009, S. 18)**

D'Auteure bezéie sech hei op Kanner, déi doheem mat anere Sprooche wéi de Schoulsproochen opwuessen. Awer och déi Kanner, fir déi Lëtzebuergesch Éischtsprooch ass, kënne sech, wéi scho méi wäit uewe geschriwwen, an enger ähnlecher Situatioun erëmfannen, an där déi dicht a komplex Form vu Sprooch, déi an der Schoul iwwerweit, net dem Sproochgebrauch vun doheem entsprécht.

7.1.2 Dem Kand Zäit ginn – Pause maachen

Zäit ass en anere wichtege Facteur am Kontext vu sproochlecher Bildung. E Kand muss Zäit kréien, fir an eng Sprooch eranzeklammen – mat Bléck op individuell ënnerschiddlech Entwécklungsrhythme gëtt et hei tëschent de Kanner grouss Ënnerscheeder (cf. Tracy 2008, S. 139 ff.). Allerdéngs soll déi flexibel Handhabung vun Zäitfënsteren net dovun ofhalen, z'erkennen, wann e Kand ze vill Zäit an, opgrond vu spezifesche Bedierfnesser, eng geziilt Hëllefstellung brauch.

Zäit ginn heescht och: Pause maachen, Pausen zouloossen an aushalen, sech als Erwuessenen zeréckhalen an net direkt sproochlech agräifen. Esou kritt d'Kand d'Méiglechkeet, dat, wat hatt héieren huet, ze verschaffen an dorop sproochlech ze reagéieren (cf. Zell 2013, S. 28).

Pause kënnen och néideg ginn, fir eng wichteg Iddi oder en zentralen Aspekt an enger Geschicht besonnesch ervirzehiewen, a gehéieren domat zu deenen net-sproochlechen Ausdrocksmëttelen, déi fir d'Kanner eng wichteg Stäip beim Eraklammen an eng Sprooch kënne sinn.

7.1.3 De Gespréichskontext beuechten

D'sproochlecht Handelen ass am éischte Cycle meeschtens un e bestëmmte Kontext gebonnen – et geet drëm, fir a méiglechst authentesche Situatioune Sprooch ze gebrauchen, a Momenter, déi fir d'Kanner wichteg sinn an e Sënn erginn. An enger echter Kommunikatioun kënnt den Inhalt vun deem, wat geschwat gëtt, an der Reegel virun der Form. Dat heescht awer net, datt d'Korrektheet an d'Verständlechkeet vum mëndlechen Ausdrock nëmmen a geplangte sproochlechen Aktivitéiten eng Roll spillen. Wichteg ass et an dësem Zesummenhank, fir sech de Kontext, an deem sproochlecht Handele stattfënnt, virun Aen ze féieren an de Bléck op d'Kand ze halen, op dat, wat hatt brauch an op dat, wat hatt net brauch.

D'Enseignante an den Imre ënnerhale sech iwwert dem Imre säi Bild, dat hie mat Gouache a Pap gemoolt huet.

Enseignante: „*Imre, wéi hues du d'Sträife gemoolt?*"

Imre: „*Mat Fanger!*"

Enseignante: „*Du hues mam Fanger gemoolt?*"

Imre. „*Jo. Hu Fanger gemaach mat Faarf.*"

Enseignante: „*A sou, du hues de Fanger an d'Faarf gezappt.*" (Si betount d'Verb „zappen" a mécht eng entspriechend Beweegung).

Imre: „*Jo, an du gemoolt mat Fanger.*"

Enseignante: „*Imre, wat hues du da gemoolt?*"

Imre: „*Hu gemoolt Kaz. Pippo.*"

Passt den Erwuessenen op eng iwwerdriwwen Aart a Weis op d'Richtegkeet vun der Sprooch vum Kand op, riskéiert hien hatt ze frustréieren a säi Matdeelungsbedierfnes anzeschränken. E Kand muss net permanent a vollstännege Sätz schwätzen, well dat och an enger echter Kommunikatioun net de Fall ass. Am Beispill uewen ass dem Imre seng Äntwert op d'Fro vun der Enseignante („*Mat Fanger!*") kee fäerdege Saz. An dëser Situatioun, an där et ee gemeinsame Gespréichskontext gëtt, ass dat fir hien och net néideg. D'Enseignante weess jo, datt hie gemoolt huet, dat brauch hien

deemno net nach eng Kéier ze widderhuelen. Wat si net weess, well si net dobäi war, ass, datt hie mam Fanger gemoolt huet. Dofir freet si no, a well dat wichteg ass (si war jo net dobäi), erkläert den Imre hir, wéi hien d'Spuren op d'Blat gemoolt huet. D'Enseignante korrigéiert dem Imre seng Erklärungen implizit. Andeems si dës opgräift an a korrekter Form widderhëlt (cf. 7.1.5, S. 120), gëtt den Imre net a sengem Erzielfloss gebremst an hie kritt gläichzäiteg e sproochlech korrekte Modell ugebueden, un deem hie sech orientéiere kann.

7.1.4 Zum Nodenken ureegen – Froe stellen

Froe gehéieren zum Alldag vun de Kanner: „*Wou ass de Benni?*"; „*Wien ass déi Tatta?*"; „*Wéini bréngt de Josh säi Bëbee mat?*"; „*Ass dem Elmira seng Kaz elo am Himmel?*"; „*Firwat ass d'Waasser sou kal?*"; „*Wëll d'Tammy net spillen?*" asw. Froe gëtt et der vill a si sinn an der Reegel mat enger Absicht vun deem, dee freet, verbonnen. Et freet een no, fir eppes (besser) ze verstoen, fir Informatiounen ze kréien oder fir deem anere seng Meenung gewuer ze ginn. Et kann een awer och nofroen, fir sécherzestellen, ob ee verstanen huet oder ob deen anere verstanen huet. Froe kënne vun de Kanner a vun den Erwuessene gestallt ginn.

> **„Es sollte Kindern und Erwachsenen sozusagen in Fleisch und Blut übergehen nachzufragen, wenn man etwas nicht versteht oder wenn man zusätzlich etwas wissen möchte (wenn es sein muss, auch beharrlich!). Fachkräfte sollten Gesprächssituationen nutzen, um Kinder nach ihren Ideen, Erfahrungen und Vorstellungen zu befragen. Eine solche Gesprächskultur kann entscheidend dazu beitragen, dass Kinder sprachlich sicherer und selbstbewusster werden. Mit diesem Erfahrungshintergrund fällt es Kindern später auch in der Schule leichter, sich sprachlich hervorzuwagen, ihre Fragen zu stellen und sich mit ihrem Wissen einzubringen."**
> **(Jampert et al. 2009, S. 18)**

Et gëtt verschidden Zorte vu Froen, déi jee no Situatioun kënnen agesat ginn.

Zoue Froen

Zoue Froe kënnen an der Reegel mat engem Wuert oder e puer Wierder beäntwert ginn:

- „Huet et geschmaacht?" – „Jo."
- „Wéi al bass du?" – „Fënnef Joer."
- „Wëlls du mam Benni e Puzzle maachen?" – „Nee."
- „Wéi heescht d'Kaz an der Geschicht?" – „Susi!"

Alternativfroen

Alternativfroe bidden dem Kand zwou oder méi Zilstrukturen un:

- „Sëtzt d'Anna nach beim Dësch oder spillt hatt schonn am Buttek?" (1)
- „Wëlls du e Buch kucken oder wëlls du léiwer e Puzzle maachen?" (2)
- „Ass nach gréng Faarf dran oder ass d'Fläsch eidel?" (3)

Doduerch, datt d'Kand eng vun deenen zwou Alternativen, déi him ugebuede ginn, auswielen a reproduzéiere kann, kritt hatt d'Méiglechkeet, an den Dialog mat senge(m) Gespréichspartner ze trieden.

- „Hatt spillt am Buttek." (1)
- „Wëll e Buch kucken." (2)
- „Ass nach gréng Faarf do." (3)

Virun allem fir Kanner, déi am Gaang sinn, an eng Sprooch eranzeklammen, bidden Alternativfroen eng Stäip, déi hinnen hëlleft, séier sproochlech aktiv ze ginn. Awer och Kanner, déi vu sech aus zécken, fir d'Wuert z'ergräifen, kréien esou eng sproochlech Upak.

Den Erwuessene passt d'Komplexitéit vun de Froen dem Sproochentwécklungsstand vun de Kanner un. Déi zwou éischt Froen dréinen ëm déi selwecht Persoun. An där drëtter Fro dogéint („*Ass nach gréng Faarf dran oder ass d'Fläsch eidel?*“) muss d'Kand de Lien maachen tëschent där grénger Faarf an der Fläsch, fir erauszefannen, datt mat „dran“ d'Fläsch mat där grénger Faarf gemengt ass.

Oppe Froen

Oppe Froe bidde vill Spillraum fir Äntwerten. Si fuerderen dozou op, fir ze beschreiwen, ze begrënnen, z'erklären asw. Si ginn och nach als W-Froen (*Warum? Wann? Wo? Wie?*) bezeechent a féieren dacks zu den éischten Niewesätz.

- „Firwat mools du dem Hues e blot Ouer?“ – „Well den Hues am Buch huet och esou eent.“
- „La princesse ne veut pas de robe. Pourquoi?“ – „Elle veut rouler avec le vélo.“
- „Wéi hues du déi Ketten esou séier fäerdeg kritt?“ – „Hunn der nëmme sou mat engem grousse Lach geholl. Sou eng.“
- „Wou ass de Bopa elo?“ – „Akafen. Mat der Bomi. A Buttek.“
- „Wéini ass de Kuch gutt?“ – „Wann e brong ass.“
- „Wéi ass dat do da gaangen?“ – „Si gelaf. Dunn ass de Pol a mech geknuppt. Du sinn ech ëmgefall. An du war d'Box futti!“

Muenchmol ginn oppen an zoue Froe matenee verwiesselt: „*Wéi war et haut an der Schoul?*“ – „*Gutt.*“ Dës Fro ass fir e jonkt Kand dacks ze allgemeng. Si bezitt sech op déi gesamt Zäit, déi d'Kand deen Dag an der Schoul verbruecht huet; domat bitt si ze wéineg Orientéierungspunkten an dat mécht eng präzis Äntwert vu virera schwéier. „*Wat huet dir de Moien an beschte gefall?*“; „*Mat wiem hues du haut gespillt?*“; „*Wat hues du an der Paus gespillt?*“; „*Wéi huet dem Jenny säi Gebuertsdagskuch ausgesinn?*“ si beispillsweis alternativ Formuléierungen, déi dem Kand eng Upak gi fir seng Äntwerten.

7.1.5 Modeléierungstechnike benotzen

Fir e qualitativ héichwäertege sproochlechen Input ass eng semantesch, morphologesch a syntaktesch korrekt Sprooch vum Erwuessene wichteg. Fir vill Kanner ass d'Kommunikatiounssprooch am schoulesche Kontext méi elaboréiert a méi komplex wéi déi Sprooch, déi si vun doheem gewinnt sinn. Domat gëtt d'Sproocheléieren am éischte Cycle fir si zu enger Erausfuerderung (cf. 4.3.2, S.20). Kënnt eng weider Sprooch dobäi, gëtt den Defi nach méi grouss. Fir den Enseignant/d'Enseignante an den Educateur/d'Educatrice heescht dat engersäits, hirer Roll als Sproochvirbild gerecht ze ginn, an anerersäits, d'Kanner an hirer Sproochentwécklung do ofzehuelen, wou si stinn, an hinnen déi sproochlech Upak ze ginn, déi si brauchen, fir hir mëndlech Kompetenze weiderzeentwéckelen.

Den Asaz vu Modeléierungstechnike kann dem Erwuessenen heibäi hëllefen. Et sinn dëst Techniken, mat deenen déi sproochlech Äusserunge vun de Kanner implizit „modeléiert", dat heescht a Form bruecht ginn; doduerch faassen d'Kanner d'Ännerungen, d'Ergänzungen an d'Alternativen, déi den Erwuessene proposéiert, net als direkt Korrektur op. D'Sprooch, déi dem Kand ugebuede gëtt, ass senger Sproochentwécklung ëmmer e klenge Schrëtt viraus, an der „Zon vun der nächster Entwécklung" (cf. Vygotskij 2002).

> **„Um auch komplexe Strukturen entdecken zu können, müssen diese im Input vorhanden sein. Für den Unterricht bedeutet das, dass sprachliche Formen für Lernende nicht beständig vereinfacht werden sollten, da auf diese Weise komplexe Sprachstrukturen wegfallen. Lernende könnten keine Regeln aus dem Input ableiten und bleiben auf einem gering ausgebauten Sprachsystem stehen." (Niebuhr-Siebert/Baake 2014, S. 56)**

Modeléierungstechniken hëllefen, d'Kommunikatioun tëschent den Erwuessenen an de Kanner oprechtzeerhalen, weiderzeféieren a méi räichhalteg ze gestalten. Si sinn deemno, wann een esou wëll, eng Stäip, e Gerüst (*scaffold*), un deem d'Kand sech op sengem Wee an eng (nei) Sprooch festhale kann an un deem hatt sech, bildlech geschwat, ëmmer weider eropzéie kann (cf. Neugebauer/Nodari 2012, S. 24). Si ginn zënter Laangem an der Sproochtherapie agesat, hunn awer och hire Wee an de reguläre Sproochenunterrecht fonnt. D'Modeléierungstechniken, déi an dësem Kapitel virgestallt ginn, si sproocheniwwergräifend a kënne fir all Sprooche genotzt ginn (Lëtzebuergesch, Franséisch, Éischtsprooche vun de Kanner); si kënnen esouwuel an ee- wéi och a méisproochege Kontexter a Situatiounen agesat ginn.

D'Techniken, fir d'Sprooch vum Kand ze modeléieren, kommen urspréinglech aus der „*Motherese*"-Fuerschung: Eng Mamm gebraucht an der sproochlecher Interaktioun mat hirem jonke Kand e groussen Deel vun dësen Technike spontan, praktesch permanent. Wat tëschent der Mamm an dem Kand intuitiv funktionéiert, kann am institutionaliséierte Kontext vun der Schoul, ugeräichert mam Fachwëssen an dem Wëssen iwwert den Entwécklungsverlaf vun de Sprooche beim Kand, vum Enseignant/der Enseignante an dem Educateur/der Educatrice ganz bewosst agesat ginn.

> **„Durch das Aufgreifen, Ergänzen und Umformen einer kindlichen Äußerung erweitert oder führt die Pädagogin bzw. der Pädagoge diese weiter und liefert so dem Kind eine doppelte Information. Einerseits spürt das Kind, dass es ernst genommen wird, andererseits zeigt die Pädagogin bzw. der Pädagoge als Sprachvorbild Möglichkeiten der Erweiterung des Wortschatzes, der grammatischen Differenzierung oder der Verbindung von Aussagen auf." (Zell 2013, S. 28)**

Déi wichtegst Modeléierungstechniken am Iwwerbléck

Presentatioun	Den Erwuessene gebraucht eng bestëmmten Zilform méiglechst dacks selwer, hie „presentéiert" dës dem Kand, fir datt hatt si a säi sproochleche Repertoire ophuele kann. D'Zilform ass jee no Sproochentwécklungsstand vun de Kanner méi oder manner elaboréiert a komplex. ***Beim Moiesdësch*** (1) *„Kuck, d'Nela péckt seng Këscht aus."; „De Phil hëlt och seng Këscht aus der Posch."; „D'Andrea ësst eng Schmier."; „De Ben drénkt Mëllech."; „De Philip wëllt och Mëllech drénken."; „D'Mandy knabbert un engem Apel an de Jacques ësst eng Banann."* (Sujet-Verb-Kongruenz, 3. Persoun EZ) (2) *„D'Nela an de Phil paken hiert Dëppchen aus."; „Du wéckels deng Schmier aus."; „Dir drénkt Mëllech an ech drénke Waasser."; „D'Mandy an de Jacques iessen Uebst."* (Sujet-Verb-Kongruenz, verschidde Persounen, EZ a MZ)

Gespréichskrees nom Moien am Bësch

D'Kanner verzielen, wat de Frënd/d'Frëndin gemaach huet. Der Enseignante hir sproochlech Interventiounen zilen op d'Perfektbildung of.

(1) Ennis: *„Max ass op Knupp … up the hill … gaang – sou!"* (Hie weist, wéi de Max eropgekroch ass). Enseignante: *„The hill – dat heescht och nach „Hiwwel". De Max ass den Hiwwel eropgekroch. Den Emir ass den Hiwwel eropgelaf an d'Lilly ass den Hiwwel eropgaangen."* (Vergaangenheetsform, déi selwecht Situatioun, dee selwechte Verbbildungsprinzip, 3. Persoun EZ „sinn" + Partizip Perfekt, verschidde Verben)

(2) D'Enseignante faasst de Kanner hir Beschreiwungen zesummen. *„D'Hajra an de Mich hunn en Nascht gebaut. De Max ass am séiersten den Hiwwel eropgekroch. D'Liz ass iwwert de Bamstamm gesprongen. D'Ella an de Josh hunn dem Bam mat Kräid e Gesiicht gemoolt."* (Vergaangenheetsform, verschidde Situatiounen, Perfektbildung mat „hunn" a „sinn", EZ a MZ).

E kontrasträiche sproochlechen Input mécht et dem Kand méi einfach, fir d'Reegele vun enger Sprooch z'erfaassen. Dofir sollten no Méiglechkeet keng Seriesätz gebraucht ginn, well soss beim Kand den Androck entsteet, datt et just déi eng Form gëtt.

Amplaz: *„Den Hunn sëtzt op dem Daach."*; *„D'Kaz sëtzt op dem Stull."*; *„Den Hond läit ënnert dem Dësch."* (Seriesätz mam Dativ)

Besser: *„Den Hunn flitt op den Daach."*; *„D'Kaz sëtzt op dem Stull."*; *„Den Hond leet sech ënnert den Dësch."* (Wiessel vun Dativ an Akkusativ)

Amplaz: *„D'Nela péckt säin Dëppchen aus."*; *„De Phil péckt och säin Dëppchen aus."*; *„De Ben drénkt Mëllech."*; *„De Philip drénkt och Mëllech."* (Sujet-Verb-Kongruenz, 3. Persoun EZ, geheeft déi selwecht Verben)

	Besser: *„D'Nela péckt säin Dëppchen aus."*; *„De Phil hëlt och säin Dëppchen aus der Posch."*; *„De Ben drénkt Mëllech."*; *„De Philip wëllt och Mëllech drénken."* (Sujet-Verb-Kongruenz, 3. Persoun EZ, no Méiglechkeet Variatioun am Gebrauch vun de Verben)
Erweiderung (Expansioun)	***Dem Kand seng Äusserunge gi vum Erwuessenen opgegraff a wann néideg vervollstännegt.*** Benni: *„Mamma ass fort?"* Educateur: *„Jo, deng Mamma ass fort. Si ass schaffen."* Benni: *„Mamma net do?"* Educateur: *„Neen, deng Mamma ass elo net do. Si kënnt erëm. Wa si fäerdeg ass, kënnt si erëm."* Den Educateur setzt ganz geziilt de Personalpronomen „deng" an. Doriwwer eraus widderhëlt hien no Méiglechkeet déi einfach Sazstruktur mam Verb „sinn". Ana: *„Chien court."* Enseignante: *„Oui le chien court très vite."* Ana: *„Pourquoi?"* Enseignante: *„Le chien court vite parce qu'il veut attraper le lièvre."* Am Gespréich mam Ana, dat fléissend Franséisch schwätzt, geet et fir d'Enseignante drëm, Niewesätz eranzebréngen, fir de sproochlechen Äusserunge méi Nuancen ze ginn.

Korrektive Feedback	Mécht e Kand e Saz, deen onvollstänneg oder feelerhaft ass, gëtt dëse vum Erwuessenen implizit verbessert. Hie gräift d'Ausso a korrekter Form op an erweidert dës, wann et néideg ass. Dëst Sproochverhale wierkt sech positiv op d'Motivatioun vum Kand aus. Lenni: *„Mupp mech kraazt! Do!"* Enseignant: *„O mei, de Mupp huet dech gekraazt. Wéi ass dat da gaangen?"* Anabela (weist op d'Mara): *„Che bella."* Educatrice: *„Jo, dem Mara säi Rack ass schéin. Däi Pullover ass och schéin."* Finn: *„Muss Toilette!"* Educatrice: *„Du muss op d'Toilette goen?"*
Ëmformen	***Eng bestëmmten Zilform gëtt an dem Kand seng Äusserung agebaut. Domat gëtt dës eventuell ëmformuléiert.*** An dësem Beispill baut d'Enseignante bewosst d'Perfektform an. Inez: *„Kuck, de Pol leeft séier!"* Enseignante: *„Jo, de Pol leeft séier. Du bass och séier gelaf! An du bass héich geklommen!"* Luca: *„Pia schneit Zacken. Timmy schneit Rondel."* Enseignant: *„D'Pia schneit Zacken eraus. Den Timmy schneit e Rondel eraus. (…) D'Pia bastelt eng Kroun an den Timmy mécht eng Sonn fir op säi Bild. (…) Kuck, de Josh schneit Wolleken eraus. An de Goran mécht et e bëssen anescht: Hie moolt d'Wolleken op d'Blat."* Hei leet den Enseignant den Accent op dee bestëmmten Artikel: Hie gräift dem Luca seng Ausso op a setzt esouwuel de männleche

wéi de weibleche bestëmmten Artikel derbäi. Duerno baut hie seng Ausso aus, andeems hien nach aner Aktivitéiten am Basteleck beschreift. Hei fokusséiert hien de männleche bestëmmten Artikel, well dëse méi liicht ze héieren ass.

Redirect

Mat Hëllef vun dëser Technik kann d'Interaktioun tëschent de Kanner gefërdert ginn. Wann d'Kand beispillsweis am Fräispill mat dem Erwuessenen ufänkt ze schwätzen, leet dësen d'Kommunikatioun un eent oder e puer aner Kanner weider. Hien dirigéiert si deemno ëm. Dës Technik, am Ënnerscheed zu der „Erweiderung", gëtt da benotzt, wann déi verschidde Gespréichspartner an där selwechter Situatioun sinn.

Timo: „*Camio!*" (Hie weist op dee roude Camion, mat deem d'Samantha spillt.)
Educatrice: „*Timo, wëlls du dee roude Camion?*"
Timo: „*Jo! Jo!*"
Educateur: „*Da fro d'Samantha, ob hatt dir dee roude Camion gëtt.*"

D'Kanner bake Kichelcher an der Schoulkichen.
Finny: „*Ech wëll och dat maachen, wat d'Alma an de Jempi maachen.*"
Enseignante: „*Alma, Jempi, ass bei iech um Dësch nach eng Plaz fräi?*" De Jempi wénkt jo.
Enseignante: „*Finny, komm, mir froen déi zwee, ob si nach e Läffel ze vill hunn. Da kanns du hinnen hëllefen, den Deeg an d'Formen ze maachen.*" (…) Si dréint sech bei déi zwee Kanner, déi beim Dësch sëtzen: „*Alma, Jempi, hutt dir e Läffel fir d'Finny?*"

Déi eenzel Modeléierungstechnike gi variabel agesat a matenee kombinéiert, fir datt d'Sprooch vum Erwuessenen ofwiesslungsräich an interessant bleift. Et ass erwisen, datt d'Kanner no enger gewëssener Zäit spontan déi eenzel Zilstrukturen iwwerhuelen, dat heescht, datt si dës aktiv gebrauchen. Den Erwuessenen, dee säi Sproochverhale jo un den Entwécklungsstand vum Kand upasst, sicht deen Ament nei Zilstrukturen eraus, behält awer all dat, wat bis zu deem Zäitpunkt „geléiert" gouf, a sengem Hannerkapp, fir ëmmer nees dës Strukturen ze presentéieren an esou ze widderhuelen. Wichteg ass hei eng genee a fundéiert Beobachtung (Wou steet d'Kand a senger sprochlecher Entwécklung? Wat geléngt him gutt? Mat wéi enge sproochleche Strukturen huet hatt nach seng Schwieregkeeten?

De reegelméissege Gebrauch féiert dozou, datt den Enseignant/d'Enseignante an den Educateur/d'Educatrice dës Strukture spontan an intuitiv asetzen, ouni hir Sprooch kënschtlech opzebauschen. Esou ka Sproochförderung am Alldag ouni grousse materiellen Opwand geléngen.

- An alldeegleche Situatioune wéi dem Schongstrécke beschreift den Erwuessene seng Handlungen a passt dobäi seng Sprooch dem Sproochentwécklungsstand vum Kand un: „*Däi Stréckel ass lass. Ech maachen e feste Knuet.*" Oder: „*Däi Stréckel ass scho fir d'zweet lass. De Knuet huet net gehalen. Ech maachen en duebele Knuet.*" Oder: „*Däi Stréckel ass bestëmmt nees lassgaangen, well ech de Moien nëmmen en einfache Knuet gemaach hunn.*"

- Wärend dem Iesse gëtt vill geschwat: „*Ech iessen eng Schmier mat Kéis.*"; „*Ech hunn de Kéis net gär.*"; „*Du ëss ëmmer Gebeess op dengem Bréitchen.*"; „*Ech hat gëschter och Gebeess!*" asw. Jee no Zilsetzung leet den Erwuessenen de Fokus op den Akkusativ, d'Negatioun, d'Konjugatioun an der zweeter Persoun Einzahl, d'Inversioun Sujet-Verb no engem Adverb, d'Vergaangenheetsform asw.

- Och am Kader vu geplangten Aktivitéite gëtt et e sëllege Méiglechkeeten, fir op Modeléierungstechniken zeréckzegräifen: Wann Hypotheese formuléiert ginn („*Wann s du …, dann …*"), Léisungsstrategien ausgehandelt ginn („*Ech wëll …, well …*"; „*Neen, dat geet net esou, well …*"), Léisungsweeër presentéiert ginn („*Fir d'éischt hu mir …, an dunn hu mir …*"), Vergläicher opgestallt ginn (ze schwéier, ze laang, méi grouss wéi …, dee Gréissten), Quantitéiten ofgezielt ginn (een Apel – zwee Äppel, e Stéck Schockela – dräi Stécker Zocker) asw.

- Duerch de Réckgréff op Modeléierungstechnike wärend dem Fräispill kann den Erwuessenen op déi sproochlech Aussoe vun de Kanner agoen, e Gespréich um Liewen halen oder hinnen hëllefen, fir openeen duerzegoen. Spillen d'Kanner mam Zuch, mam Bauerenhaff, am Poppeneck, verkleede si sech als Monster, Prënz, Kach, Gäertner asw. gëtt ëmmer Sprooch agesat. Handlunge gi versproochlecht, Erfarunge ginn erzielt, Iddie ginn artikuléiert: „*Huel den Auto aus dem Schaf!*"; „*Ech fuere mam Auto an d'Garage!*"; „*Gehei meng Mauer net ëm!*". Och hei stinn, jee nodeem wéi ee sproochstrukturellen Aspekt viséiert gëtt, den Imperativ, d'Präpositionalergänzungen oder d'Possessivpronomen am Mëttelpunkt. An der Kichen zum Beispill, am Buttek, beim Spill mam Bëbee kënnen den Enseignant/d'Enseignante an den Educateur/d'Educatrice ganz geziilt op d'sproochlech Aussoe vum Kand reagéieren, kënnen Iddie formuléieren, Impulser ginn, fir esou nei sproochlech Zilstrukturen unzebidden. Allerdéngs ass et hei nach eng Kéier wichteg ze betounen, datt d'sproochlech Interventioun net op Käschte vun der Spillfreed vun de Kanner däerf goen.

7.2 Ganzheetlech Strukturen (*chunks*)

Ganzheetlech Strukture si sproochlech Äusserungen, déi aus méi Wierder bestinn an deenen hir grammatesch Struktur vum Kand an enger éischter Phas net analyséiert gëtt. Dat féiert dozou, datt hatt dës Strukturen als Ganzt ofspäichert an als Ganzt gebraucht. Domat kréie si e „formelhafte" Charakter – net fir näischt gi si och nach als „sproochlech Formele" bezeechent. Begréissungsforme grad ewéi heefeg gebrauchten, zum Deel ritualiséiert Expressioune gehéieren an dës Kategorie: „*Gudde Moien!*"; „*Gudden Appetit!*"; „*Äddi a Merci!*"; „*Ech ginn op d'Toilette.*"; „*Wiem säi Schiertech ass dat?*"; „*Happy birthday to you!*" (cf. Bereznai/Albers 2016, S. 12). Dat selwecht gëllt fir Reimer, Spréchelcher a Gedichter, déi och heefeg als Ganzt ofgespäichert ginn.

Gudden Appetit, gudden Appetit,
sangt virum lessen nach e butzegt Lidd.

Ural Hex
Nummer sechs
Hexenhaus
Du bass aus

(Zinglabumm 1, INECC 14, S. 65)

Eng kleng Maus
sëtzt am (Haus).

Den Elefant
dee läit am (Sand).

D'Schoul ass aus
mir gi (raus).

(Bodé 2004, S. 37-38)

Chunks hunn eng wichteg Plaz an der Schoul, well si de Kanner d'Méiglechkeet ginn, relativ séier aktiv an eng Sprooch eranzeklammen a selwer sproochlech Äusserungen ze produzéieren.

Virun allem Kanner, déi doheem net mat de Schoulsproochen opwuessen, kënnen esou zu engem fréien Zäitpunkt sproochlech aktiv ginn. Si kënne weisen, datt och si scho Wierder an Ausdréck an där neier Sprooch hunn (cf. Bereznai/Albers 2016, S. 12).

Dat ganzheetlecht Ofspäichere féiert dozou, datt verschidde Strukture vun de Kanner als ondeelbar opgeholl ginn. Dat féiert zu Äusserunge wéi där folgender: „*Can I go brush your teeth?*“ (Kersten 2012). D'Kand, dat wahrscheinlech engleschsproocheg doheem opwiisst, begéint der Opfuerderung „Go brush your teeth!“ reegelméisseg, wat dozou féiert, datt hatt dës als Ganzt ofspäichert an dës a verschiddene Situatioune gebraucht, beispillsweis dann, wann hatt am Schoulkontext d'Educatrice freet, ob hatt seng Zänn ka wäsche goen. Hatt hänkt de Sazdeel „*Can I*“ virdrun, fir dat, wat hatt wëllt maachen, sproochlech méiglechst treffend erëmzeginn.

7.3 Brécken tëschent de Sprooche bauen

7.3.1 Sproochgewunnechte vu méisproochege Kanner an engem méisproochege Kontext

Schwätze fir ze verstoen a verstanen ze ginn

Den Tomàs (5 Joer) an d'Ana (4 Joer) sëtzen am Kuscheleck. Si hunn e Kannerbuch tëschent sech. Et ass d'Geschicht vum Milli, deem klengen houfrege Schof. Den Tomàs schwätzt doheem a mat der Dagesmamm franséisch; d'Ana wiisst zweesproocheg lëtzebuergesch an italienesch op.

Ana: *„Guarda! Kuck! Kuck! D'Milli wëll sprangen a Waasser."*

Tomàs: *„Neeeeee. Wëll net an d'Waasser sprangen. Hatt ass nach kleng. Ganz kleng. E kleng Schof, en agneau. Kann net schwammen."*

Anà (fir sech): *„Net agneau, agnello."*

Si bliedere weider, bis si op déi Plaz an der Geschicht kommen, wou aus dem Lämmchen en déckt wollegt Schof ginn ass.

Ana: *„O la la ! Ass dat déck! Huet vill … wat ass dat?"* (Hatt sicht nom Wuert „Woll".)

Den Tomàs weist op de Benji, deen e gestréckte Pullover unhuet: „Sou wéi dat!"

Ana: *„Ma no! Ass dach kee Pullover."*

Tomàs: *„Ma jo! Dat ass de Pullover vu Milli."*

Si laachen allen zwee.

D'Ana an den Tomàs kucken zesummen e Buch.[4] Fir d'Personnagen an d'Handlungen op de Biller méiglechst präzis ze beschreiwen, gräife si op hire gesamten italienesch-franséisch-lëtzebuergesche Repertoire an hiert Sproochwëssen an deenen dräi Sproochen zeréck. Déi zwee Kanner baue Brécken tëschent deene verschiddene Sproochen, déi si schwätzen a verstinn, esou gi si an dëser Situatioun sproochlech handlungsfäeg. E „klengt Schof" ass en „agneau" oder en „agnello" – duerch

[4] Knister/Tharlet Eva: *Die schöne Schelly*. An der Klass vum Tomàs a vum Anna ass aus dem Schelly e Milli ginn.

de Réckgrëff op déi italienesch an déi franséisch Bezeechnunge gëtt d'Bedeitung hannendru verdäitlecht: „Agneau" an „agnello" liwweren eng Informatioun iwwert den Alter vum Schof („kleng" heescht net „kleng gewuess", mä „jonk"). Den Tomàs baut dem Ana onbewosst eng Bréck vun enger an déi aner Sprooch, andeem hien een a béide Sproochen ähnleche Begrëff gebraucht. Déi entspriechend Bezeechnung a lëtzebuergescher Sprooch, „Lämmchen", feelt dem Ana an dem Tomàs an dësem Moment nach; ouni de Réckgrëff op Franséisch an Italienesch wieren hir sproochlech Ausdrocksméiglechkeeten an dëser Situatioun däitlech ageschränkt.

Sech Bedeitungen zesummen erschléissen

D'Ana an den Tomàs erschaffen den Handlungsverlaf vun der Geschicht an d'Bedeitung vun deem, wat si op de Biller gesinn, zesummen. Déi amerikanesch Sproochwëssenschaftlerin Ofelia García beschreift dëse Prozess als „*meaning making*" (García 2009, 2012).

„*Guarda! Kuck! Kuck! D'Schelly wëll sprangen a Waasser.*" D'Ana schléisst aus der Duerstellung am Buch – d'Milli steet op de Steng a kuckt sech am Waasser vum Séi –, datt hatt an d'Waasser wëllt sprangen. Den Tomàs ass anerer Meenung an hie weess dës och ze begrënnen: D'Milli kann nach net schwammen, well hatt nach ze kleng ass, well hatt nach en „agneau" ass. D'Ana gräift d'Iddi vum klenge Schof op a mécht doraus en „agnello". Domat gëtt hatt dem Tomàs implizit Recht: D'Schof ass ze kleng fir an d'Waasser ze sprangen. Op där anerer Säit weess hatt awer och eppes, wat den Tomàs net weess, nämlech datt déi italienesch Bezeechnung fir „klengt Schof" net „agneau" mä „agnello" ass. Andeems hatt dem Tomàs seng Ausso fir sech „verbessert", beweist hatt hei net nëmme säi Sproochwëssen, mä behält an dësem Punkt dat lescht Wuert.

E weidert Beispill fir „*meaning making*" ass d'Diskussioun iwwert d'*Matière première* vum Benji sengem Pullover. De Begrëff „Woll" ass deenen zwee Kanner net geleefeg. Dofir probéiere si sech dësen iwwert seng Bedeitung zesummen z'erschléissen. Dës Kéier gräife si net op aner Sproochen zeréck, mä bleiwe beim Lëtzebuergeschen. Den Tomàs weess, ouni de Begrëff ze kennen, firwat Woll gebraucht gëtt; d'Ana méiglecherweis nach net. Dem Tomàs säi Konsensvirschlag – d'Milli huet och e Pullover, esou wéi de Benji – schéngt fir d'Ana awer duerchaus Sënn ze maachen an domat hu si zesummen de Begrëff „Woll" ëmschriwwen.

Dëst Beispill steet exemplaresch fir e sëllege Situatiounen am méisproochege Schoulalldag vum éischte Cycle. Wa méisproocheg Kanner matenee kommunizéieren, setze si hir Sprooche flexibel an,

jee nodeem, wou si sinn, bei wiem si sinn an ëm wat et geet (cf. 2.1.1, S. 6). Dobäi gräife si op hire gesamte sproochlechen an net sproochleche Repertoire zeréck, wiesselen tëschent de Sproochen, wann d'Situatioun et erfuerdert, an huelen d'Aen, d'Hänn an d'Féiss dobäi, wann déi mëndlech Sprooch eleng net méi duergeet.

D'Ana an den Tomàs benotzen hir Éischtsproochen als „kognitiivt Handwierksgeschir"(cf. Feilke 2012, S. 5; cf. 4.3.2, S. 20): „if prior knowledge is encoded in students' L1, then the engagement of prior knowledge is inevitably mediated through L1" (Cummins 2007, S. 232, zitéiert aus Somers et al. 2013, S. 89). Si bréngen domat hiert Wëssen iwwert d'Welt an hir Erfarungen, déi si zum Deel virun an ausserhalb vun hirer Schoulzäit gemaach hunn, grad ewéi d'Sprooch/d'Sproochen, an där/an deene si hir Gedanke scho virun hirer Zäit am éischte Cycle konnten ausdrécken, aktiv mat eran, fir nei Sproochen ze léieren, sech neit Wëssen unzëeegnen asw. D'Abezéie vun den Éischtsproochen huet erwisenermoosse positiv Auswierkungen op d'Léiere vun enger neier Sprooch: „The L1 is not only a valuable resource in learning content, where it can be used to activate prior knowledge, but also for learning the language necessary to express the content." (Somers et al. 2013, S. 90)

D'Sproochgewunnechten an d'Sproochpraxis vun de Kanner an de Bléck huelen

Aus all dësen Iwwerleeungen an Erkenntnisser geet däitlech ervir, datt et net nëmmen drëm goen däerf, wéi eng Sproochen d'Kanner schwätzen, mä och wéi si dës Sprooche gebrauchen. Op dës Manéier fannen niewent de Sprooche selwer och de Kanner hir Sproochgewunnechten an hir Sproochpraxis an der Schoul Beuechtung (cf. García/Wei 2014). Wann d'Sproochen an d'Sproochgewunnechte vun de Kanner an de Bléck geholl ginn, geet dat op kee Fall op Käschte vun de Schoulsproochen. Am Géigendeel: D'Wichtegkeet vum Lëtzebuergeschen als gemeinsamt Verstännegungsmëttel an engem sproochlech esou diverse Kontext läit op der Hand. Lëtzebuergesch ass déi wichtegst Sprooch am éischte Cycle (cf. 4.2.2, S. 10); Franséisch kënnt als zweet Schoulsprooch dobäi (cf. 4.2.3, S. 12). Lëtzebuergesch a Franséisch sinn awer net déi zwou eenzeg Sproochen, déi vun de Kanner geschwat a verstane ginn; en exklusive Gebrauch vun de Schoulsprooche géif net nëmmen der Sproochpraxis vu méisproochege Kanner net entspriechen, mä géif och nach hir sproochlech Ausdrocksméiglechkeeten däitlech aschränken.

> **„ (..) if we do not allow students to engage their prior knowledge in their L1, its activation and expression will be limited to the extent that students are able to mediate it through the weaker language of instruction, which will in most cases be partial at best, thereby restricting student's learning experience." (Somers et al. 2013, S. 89)**

Et gëllt, dës Erkenntnisser didaktesch ëmzesetzen an esouwuel d'Sproochen an d'Sproochwësse wéi d'Sproochpraxis vu méisproochege Kanner bewosst a geplangt an de Schoulalldag anzebannen.

Mësche vun de Sproochen a Wiessel tëschent de Sproochen[5]

E Kand, dat op dem Wee vun enger oder méi Sproochen an eng aner oder méi aner Sproochen ass, vermëscht heefeg Elementer aus deene verschiddene Sprooche mateneen.

> Hélène: *„Maman joue mat mech mat Popp."*
>
> Damiano: *„Gi mir mat bicicletta fueren?"*
>
> Paolo: *„Ech ginn zu Portugal."*

Laang Zäit ass d'Mësche vu Sproochen als Zeechen dofir ugesi ginn, datt d'Kanner nach net esou wäit sinn, fir sech kënne „propper" an enger Sprooch auszedrécken. Heibäi gouf iwwersinn, datt Sproochmëschungen Deel vun der Sproochentwécklung vun engem méisproochege Kand sinn (cf. 3.3, S. 55). Als dat sollte si och am Schoulkontext ugesinn a behandelt ginn. Wann net als éischt dorop gekuckt gëtt, wéi hatt eppes seet, huet e Kand méi Zäit, fir sech dorop ze konzentréieren, wat hatt wëllt soen. Sproochmëschungen, virun allem dann, wa si genotzt ginn, fir nach net bekannte Begrëfflechkeeten an där neier Sprooch z'ersetzen, si kee Selbstzweck an och kee sproochlecht Zil u sech. Si si villméi eng temporär Hëllefstellung fir d'Kand, fir kënnen dat auszedrécken, wat hatt wëllt, mat deene sproochleche Méiglechkeeten, déi hatt huet. Dat mécht si och zu enger wichteger Etapp op dem Wee an eng nei Sprooch, an dësem Fall déi lëtzebuergesch an/oder déi franséisch Sprooch (cf. Somers et al. 2013, S. 91). No an no gëtt dëst sproochlecht Gerüst ofgebaut; wat d'Kand méi an déi nei Sprooch(en) erakënnt, wat hatt dës Stäip manner brauch.

[5] An der Wëssenschaft grad ewéi an der Fachliteratur gëtt heefeg de Begrëff „*code-switching*" gebraucht, fir Sproochkontaktphänomener ze beschreiwen. Verschidden Experte schwätzen doniewent vum „*code-mixing*", dem Mësche vu Sproochen, als Ofgrenzung zum „*code-switching*", dem Wiessel tëschent de Sproochen. Well dës Ënnerscheedung net duerchgängeg ass an d'Grenzen tëschent de Begrëffer dacks fléissend sinn, gëtt an dësem Text op dës Begrëfflechkeete verzicht an allgemeng vu Sproochmëschungen a Wiessel tëschent de Sprooche geschwat. Eng Definitioun zu béide Begrëffer fënnt sech op dem Internetsite vum nifbe (Niedersächsisches Institut für frühkindliche Bildung und Entwicklung) ënnert dem Link: https://www.nifbe.de/images/nifbe/Aktuelles_Global/2016/glossaronline.pdf (01.08.2018)

Méisproocheg Mënsche kënnen awer och ganz bewosst tëschent de Sproochen hin- an hierwiesselen. Am Beispill uewe gebrauchen d'Ana an den Tomàs bewosst déi franséisch oder déi italienesch Sprooch, wa si hire Wierder méi Gewiicht wëlle ginn („*Mais oui …*"; „*Guarda!*"; „*Ma no!*" asw.). Dëst ass laang Zäit als Zeechen dofir gesi ginn, datt d'Kanner verschidde Sproochen nach net konsequent vunenaner trenne kënnen. Dat Argument ass haut net méi haltbar (cf. ënnert anerem Tracy 2008, Rothweiler/Ruberg 2011), well wëssenschaftlech beluecht ass, datt Kanner scho ganz fréi tëschent deene verschiddene Sproochen ënnerscheede kënnen. Wa méisproocheg Kanner sech zesumme Bedeitungen erschléissen, mat anere sproochlech verhandelen oder eppes beschreiwen, wiessele si och alt emol tëschent de Sproochen: Well dat, wat si wëlle soen, sech an enger anerer Sprooch besser soe léisst; well et sech méi schéin an enger anerer Sprooch unhéiert; well si de Sujet méi mat dëser wéi mat enger anerer Sprooch a Verbindung bréngen (cf. Kontextgebonnenheet vum Wuertschaz, 2.1.3, S. 9); well et hinnen esou besser geléngt, eng aner Perspektiv anzehuelen (beispillweis schwätzt d'Vendeuse am Buttek Franséisch an dowéinst iwwerhélt d'Kand, dat d'Vendeuse am Spillbuttek spillt, dës Sprooch). De Wiessel tëschent de Sprooche geschitt net ëmmer bewosst. E gëllt op semanteschem, awer och op grammateschem Niveau: D'Kanner gi sech déi Strukturen, déi si nach net hunn, an eng aner Sprooch léinen.

> **„Die Übertragung grammatischer Strukturen aus einer Sprache A in Sprache B dient somit als ‚struktureller Steigbügel' für den Erwerb grammatischer Strukturen in Sprache B und kann den Erwerb bestimmter Strukturen begünstigen." (Rothweiler/Ruberg 2011, S. 16)**

D'Kanner kënnen awer och d'Sprooche wiesselen, fir sech vun deenen aneren ofzegrenzen, fir ënnert sech ze sinn: Heefeg kënnt dëst funktional-pragmatescht Sproochverhalen a Situatioune vir, an deenen d'Kanner intensiv matenee kommunizéieren an interagéieren, wéi beispillsweis am Fräispill. A béide Fäll ass dëst bewosst Hin- an Hiersprangen tëschent de Sproochen en Zeeche vu „kommunikativer Kompetenz" (ibid., S. 15).

Wärend dem Fräispill wëllen den Nicolas an de Yannick d'Bedeelegung un dem Rollespill iwwert d'Sprooch reegelen: *„Dir musst Deutsch schwätzen."*

De Wiessel tëschent de Sproochen ass iwwregens e feste Bestanddeel an der Kommunikatioun vu Mënschen, déi an engem méisproochege wéi dem lëtzebuergesche Kontext grouss ginn. Dëse Recueil ass dat beschte Beispill dofir: Zitater a verschiddene Sproochen duerchzéien dee lëtzebuergeschen

Textkorpus. Well si déi verschidde Sachverhalter präzis op de Punkt bréngen a well d'Lieser an d'Lieserinne vum Text déi verschidde Sprooche verstinn, eriwwregt sech hei eng Iwwersetzung.

7.3.2 Méisproocheg Strategien a Methoden als didaktesch Konsequenz

Bewosst Wiessel tëschent de Sproochen

Méisproocheg Strategien an Methode sinn e wichtege Bestanddeel vun engem Konzept vu sproochlecher Bildung am éischte Cycle. An engem rezente Wierk encouragéiert de Sproochwëssenschaftler Jim Cummins, deen international als ee vun de renomméiertsten Experten op dem Gebitt vun der Méisproochegkeet gëllt, Fachkräften dozou, nei Weeër ze goen:

> **„(…) there is overwhelming research evidence that languages interact in dynamic ways in the learning process and that literacy-related skills transfer across languages as learning progresses. When we free ourselves from monolingual instructional assumptions, a wide variety of opportunities emerge for developing students' L1 and L2 proficiencies by means of bilingual/multilingual instructional strategies that acknowledge the reality of, and strongly promote, cross-language transfer." (Cummins 2016)**

Méisproocheg Strategien a Methoden anzesetzen heescht net, zu all Moment an ouni driwwer nozedenken tëschent de Sproochen hin- an hierzesprangen. En onsystematesche Wiessel tëschent de Sproochen ass z'evitéieren. Et geet éischter drëm, fir si bewosst an zilorientéiert anzesetzen a Brécken tëschent de Sproochen ze bauen. Esou kréien d'Kanner d'Méiglechkeet, besser ze verstoen oder iwwerhaapt emol ze verstoen, enger Saach op de Fong ze goen, Gemeinsamkeeten an Ënnerscheeder tëschent de Sproochen z'entdecken asw. Déi Methoden a Strategien, déi hei virgestallt ginn, droen dëse Fuerderungen an Iwwerleeunge Rechnung.

De bewosste Wiessel vu Sproochen ass eng Méiglechkeet, op déi den Erwuessenen am Schoulkontext zeréckgräife kann, fir de Kanner eng Bréck vun där enger an déi aner Sprooch ze bauen, e Sproochverhalen, dat heefeg éischter kritesch gesi gëtt. Dëst ass virun allem dorop zeréckzeféieren, datt déi eesproocheg ausgeriichte Sproochendidaktik laang Zäit dovun ausgaangen ass, datt een eng Sprooch nëmmen dann op engem méiglechst héijen Niveau ka léieren, wann dës méiglechst vill an an alle Schoulsituatioune genotzt gëtt. Datt dësen exklusive Sproochgebrauch op d'Käschte vum Verständnis vun den Inhalter, virun allem an den Net-Sprooche-Fächer, geet, gouf dobäi iwwersinn. Haut gëtt et, wéi uewen ugeschwat, e breede Konsens doriwwer, datt de Réckgréff

op aner Sproochen, fir sech Inhalter an deene verschiddenste Beräicher z'erschléissen, och positiv Auswierkungen op d'Entwécklung vun der Schoulsprooch/de Schoulsproochen huet. Den Ëmgank mat Sproochmëschungen a -wiesselen ass deemno méi pragmatesch ginn, ouni datt en awer dem Zoufall iwwerlooss gëtt. „(...) code-switching by teachers should not be random, but planned in a way that it reinforces content and language learning" (Somers et al. 2013, S. 90). E Beispill heifir ass d'Geschicht vun där klenger Spann, déi an engem zweesproochege Modus erzielt gëtt (cf. 6.2.5, S. 96).

Iwwersetzen

Iwwersetzen tëschent deene verschiddene Sprooche gehéiert zu den natierleche Fäerdegkeete vun engem méisproochege Kand. Hei kënnt de wichtegen Aspekt vum *peer-learning* voll a ganz zum Droen: D'Kanner ginn zu Sproochvirbiller fir aner Kanner a si kënnen hiert Sproochwësse weisen. Virun allem bei deenen Éischtsproochen, déi dem Enseignant/der Enseignante an dem Educateur/der Educatrice net geleefeg sinn, kënne Kanner, déi fir aner Kanner iwwersetzen, eng grouss Stäip sinn.

D'Iwwersetzen tëschent den Éischt- an de Schoulsprooche wierkt sech förderlech op den Erwerb vun der Schoulsprooch/de Schoulsproochen aus: Fir kënnen eng Iddi oder e Sachverhalt z'iwwersetzen, fir déi richteg Wierder ze fannen, muss d'Kand sech inhaltlech domat ausernanergesat hunn. Dat féiert och beim „Iwwersetzer" selwer zu engem verdéifte Verständnis vum Inhalt a vun der Sprooch, an där den Inhalt thematiséiert gëtt.

D'Iwwersetzung ass awer och eng Strategie, op déi déi Erwuessen zeréckgräife kënnen. Och dann, wa si nëmmen e puer Wierder vun dem Kand senger Sprooch kennen, respektiv wa si sech mat anere Supporten, wéi beispillsweis engem Wierderbuch, behëllefen, dréit d'Iwwersetzung dozou bäi, méi wéi nëmme sproochlech Brécken ze schloen. Et geet drëm, fir Verständnis ze sécheren, dem Kand d'Méiglechkeet ze ginn, aktiv ze ginn, eng Bezéiung zu aneren opzebauen, Sécherheet a Vertrauen an déi eege Fäegkeeten ze kréien asw. An et geet drëm, ze weisen, datt sech fir d'Kand an dat, wat hatt matbréngt, intresséiert gëtt. Wat e Kand méi an déi nei Sprooch(en) erakënnt, wat dës Hëllefstellungen ëmmer manner gebraucht ginn.

Ëmgank mat onbekannte Sproochen

Wat kann ech maachen, wann ech dem Kand seng Sprooch net schwätzen an och net verstinn? Dat ass eng Fro, déi sech déi meescht Enseignanten/Enseignanteën an Educateuren/Educatricen am Laf vun hire Joren an der Schoul sécherlech e sëllege Kéiere stellen a gestallt hunn. D'Fro ass méi wéi berechtegt.

- En anert Kand, dat déi selwecht Sprooch schwätzt, kann d'Funktioun vum Iwwersetzer, vum Bréckebauer tëschent de Sproochen, iwwerhuelen. Dës Demarche wierkt sech, wéi uewe beschriwwen, erwisenermoosse positiv op déi sproochlech Entwécklung vum Kand aus. Fir en aneren z'iwwersetzen, setzt viraus, datt d'Kand e Bewosstsinn fir déi verschidde Sproochen an och fir de Sproochgebrauch, also wie wéi eng Sprooch mat wiem schwätzt, entwéckelt huet.
- Den Erwuessene selwer kann awer och zum Bréckebauer tëschent de Sprooche ginn, esouguer an deem Fall, wou hien d'Sprooch vum Kand net schwätzt. De Réckgréff op net-sproochlech Ausdrocksmëttele spillt bei der Sécherung vu Verständnis op béide Säiten eng wichteg Roll: Mat den Aen an den Hänn kann een op dat weisen (e Géigestand, eng Persoun, eng Plaz), iwwert dat ee wëllt schwätzen, a kucken, wéi d'Kand reagéiert, fir sécherzestellen, ob een de Gespréichsgéigestand getraff huet. Doniewent bitt d'Situatioun u sech heefeg eng Rëtsch vun Indicen.
- D'Famill spillt hei eng wichteg Roll: Wichteg Wierder (wéi beispillsweis Bezeechnunge fir Kleeder, Iesswueren an aner Saachen, déi fir d'Kand vu Bedeitung sinn) oder Sätz (wéi beispillsweis „*Geet et dir gutt?*"; „*Soll ech dir hëllefen?*") kënne vun den Elteren oder de Geschwëster iwwersat ginn; d'Kanner brénge Lidder, Geschichten, Spiller, Spillsache vun doheem mat, weisen a beschreiwe si; Familljememberen erziele Geschichten an hirer Sprooch, kache mat de Kanner zesummen, maachen e Spill, bauen eppes zesummen asw. Méiglechkeete gëtt et der deemno vill, fir d'Sproochen an d'Kulture vun de Kanner an d'Schoul eranzebréngen.

D'Taomi, dat eréischt zënter Kuerzem zu Lëtzebuerg an d'Schoul geet an doheem Japanesch schwätzt, moolt mat de grénge Fangerfaarwen op d'Blat.

Hatt seet eppes a japanescher Sprooch zu der Enseignante; déi weist op déi gréng Fläch: „*Dat ass gréng (...) gréng.*" Si hëlt e grénge Stëft: „*Dat ass och gréng.*"

D'Taomi widderhëlt dat, wat hatt virdru gesot huet.

„*Mools du eng Wiss?*" D'Enseignante weist duerch d'Fënster op d'Wiss virun der Dier.

„*Hai!*" D'Taomi wénkt „Jo" mam Kapp an hëlt e giele Stëft. Hatt weist op d'Blat, seet eppes zu der Enseignante a fänkt un ze molen

„*Dat ass giel.*" D'Enseignante weist op d'Faarf. „*Taomi, mools du eng Sonn?*" Si weist an den Himmel. D'Taomi kuckt op, schéngt net ze verstoen. D'Enseignante moolt mam Fanger eng Sonn op d'Blat a widderhëlt hir Fro. D'Taomi rëselt de Kapp: „*Ieee.*" Dat heescht esouvill wéi „*Neen*".

„Mools du eng Blumm?" D'Enseignante weist op d'Blummen op dem faarwege Store virun der Fënster. *„Ieee!"* D'Taomi rëselt erëm de Kapp. Hatt laacht. D'Spill schéngt him ze gefalen. D'Enseignante spillt mat, stellt weider Froen a weist dobäi op déi jeeweileg Géigestänn. All Kéier rëselt d'Taomi de Kapp.

Mëttlerweil huet hatt e giele Krees op d'Blat gemoolt. Hatt weist op dat déckt gielt Schippelchen, dat den Nic haut mat an d'Schoul bruecht huet a laacht.

„Du mools e Schippelchen? Du mools dem Nic säi Schippelchen?"

„Hai, Nic!", seet d'Taomi.

„Hai. Du mools dem Nic säi Schippelchen. Dem Nic säi Schippelche sëtzt op der Wiss."

An dëser Situatioun hëlt d'Enseignante d'Faarwe gréng a giel als Startpunkt, fir an den Austausch mam Taomi ze kommen. Si interpretéiert net all d'Indicen, déi sech hir an dëser Situatioun bidden, direkt richteg an taascht sech duerch Froen erun. Heiraus entwéckelt sech e Froen-Äntwert-Spill tëschent deenen zwee, an deem d'Taomi ëmmer méi d'Initiativ iwwerhëlt. Et ass schlussendlech d'Taomi selwer, dat d'Enseignante op dee richtege Wee brëngt.

Situatioune wéi déi heite gëtt et der eng Onmass am Schoulalldag: E Kand kräischt, well et sech wéi gedoen huet, an den Erwuessene probéiert erauszefannen, wou et wéi deet a wéi et geschitt ass. E Kand beschreift e Bild vun der Geschicht a senge Wierder an den Erwuessenen iwwersetzt op Lëtzebuergesch an/oder Franséisch. An der Paus beklot sech e Kand bei der Educatrice an et gëllt erauszefannen, firwat hatt onzefridden ass.

Net ëmmer kënnt den Erwuessenen unhand vun den Indicen direkt op déi richteg Spur, net ëmmer entwéckelt sech doraus esou eng sproochlech ureegend Situatioun wéi am Beispill uewen, net ëmmer ass d'Iwwersetzung vun deem, wat d'Kand seet, eng Eent-zu-Eent-Iwwersetzung. D'Opmierksamkeet an d'Wäertschätzung, déi dem Kand entgéintbruecht ginn, de Wëllen, dee säin Ëmfeld weist, fir méiglechst gutt ze verstoen, grad ewéi d'Tatsaach, datt een do ass, deen eng Bréck vu senger an d'Sprooch vun der Schoul baut, si wäertvoll a motivéierend Gesten an Handlungen. Si weisen dem Kand, datt hatt an dat, wat hatt mécht a seet, wichteg sinn, datt hatt gesinn, gehéiert a verstane gëtt. Dat gëtt Sécherheet a Vertrauen a mécht Dieren op, fir Neies kennen ze léieren.

7.4 Referenzen

Bibliographie

BARKOWSKI, H.; KRUMM, H.-J. (Hrsg.) (2010): Fachlexikon. Deutsch als Fremd- und Zweitsprache. Tübingen und Basel: A. Francke Verlag.

BODÉ, S. (2004): Phonologesch Bewosstheet am Spillschoulsalter. Lëtzebuerg: Université du Luxembourg.

BEREZNAI, A.; ALBERS, T. (2016): Glossar. Sprachliche Bildung und Förderung. Osnabrück: nifbe (Niedersächsisches Institut für frühkindliche Bildung und Entwicklung). URL: https://www.nifbe.de/images/nifbe/Aktuelles_Global/2016/glossaronline.pdf (1.08.2018).

CUMMINS, J. (2016): Teaching for Transfer in Multilingual School Contexts. Aus: García, O.; LIN, A.; MAY, S. (Hrsg.): Bilingual and Multilingual Education. 1-13. Dordrecht: Springer.

FEILKE, H. (2012): Bildungssprachliche Kompetenzen – fördern und entwickeln. Aus: Praxis Deutsch 233, 4-13.

GARCÍA, O. (2009): Bilingual Education in the 21st Century. A Global Perspective. Malden, MA: Wiley-Blackwell.

GARCÍA, O. (2012): Theorizing translanguaging for educators. Aus: BEREZNAI, A.; ALBERS T. (2016): Glossar Sprachliche Bildung & Förderung. Osnabrück: nifbe (Niedersächsisches Institut für frühkindliche Bildung und Entwicklung).

GARCÍA, O.; WEI, L. (2014): Translanguaging. Language, Bilingualism and Education. New York: Palgrave Macmillan.

INECC – Institut Européen de Chant Choral. Zinglabumm, Band 1., Lëtzebuerg: INECC.

JAMPERT, K. et al. (Hrsg.) (2009): Kinder-Sprache stärken! Aufwachsen mit mehreren Sprachen. Weimar, Berlin: Verlag das netz.

KERSTEN, K. (2012): Prinzipien Bilingualer Kitas (Vortrag auf dem FMKS-Fachtag in Hannover).

KNISTER; TARLET, E. (2009): Die schöne Schelly. Richtenberg: Minedition.

MENJE – Ministère de l'Éducation nationale, de l'Enfance et de la Jeunesse (2016): Sprache und Sprachen in der frühen Kindheit. Konzept früher sprachlicher Bildung im luxemburgischen Kontext. Luxemburg: MENJE. Aus: http://www.men.public.lu/fr/actualites/articles/communiques-conference-presse/2016/03/23-langues-petite-enfance/konzept.pdf (1.08.2018).

MINNE, B.; WESTERDUIN, A. (1998): La princesse de papier. Paris: Éditions Autrement.

NEUGEBAUER, C.; NODARI, C. (2012): Förderung der Schulsprache in allen Fächern. Praxisvorschläge für Schulen in einem mehrsprachigen Umfeld. Kindergarten bis Sekundarstufe I. Luxemburg: MENFP, Bern: Schulverlag plus AG.

NIEBUHR-SIEBERT, S.; BAAKE, H. (2014): Kinder mit Deutsch als Zweitsprache in der Grundschule. Eine Einführung. Stuttgart: Kohlhammer.

ROTHWEILER, M.; RUBERG, T. (2011): Der Erwerb des Deutschen bei Kindern mit nichtdeutscher Erstsprache. Sprachliche und außersprachliche Einflussfaktoren. Weiterbildungsinitiative Frühpädagogische Fachkräfte. München: WiFF Expertisen, Band 12.

SOMERS, T. et al. (2013): Multilingualism as a Resource for Learning and Teaching. Aus: MORYS, N. et al. (Hrsg.): Lernen und Lehren in multilingualen Kontexten. Zum Umgang mit sprachlich-kultureller Diversität im Klassenraum. Frankfurt am Main: Peter Lang Edition, 85-99.

SNJ/MENJE – Service National de la Jeunesse, Ministère de l'Éducation nationale, de l'Enfance et de la Jeunesse, Grand-Duché de Luxembourg (2018): Frühe mehsprachige Bildung. Sammlung der Beiträge der Konferenz zur frühen mehrsprachigen Bildung in der Luxemburger Kindertagesbetreuung. Luxemburg: SNJ/MENJE. Aus: https://www.enfancejeunesse.lu/wp-content/uploads/2018/06/1805080-Brochure-Etudes-et-conferences-education-plurilingue.pdf (1.08.2018).

TRACY, R. (2008): Wie Kinder Sprachen lernen. Und wie wir sie dabei unterstützen können (2. überarbeitete Auflage). Tübingen: Francke.

VYGOTSKIJ, L.-S. (2002): Denken und Sprechen (Original 1934). Weinheim: Beltz.

WEITZ, M. et al. (2010): The Input Quality Observation Scheme (IQOS). The Nature of L2 Input and its Influence on L2 Development in Bilingual Preschools. Aus: KERSTEN, K. et al. (Hrsg.): Bilingual Preschools. Volume I. Learning and development. Trier: Wissenschaftlicher Verlag Trier.

ZELL, K. (2013): Sprachförderung oder alltagsintegrierte Förderung. Aus: Perspektiven. Sprachliche Bildung im Kindergarten. Lebensweltliche Mehrsprachigkeit, 1/2013, 26-29. URL: https://www.wien.gv.at/bildung/kindergarten/pdf/perspektiven.pdf (1.09.2018).

Grafik

Grafik 8: Sproochverhale vu Kanner an Erwuessenen

Layout an Illustratiounen: GAM S.A., Lëtzebuerg
www.gam.lu

LE GOUVERNEMENT
DU GRAND-DUCHÉ DE LUXEMBOURG
Ministère de l'Éducation nationale,
de l'Enfance et de la Jeunesse